duerch eng Rekapitalisatioun vun de Banke Fortis an Dexia, fir d'Zweet bei deem engen, andeem mer en internationale Bankpartner gesicht hunn, a bei där anerer Bank, andeem mer fir d'Interbankgeschäft, fir de Refinanzement um Marché interbancaire, eng Statsgarantie ginn hunn.

Déi Rekapitalisatioun vun deenen zwou Banken, Fortis an Dexia, kascht selbstverständlech Geld. Wann ee Suen an eng Bank eragëtt, da muss een duerfir eppes bezuelen, a mir hunn eis engagéiert bei der Fortis 2,5 Milliarden ze bezuelen a bei der Dexia ronn 0,4 Milliarden. Domadder kritt de Lëtzebuerger Stat natierlech eng Contrepartie. E kritt fir 1,6 Milliarden Aktië vun der BGL-BNP Paribas, a fir dee verbleiwende Montant kritt en Aktië vun der Mammegesellschaft BNP Paribas, a bei der Dexia kréie mer fir déi 0,37 Milliarden Aktië vun der Dexia-BIL hei zu Lëtzebuerg. Et ass eis also drop ukomm, eng Lëtzebuerger Léisung an engem europäesche Kontext ze sichen, dat heescht, d'Sue virun allem do unzeleeën, fir déi Lëtzebuerger Filialen - un deenen esou munch Lëtzebuerger Spuerer hänkt - zolidd finanziell dohinner ze stellen.

Ech hu gesot, wéi ech fir d'éischte Kéier zu deem Dossier Stellung geholl hunn, datt et ganz kloer ass, opgrond vun dem Gesetz iwwert d'Statskontabilitéit, datt den Trésorminister d'Recht huet fir Bons du trésor ze emittéieren, fir déi Zomm do opzehiewen, an och kann iwwert d'Trésorerie an esou engem Fall fräi verfügen. Et ass awer gradesou kloer, datt - wéinst der Ampleur vun där Zomm hei - et normal schéngt, datt een domadder an d'Parlament kënnt. Mir waren duerfir gären an der Regierung d'accord, fir deem Wonsch vun der Chamber nozekommen, fir eis hei d'gesetzlech Zoustëmmung ginn ze loossen. D'Parlament stëmmt de Mëtteg of, fir d'Regierung, en fait fir den Trésorminister ze autoriséieren, dräi Milliarde léinen ze goen.

Ech wëll hei d'Chamber informéieren, datt ech décidéiert hunn, déi Sue wéi folgt opzehiewen: Ech wäert net déi dräi Milliarden an enger éischter Phas ophiewen. En fait hunn ech wëlles, e Statsemprunt vun zwou Milliarden ze maachen. E Statsemprunt, dee fir de Grand public opgemaach gëtt, dat heescht, datt d'Lëtzebuerger kënne mat hiren Erspuernisser sech un dësem Statsemprunt bedeelegen. Ech hätt och gären, datt Coupone gemaach gi vu 5.000 Euro, datt och jiddfereen, dee wëllt, seng Suen do kann uleeën. De Stat bezilt déi also als Obligatiounen zréck. Dëse Statsemprunt vun zwou Milliarden Euro wäerte mer virum Enn vun dësem Joer, dat heescht an deenen nächste Woche lancéieren.

500 Millioune vun deem Emprunt huele mer opgrond vun e puer Autorisatiounen, déi mer vun der Chamber an deene leschte Joren autoriséiert kritt hunn. An deene leschte Joren huet d'Chamber eis oft d'Autorisatioun ginn, Emprunten opzehiewen, mä well ech op eng spuersam Aart a Weis de Budget exekutéiert hunn, a well ech am Fong kee grousse Frënd vu Statsschold sinn, hunn ech déi Autorisatiounen net gebraucht. Duerfir konnt ech déi 500 Milliounen, opgrond vun nach bestehende gesetzlechen Autorisatiounen, schonn ophiewen. Déi 500 Milliounen, déi hu mer elo scho geléint, an déi hu mer fir dës Operatioun och gebraucht.

400 Millioune schliesslech huele mer aus der Statstrésorerie. Mir hunn eng gesond, eng zolidd Statstrésorerie, an dorauser huele mer 400 Milliounen. Dat heescht, datt déi Autorisatioun, déi d'Chamber eis de Mëtteg gëtt, um Niveau vun zwou Milliarde gebraucht gëtt, an eng Milliard hale mer als Reserv - wann ech dat esou däerf nennen -, fir wann aner Operatiounen am Kontext vun der internationaler Finanzkris noutwendeg sinn. Et ass ganz kloer, datt dës Sue fir keen aneren Zweck gebraucht ginn an och net kënne gebraucht ginn, well mir hu jo duerfir ausdrécklech am Projet de loi proposéiert, an d'Chamber schéngt dat jo ze approuvéieren, datt déi Suen eleng kënne gebraucht ginn, fir esou Moossname wéi d'Rekapitalisatioun vu Banken an dësem Kontext ze maachen.

D'Regierung kritt domadder déi noutwendeg Handlungsfäegkeet, fir och an der Zukunft schnell do ze intervenéieren, wou dat noutwendeg ass. Et ass och kloer, datt dës Statsschold keng Statsschold ass wéi déi aner, an dat ass och vun engem vun de Virriedner gesot ginn. Eng normal Statsschold gëtt gebraucht - an der Vergaangenheet zu Lëtzebuerg -, fir Bauprojeten ze finanzéieren; meeschtens limitéiere mer dat op de Fonds du rail an de Fonds des routes. Hei gi keng Projeten domat finanzéiert, hei kafe mer domat Aktien, fir d'éischt Obligatiounen an dann Aktien. Dee Moment, wou de Stat aus deene Banken erausklëmmt, kréie mer déi Sue selbstverständlech erëm, an domadder ass dann och déi Schold an deem Moment rembourséiert.

Et ass also eng atypesch Statsschold, mä et ass eng Statsschold, dat ass ganz kloer. Ech wëll awer preziséieren - well hei gesot ginn ass, datt d'Statsschold no den europäesche Kritäre fir de Moment 7% vum Bruttoinlandsprodukt ass -, datt déi reng Statsschold, dat heescht déi, déi den Zentralstat huet, sech fir de Moment nëmmen op 1,2 Milliarden Euro beleeft. Dat ass also e ganz klenge Montant par rapport zu där Gesamtschold, déi hei mentionnéiert ginn ass. Dat anert, dat ass d'Schold vun de Gemengen, déi mat considéréiert gëtt, wa mer zu deene 7% vum Bruttoinlandsprodukt kommen. D'Statsschold beleeft sech fir de Moment nëmmen op 1,2 Milliarden Euro.

Et kommen also elo zwou Milliarden zousätzlech derbäi, déi an dësem Gesetz de Mëtteg autoriséiert ginn. Domadder komme mer dann op eng Statsschold, déi bei ongeféier 13% vum Bruttoinlandsprodukt läit, erëm eng Kéier d'Gemengeschold derbäi. D'Statsschold selwer ass méi kleng, a wéi gesot, mir wäerten déi rembourséieren an deem Moment, wou mer déi Aktien erëm verkafen. Et kann een haut nach net genee soen, wéini een erausklëmmt, mä et ass kloer d'Intentioun vun der Regierung, an e puer Joer erëm eng Kéier aus deene Banken do erauszeklammen.

Et ass net d'Aufgab vum Stat, bis in alle Ewigkeit an dräi Banken, Dexia, Fortis a Spuerkeess, säi Kapital ze loossen. An der Spuerkees ass dat eng aner Saach, well mer do Grënner an 100% Aktionär sinn. An deenen anere Banken ass dat eng Operatioun, déi mer maachen, fir sécherzestellen, datt déi Banken zolidd sinn, datt d'Vertrauen erëm hiergestallt gëtt, an datt d'Spuerer sécher sinn, datt hir Suen och kënnen ausbezuelt ginn.

Ech wëll nach kuerz ofschléissend soen, datt, wat déi Statsgarantie ubelaangt, déi mer der Dexia gi fir de Refinanzement, dee se muss maachen um Marché interbancaire, mer duerfir fir d'éischte Kéier an der Geschicht op déi extra Dispositioun vun der Verfassung, dat, wat dat fréiert Habilitatiounsgesetz war, zréckgegraff hunn. An enger internationaler Kris a wann eng Urgence ass, da kann d'Regierung opgrond vun där Verfassungsbestëmmung all Moossnamen huelen, déi noutwendeg sinn, y compris déi Moossnamen, déi ofwäiche vu bestehende Gesetzer. Dat hu mer gemaach den 10. Oktober duerch Regierungsbeschloss.

Dee Règlement grand-ducal ass gülteg während dräi Méint, esou wéi d'Verfassung dat virgesäit, an d'Regierung wäert also d'Chamber befaasse virum Enn vum Joer mat engem Projet de loi, deen déi Statsgarantie dann och wäert an eng Gesetzesform ëmwandelen, fir datt déi Statsgarantie och iwwer hir ganz Durée ka weiderlafen.

Déi Operatiounen, déi mer gemaach hunn, gradesou wéi deen Emprunt, deen Dir haut autoriséiert, sinn a bleiwen exceptionnel. Déi Moossnamen, déi mer geholl hunn, ware schwéier Moossnamen, ware grave Moossnamen, an ech kann lech soen, mir sinn eis där grousser Verantwortung bewosst, déi mer bei deenen Entscheedungen an och bei där riseger Zomm vu Suen engagéieren, voll a ganz bewosst. Duerfir muss ech extrem ënnersträichen, wéi dankbar mer si fir déi breet Zoustëmmung, déi mer an deene schwéiere Momenter hei am Parlament fannen.

Et ass en Zeechen, datt d'Lëtzebuerger an déi, déi politesch Responsabilitéit am Land hunn, zesummestinn, wann et schwéier ass. Dat hei ass keng einfach Zäit. Ech si fest dovun iwwerzeegt, datt mer déi Zäit hei iwwerbréckt kréien, datt mer déi richteg Moossname geholl hunn. Mir sinn net um Enn vun enger schwiereger Period, mä mir hunn awer héchstwahrscheinlech dee schwieregste Moment, wat Lëtzebuerg betrëfft, an dëse Wochen erlieft, a mir wäerten dat mat Konsequenz an a voller Transparenz mam Parlament weider exekutéieren.

Duerfir engagéieren ech mech och hei, esou wéi dat gewënscht ginn ass, fir regelméisseg d'Finanzkommissioun vun der Chamber iwwer all weider Schrëtt ze informéieren. Ech mengen, dat ass dat Mannst, wat een an dëse Momenter ka maachen.

Ech soen nach eng Kéier Merci fir déi breet Zoustëmmung, déi dëse Projet hei an der Chamber fënnt.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister Frieden. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vum Projet 5842.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5842 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Projet de loi 5620 iwwert d'duebel Nationalitéit. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Santer, Braz, Henckes a Bodry an déi Damme Flesch an Err. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Laurent Mosar.

7. 5620 - Projet de loi sur la nationalité luxembourgeoise

Rapport de la Commission juridique

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären: «Les hommes ne naissent pas citoyens mais le deviennent.» Mat dësem Saz aus sengem Traité politique huet de Philosoph Spinoza wëllen ënnersträichen, datt kee Mënsch eng Statsbiergerschaft an d'Wéi geluecht kritt, mä datt hie se iwwer Joren opbaue muss.

Dësen Opbau vun enger Statsbiergerschaft ass eminent wichteg, fir d'sozial Kohesioun vun engem Land mëttel- a laangfristeg ze erhalen. Wat d'sozial Kohesioun vun eisem Land betrëfft, ass de Gesetzesprojet iwwert d'lëtzebuergesch Nationalitéit sécherlech dee wichtegste vun dëser gesamter Legislaturperiod.

Mat der Unerkennung vun der duebeler Nationalitéit ginn net nëmmen d'Integratiounseffortë vun eisen auslännesche Matbierger hei zu Lëtzebuerg unerkannt, mä dës auslännesch Matbierger kënnen, wa se dann eis Nationalitéit unhuelen, an Zukunft um aktiven a passive politesche Liewen an eisem Land deelhuelen.

Här President, um Ufank vu menger Interventioun erlaabt mer, fir d'éischt eng allgemeng Observatioun ze maachen, an duerno och nach eng Rei vu Mercië lasszeginn.

D'Regierung huet de Projet de loi iwwert d'Nationalitéit den 13. Oktober 2006 deponéiert. Deem virausgaange si laang Consultatioune mat de Parteien, mä och mat de Forces vives de la nation, déi den zoustännege Justizminister gefouert huet. Déi zoustänneg Kommissioun huet sech während 13 Sitzungen intensiv mat dem Projet auserneegesat an huet en och op enger Rei vun Dispositioune substanziell verännert.

D'Resultat heivun ass en Text, deen zu engem Deel eng méi grouss Ouverture zur lëtzebuergescher Nationalitéit mécht, andeem hien ënner anerem en Element vun Droit du sol an d'Gesetz aschreift.

Mir hunn awer op där anerer Säit och op enger Rei vu Punkten den Text preziséiert, andeem mer zum Beispill e festen Délai vun aacht Méint drageschriwwe respektiv den Niveau vun de Sproochkenntnisser am Text festgeluecht hunn.

Ech mengen also soen ze kënnen, datt de Projet op verschidde wesentleche Punkten eng aner Ausriichtung kritt huet. Erlaabt mer och hei festzestellen, datt ech als Rapporteur mam Ennresultat eigentlech ganz zefridde sinn. De Mérite heivunner huet sécherlech net de Rapporteur, mä all d'Memberen aus der Kommissioun, déi alleguerten ouni Exceptioun op eng äusserst konstruktiv a positiv Manéier matdiskutéiert hunn.

Wa schlussendlech et keng Unanimitéit op dësem Projet gëtt, huet dat haaptsächlech mat zwou Konditiounen ze dinn, nämlech der Residenzdauer an dem lëtzebuergesche Sproochentest, mat deem d'Oppositiounsfraktioune sech net konnten averstanen erklären.

Trotzdeem vun dëser Plaz aus e grousse Merci un all Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun fir hiren Engagement an hir Mataarbecht, awer och fir hir Gedold, déi se mam Rapporteur haten. Och e Merci un de Justizminister, deen d'Aarbechte ganz enk an no matbegleet huet.

A menge Mercië wëll ech awer och ganz besonnesch de Sekretär vun der Kommissioun, den Här Laurent Bech, aschléissen, genausou wéi d'Mataarbechterin aus der CSV-Fraktioun, d'Madame Rangan, déi hei och allen zwee eng virbildlech Aarbecht ofgeliwwert hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass sécherlech eent vun deenen oppenste Länner an der Europäescher Unioun. Dëst ass ganz besonnesch wouer, wat den Aussenhandel an déi auslännesch Investissementer hei zu Land ugeet. Dës exceptionnel Offenheet ass da sécherlech och ee vun de Schlëssele vum wirtschaftlechen Erfolleg vun eisem Land an deene leschte Joren a Jorzéngten.

Eist Land huet an deene leschte Jorzéngten déi duebel Erausfuerderung gemeeschtert, déi doranner besteet, seng Wirtschaft fir auslännesch Investisseuren opzemaachen an op där anerer Säit déi sukzessiv Welle vun Immigratioun an eisem Land ze integréieren.

Ech erënneren un d'50er an d'60er Joren, wou mer vill Immigranten, besonnesch aus Italien, hei op Lëtzebuerg kruten, duerno an de 70er an 80er Jore mat eise portugisesche Frënn, a schlussendlech méi rezent ganz vill Bierger aus dem Balkan an aus Zentraleuropa. D'Integratioun vun all dësen auslännesche Matbierger ass eng Realitéit an eise Betriber an domadder op eisem Aarbechtsmaart.

Och ëmmer méi auslännesch Matbierger spillen eng aktiv Roll am associative Liewen, an duerfir läit et op der Hand, datt mir all dësen auslännesche Matbierger, déi zu engem Deel ganz laang an eisem Land liewen a schaffen an déi reell Integratiounseffortë gemaach hunn, och eng ugemiesse Plaz an eiser Gesellschaft zougestinn.

Allerdéngs, Här President, muss ee wëssen, datt d'gesellschaftlech Struktur an eisem Land sech an deene leschte Jore staark verännert huet an datt mer elo scho méi wéi 40% auslännesch Matbierger hunn, déi an eisem Land liewen. Wann een d'Haaptstad kuckt, gesi mer, datt mer do scho méi wéi 60% vun Netlëtzebuerger hunn. Wann een de Statistike gleewe kann, solle mer spéitstens tëschent 2020 an 2025 den „Break-even-Punkt" dépasséieren, wou hei zu Lëtzebuerg méi Auslänner wäerte liewe wéi Lëtzebuerger.

All eis auslännesch Matbierger ouni Exceptioun droen hiren net onwesentlechen Deel zu der „success story" bäi, déi eis Ekonomie an deene leschte Jore kannt huet.

Op där anerer Säit bréngt dës Situatioun en demokrateschen Defizit an eiser Gesellschaft mat sech, well déi Leit, déi d'Wahlrecht fir d'Chamberwahlen hunn, nëmme méi e begrenzten Deel vun de sougenannte Forces vives vun der Lëtzebuerger Ekonomie representéieren.

Fir dat ze ënnersträichen, wëll ech nach emol op ee Prozentsaz agoen, deen ech aus deem iwwregens exzellenten Avis vun der Chambre de Commerce eraushuelen, nämlech deen, datt mer elo schonn Dräivéierels vun de responsabele Kadere vun eise Betriber hunn, déi Netlëtzebuerger sinn.

Dëse Prozentsaz beweist méi wéi all aner Zuelen, datt mer hei e gewëssenen Déca-

lage hunn tëschent deem groussen Undeel, deen eis auslännesch Matbierger un eiser gudder wirtschaftlecher Situatioun hunn, an op där anerer Säit hirer politescher Sousreprésentatioun. Dëst ka mëttel- a laangfristeg zu enger ongesonder Situatioun féieren, well déi kollektiv Choixen, déi vun der Politik musse gemaach a gedroe ginn, riskéieren, net genügend de Suergen an den Erausfuerderunge vun enger Wirtschaft Rechnung ze droen, déi sech ëmmer méi muss mat der internationaler Konkurrenz dobausse moossen. Dës Realitéit wäert sécherlech duerch déi aktuell Kris op den internationale Finanzmäert nach verschäerft ginn.

Dëst huet och scho viru ganz ville Joren ee vun de Virgänger, de Léon Blum, den 11. Mee 1939 an enger bemierkenswäerter Interventioun an der Chamber ënnerstrach, andeem hie gesot huet - ech zitéieren -: «L'État a intérêt à accroître le plus possible le nombre de ses nationaux en assimilant tous ceux qui naissent sur son territoire afin d'empêcher la constitution de colonies d'étrangers dans notre pays.»

Här President, d'duebel Nationalitéit kann hei sécherlech en Hiewel sinn, deen zumindest deelweis Äntwerten op dësen demokrateschen Defizit an eisem Land ka ginn. Sécherlech, an dat ass jiddfereen heibanne sech bewosst, wäert et eleng mat dësem Gesetz net duergoen, fir eng méi grouss Implikatioun vun eisen auslännesche Matbierger an de Fonctionnement vun eisen Institutiounen ze kréien; nach schéngt et mer awer e ganz wichtegen éischte Schrëtt an déi richteg Richtung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee vun Nationalitéit schwätzt, kënnt een net derlaanscht sech och ze hannerfroen, wat u sech eng Natioun duerstellt. Déi ënner lech, déi sech méi mat philosophesche Froe beschäftegen, wëssen, datt et a sech zwou Conceptioune vun der Natioun gëtt: déi méi traditionell oder romantesch Conceptioun vun der Natioun, déi sech haaptsächlech iwwert d'Sprooch an iwwer gemeinsam Wuerzelen definéiert; an dann op där anerer Säit déi modern Conceptioun, déi sech iwwert de Wëllen definéiert zesummen ze liewen.

Erlaabt mer vläicht heizou de franséische Philosoph Ernest Renan ze zitéieren, deen - ech hunn hien och e puermol a mengem schrëftleche Rapport zitéiert - heizou Folgendes seet: «Une nation est une âme, un principe spirituel. Deux choses (…) constituent cette âme (…). L'une est la possession en commun d'un riche leg de souvenirs; l'autre est le consentement actuel, le désir (…) ensemble (…); avoir fait de grandes choses ensemble, vouloir en faire encore, voilà les conditions essentielles pour être un peuple.»

Mat deem Projet, dee mer haut diskutéieren, fanne mer eis erëm op enger Kräizung tëschent deenen zwou Conceptiounen, vun deene mer eng Rei vun Elementer am Gesetzesprojet erëmfannen: op där enger Säit déi méi romantesch Conceptioun iwwer eis lëtzebuergesch Sprooch; op där anerer Säit awer och déi modern Conceptioun, an där mer d'lëtzebuergesch Nationalitéit méi wäit opmaache fir all déi auslännesch Matbierger, déi wëllen zu eiser Natioun gehéieren.

Ech fannen dofir, datt dëse Projet a sech eng gesond Mëschung vun dësen zwou Conceptiounen duerstellt, och wann net jiddfereen heibanne sécherlech 100%eg mam Resultat zefridden ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann domadder op déi wesentlech Dispositioune vum Projet anzegoen. Ech wäert dat op eng relativ kuerz Manéier maachen. Fir den Detail verweisen ech lech alleguerten op mäi schrëftleche Rapport.

Wat sinn elo déi grouss Neierungen, déi dëst Gesetz mat sech brëngt par rapport zur bestehender Législatioun?

Fir d'alleréischt, an dat ass wahrscheinlech eent vun deene wichtegsten Elementer, brauch also an Zukunft kee Bierger, deen d'lëtzebuergesch Nationalitéit wëllt unhuelen, op seng eegen Nationalitéit ze verzichten. Dat ass sécherlech eng, wann net déi wesentlech, Innovatioun vun dësem Projet de loi.

Heizou wëll ech betounen, datt déi sougenannten „duebel Nationalitéit", déi eigentlech eng multipel Nationalitéit ka sinn, sech net an der Législatioun vun allen anere Länner an där Form erëmfënnt. Esou gesinn ongeféier d'Halschent vun de Memberlänner vun der Europäescher Unioun d'Méiglechkeet vun enger sougenannter duebeler Nationalitéit vir; dat heescht, déi aner Halschent leider net.

Wa mir also elo de Mëtteg dëst Gesetz stëmmen, heescht dat domadder net automatesch, datt jiddfereen niewent der lëtzebuergescher Nationalitéit och nach kann eng oder méi aner Nationalitéiten hunn. Dat hänkt nämlech in fine och dovunner of, wat d'Législatioun vun deem Land virgesäit, vun deem een déi aner Nationalitéit huet.

Allerdéngs, an dat ass dann eigentlech äusserst positiv, stellt een eng Tendenz an der Europäescher Unioun zumindest fest, datt ëmmer méi Länner a Richtung vun esou enger duebeler Nationalitéit ginn; wann ech d'Beispill vun der Belsch huelen, déi am Abrëll vun dësem Joer och hir Législatioun fir d'duebel Nationalitéit opgemaach huet.

Déi zweet grouss Neierung ass, datt an Zukunft d'Nationalitéit net méi vun der Chamber accordéiert gëtt - dat hu mer virdrun nach eng Kéier duerch eisen zweete Vote constitutionnel confirméiert -, mä an Zukunft vum Justizminister accordéiert gëtt, mat der Konsequenz, datt d'Naturalisatioun kee Gesetz méi wäert sinn, mä just nach en administrativen Akt, géint dee jiddfer Bierger virun den administrative Geriichtsbarkeete ka kloen.

An deem Kontext wëll ech betounen, datt am ursprünglechen Text déi zivil Juridictioune sollten d'Kompetenz kréien, fir iwwer Recoursë géint d'Décisioune vum Justizminister ze statuéieren. Mir sinn allerdéngs an der zoustänneger Kommissioun zur Iwwerzeegung komm, datt et méi logesch wär, et géif een den administrative Geriichtsbarkeeten d'Kompetenz, fir iwwer déi Recoursen ze statuéieren.

Betoune wéilt ech allerdéngs, datt, wéi dat am Nationalitéitegesetz festgeschriwwe war, et nach ëmmer fir d'Chamber och an Zukunft wäert méiglech sinn, an exceptionnellen Ëmstänn enger auslännescher Matbiergerin oder Matbierger d'Nationalitéit iwwert de Wee vun engem Gesetz ze attribuéieren.

Déi drëtt grouss Neierung, Här President, ass, datt an Zukunft och all déi fréier Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger, déi an engem gewëssene Moment hir lëtzebuergesch Nationalitéit hu missen opginn, fir eng aner Nationalitéit kënnen unzefroen, dës erëm kënnen duerch eng einfach Deklaratioun beim Officier de l'État civil erëmkréie vun der Gemeng vun hirer leschter Residenz.

Derbäi kënnt, datt och an Zukunft lëtzebuergesch Statsbierger niewent hirer Lëtzebuerger Nationalitéit och kënnen eng aner Nationalitéit unhuelen, ënnert der Bedéngung ëmmer erëm, datt d'Législatioun vun deem Land dat och erlaabt, an datt si heifir natierlech och d'Konditiounen erfëllen.

Déi véiert grouss Neierung ass, datt op Initiativ vun der zoustänneger Kommissioun en Element vun Droit du sol an d'Gesetz ageschriwwe ginn ass. Dozou wëll ech vermierken, datt mir hei zu Lëtzebuerg bis elo ëmmer an eise successive Gesetzestexter den Droit du sang, oder nach op Latäin ausgedréckt den „Jus sanguinis", als Fundament vun eiser Nationalitéit considéréiert hunn.

An Zukunft wäert et esou sinn, datt d'Kanner, vun deenen een Elterendeel hei zu Lëtzebuerg gebuer ass, automatesch an de Genoss vun der lëtzebuergescher Nationalitéit kommen. Dëst ass eng Ouverture par rapport zum Droit du sol an Direktioun vun der zweeter respektiv drëtter Generatioun vun auslännesche Bierger, déi an eist Land komm sinn.

Déi fënneft Neierung, déi och op d'Bestriewe vun der Kommissioun an d'Gesetz ageschriwwe ginn ass, ass d'Klausel, datt déi auslännesch Matbierger, déi virun 1984 an eist Land komm sinn, net brauchen d'Konditioune vum Sproochentest respektiv vun de Cours d'instruction civique ze erfëllen; op déi ech nach méi spéit ze schwätze kommen.

Dëst schéngt mer eng mënschlech räsonnabel Ausnahmebestëmmung zu deenen allgemeng gültege Regelen ze sinn. Dës Leit sinn an de 70er an an den 80er Joren an eist Land komm, well mer se gebraucht hunn, fir a verschiddene Beräicher a ganz besonnesch am Bau ze schaffen. Dës Leit sinn total bei eis integréiert an hunn och schonn oft Kanner, déi d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn. Vill vun deene Leit haten einfach keng Méiglechkeet, an deene Joren d'lëtzebuergesch Sprooch ze léieren, well et och deemools quasiment nach keen Ugebuet vu lëtzebuergesche Sproochecoursë ginn ass.

Ech mengen duerfir, datt et wichteg ass, datt mer esou eng Ausnahmeregelung fir déi Leit an d'Gesetz ageschriwwen hunn. Domadder erliichtere mer dëse Mënschen d'Kréie vun der lëtzebuergescher Nationalitéit, ouni datt mer hinnen nach virschreiwen, d'lëtzebuergesch Sprooch ze léiere respektiv déi Cours d'instruction civique ze suivéieren.

Dëst ass sécherlech, Dir Dammen an Dir Hären, dann och eng Unerkennung fir hire wesentleche Bäitrag zur Prosperitéit vun eiser Wirtschaft an domadder eisem Land, zu där si an de leschte Jorzéngten a Joren och bäigedroen hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann elo kuerz op déi wichtegst nei Konditiounen anzegoen, déi de Projet vun deene Leit fuerdert, déi an Zukunft wëllen eis Nationalitéit unhuelen.

Eng éischt Konditioun ass déi vun der Honorabilitéit. Do wëll ech nach just eng Kéier drop hiweisen, datt déi zoustänneg Kommissioun d'Prisongsstrof, déi ursprénglech op zwee Joer festgeluecht war, op ee Joer erofgesat huet, well mer an der Kommissioun der Meenung waren, datt en Nationalitéitegesetz jo eigentlech net do wier fir Leit, déi op eng grave Manéier géint d'Strofgesetzer verstouss hätten, och nach eis Nationalitéit ze ginn. Betoune wéilt ech, datt et egal ass, ob déi Prisongsstrof hei zu Lëtzebuerg oder am Ausland prononcéiert ginn ass; allerdéngs dierf se net méi wéi 15 Joer zréckleien, soss gëtt se net méi a Betruecht gezunn.

Zweet Konditioun ass déi vun der Residenzdauer vu siwe Joer, déi par rapport zum aktuelle Gesetz vu fënnef op siwen eropgesat gëtt. Dëst ass ee vun deene Punkten, wou mer an der Kommissioun déi längsten a schwieregsten Diskussiounen haten.

Ech wëll elo net méi am Detail op déi Diskussiounen agoen, mä mech drop beschränke fir nach eng Kéier ze ënnersträichen, datt der Meenung no vun der Majoritéit vun der Kommissioun dës Residenzdauer vu siwe Joer absolut akzeptabel schéngt, well ee se nämlech muss och gesinn a Relatioun mat deem Délai vun aacht Méint, dee mir am Projet festgeschriwwen hunn, an deem den zoustännege Justizminister muss an Zukunft seng Décisiounen huelen.

Wann een also elo, Dir Dammen an Dir Hären, déi fënnef Joer an d'Dauer vun der Prozedur, déi sech oft tëschent zwee an dräi Joer erausgezunn huet - a mir haten de Moien nach e Beispill an der Commission juridique vun enger Prozedur, déi néng Joer gedauert huet -, wann een also alles dat zesummenzielt, da kënnt een och elo op eng Dauer vu mindestens siwe bis aacht Joer. Elo mat där neier Prozedur vun aacht Méint an enger Residenzdauer vu siwe Joer gesäit een also, datt et zumindest zu kenger Verschlechterung par rapport zu der aktueller Situatioun fir zukünfteg Demandeure fir d'lëtzebuergesch Nationalitéit kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déiselwecht schwiereg Diskussiounen hate mer och wat d'lëtzebuergesch Sproocheklausel betrëfft. Hei wëll ech fir d'alleréischt nach eng Kéier ënnersträichen, datt dës Sproocheklausel jo schonn am Gesetz vum 24. Juli 2001 ageschriwwe gi war, andeem dëst Gesetz verlaangt, datt jiddfereen, dee wëllt Lëtzebuerger ginn, e Minimum vun aktiven a passive Sproochkenntnisser an eiser Mammesprooch muss hunn.

Bis elo ass et allerdéngs esou gewiescht, datt een dës Sproochkenntnisser konnt duerch all méiglech Dokumenter a Certificaten noweisen. Dës Dispositioun huet sech awer an der Praxis als net ëmmer esou einfach duerchzéibar erausgestallt, dëst ëmsou méi, well et a sech jo d'Police war, déi bis elo déi Sproochkenntnisser huet misse kontrolléieren.

Am neie Gesetz gëtt elo just nach e Sproochentest virgesinn, dee vum Centre de Langues soll organiséiert ginn a wou och déi zoustänneg Kommissioun de Wonsch hat, datt de Centre de Langues déi Tester net nëmmen hei an der Stad, mä iwwert d'ganzt Land an Zukunft organiséiert.

D'Kommissioun huet och, nodeem de Statsrot hei eng Opposition formelle soulevéiert hat, de Kompetenzniveau vun der lëtzebuergescher Sprooch an de Gesetzestext ageschriwwen; den A2 fir d'Schwätzen an de B1 fir d'Verstoe vun eiser Mammesprooch.

Dësen Niveau ass esou fixéiert ginn, datt an Zukunft jiddfereen, dee wëllt d'lëtzebuergesch Nationalitéit kréien, esou vill Lëtzebuergesch versteet a schwätzt, datt en zum Beispill d'Neiegkeeten um Radio oder op der Télee kann novollzéien, respektiv e ganz normaalt Gespréich mat senge Bekannten an Nopere ka féieren.

Betoune wëll ech nach eng Kéier, datt et hei just ëm d'Verstoen an d'Schwätze vun eiser Sprooch an net ëm hiert Schreiwe geet. Et schéngt mer nämlech eng vun deenen normaalste Saachen ze sinn, datt, wann een d'Nationalitéit vun engem Land wëllt unhuelen, een och e Minimum vu Kenntnisser vun där Sprooch vun deem Land huet. Dëst ass praktesch, Dir Dammen an Dir Hären, op der ganzer Welt esou, an et wär net novollzéibar, firwat datt dat bei eis hei zu Lëtzebuerg net esou sollt sinn.

Erlaabt mer vläicht an deem Zesummenhang - Dir gesitt, ech sinn de Mëtteg an engem grousse philosopheschen Denkprozess - ee vun deene grousse Philosophen ze zitéieren, nämlech den Immanuel Kant, deen emol eng Kéier gesot huet: „Kein größerer Schaden kann einer Nation zugefügt werden, als wenn man ihr den Nationalcharakter, die eigene Sprache nimmt."

Bei eis kënnt jo dann och nach derbäi, datt mer net nëmmen e Wahlrecht, mä och eng Wahlflicht hunn, esou datt déi zukünfteg Lëtzebuerger musse sech an Zukunft un de Chamberwahle bedeelegen. Ouni déi geréngste Kenntnisser an der lëtzebuergescher Sprooch kann ech mer mam beschte Wëllen net virstellen, wéi een iergendwéi eppes vun der Wahlcampagne wëllt matkréien, well wéi Dir alleguerte wësst, gëtt dës Wahlcampagne jo zu engem ganz groussen, wann net exklusiven Deel a lëtzebuergescher Sprooch gefouert.

Ech wëll och nach derbäifügen, datt d'Léiere vun der lëtzebuergescher Sprooch erliichtert gëtt doduerch, datt den Aarbechtsminister eis an deenen nächste Woche wäert mat engem Projet de loi iwwer e Congé linguistique befaassen, wat dann och all deene Leit erméiglecht, déi dorunner interesséiert sinn, eis Sprooch ze léieren, ouni dofir nach mussen dat owes no engem laangen Aarbechtsdag ze maachen.

Wa meng Informatioune richteg sinn, schéngt et och esou ze sinn, datt, nodeem de Projet de loi hei déposéiert ginn ass, an deem dës Sproocheregelung virgesinn ass, d'Demande fir Lëtzebuergesch-Coursen enorm an d'Luucht gaangen ass, esou datt also och dëst Gesetz en Incitatif duerstellt fir Lëtzebuergesch ze léieren.

Schlussendlech wëll ech zu dësem Punkt och nach eng Kéier ënnersträichen, datt mer par rapport zu allen aneren européischen oder och anere Länner näischt Extraordinäres vun de Kandidate fir d'lëtzebuergesch Nationalitéit verlaangen, wëssend, datt elo schonn ëmmer méi Länner Sproochekenntnisser fuerderen, nëmme fir an de Besëtz vun enger Openthaltsgenehmegung ze kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng aner Neierung vun dësem Projet ass, datt déi Kandidaten, déi eis Nationalitéit wëlle kréien, an Zukunft musse mindestens dräi Coursë vun der Instruction civique beleeën, wou et drëm geet, se mat eisen Institutiounen ze familiariséieren.

Betoune wéilt ech hei och, datt, obwuel d'Participatioun un deene Coursen obligatoresch ass, se awer net duerch en Exame wäerte bewäert ginn.

Da wëll ech awer och nach op zwee Punkten ze schwätze kommen, déi sech och op Initiativ vun der zoustänneger Kommissioun am Gesetzestext erëmfannen. Dat ass op där enger Säit dat Element vun „Jus soli", vun deem ech och scho virdru geschwat hunn, wou also an Zukunft all Kand, wat hei zu Lëtzebuerg gebuere gëtt, vun engem Elterendeel, dee selwer hei an eisem Land op d'Welt komm ass, automatesch an Zukunft déi lëtzebuergesch Nationalitéit kritt.

Mat dëser Dispositioun erliichtere mer den Zougank zu der lëtzebuergescher Nationalitéit, besonnesch der zweeter an der drëtter Generatioun vun eisen auslännesche Frënn.

Dësen Amendement ass staark vum Statsrot begréisst ginn, an ech sinn och perséinlech dervun iwwerzeegt, datt dës Ouverture zum Droit du sol de Realitéiten an eisem Land ganz besonnesch Rechnung dréit.

En anere wichtege Punkt, deen och zum Schluss nach an de Gesetzesprojet drakomm ass, ass dee vun deenen auslännesche Matbierger, déi an eist Land virun 1984 komm sinn. Dës Leit brauche weder de Sproochentest ofzeleeën nach d'Cours d'instruction civique ze suivéieren; an och dës Ausnahmeregelung schéngt mer eng vum gesonde Mënscheverstand ze sinn.

Hei geet et nämlech zu engem gréissten Deel ëm auslännesch Bierger, déi an de 70er, 80er Joren an eist Land komm sinn an déi deemools d'Méiglechkeet net haten, d'lëtzebuergesch Sprooch ze léieren. Ech

mengen iwwregens och, datt dës Ausnahmeregelung sech justifiéiert, well jo eigentlech eis lëtzebuergesch Sprooch eréischt 1984 de Statut vun der Nationalsprooch kritt huet, wat se bis zu deem Zäitpunkt net hat.

Derbäi kënnt, datt deemools quasi keng oder nëmmen eng ganz kleng Offer vu lëtzebuergesche Coursen existéiert huet, esou datt déi Leit, wéi ech och scho virdrun ënnerstrach hunn, eigentlech ni d'Geleeënheet haten, eis Sprooch ze léieren. Haut sinn déi allermeescht vun dëse Leit total an eisem Land integréiert, hunn oft scho Kanner, déi eis Nationalitéit hunn, a mir sinn also gutt beroden, dëse Leit net méi onbedéngt elo nach e Sproochentest respektiv Cours d'instruction civique opzeerleeën.

Ofschléissend zu de Konditioune wëll ech ënnersträichen, datt d'Sproochentester wéi och d'Civiquescoursen net mussen erfëllt gi vun deene Kandidaten, déi mindestens siwe Joer an enger vum Ministère unerkanntener Schoul hei am Land verbruecht hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann awer och nach e puer Wuert iwwert d'Iwwergangsbestëmmunge vun dësem Gesetzesprojet ze verléieren. Och op dësem Punkt hate mer länger Diskussiounen, éier mer eigentlech eng ganz zefridde stellend Léisung fonnt hunn.

An Zukunft wäert et also esou sinn, datt all déi Leit, déi elo nach eng Demande unhängeg hunn, och d'Recht hunn, datt dës Demande zu engem Ofschloss kënnt. Allerdéngs no de Regele vun der neier Prozedur, wéi mer se elo am Text festleeën, dat heescht eng administrativ Prozedur beim Justizminister, fir déi allerdéngs den Délai vun aacht Méint net spillt, a mat de Konditiounen, wéi se am ale Gesetzestext virgesi waren.

Am Kloertext heescht dat, datt all déi Bierger, déi opgrond vun deem ale Gesetz hir Nationalitéit vum Justizminister kréien, dës net als duebel Nationalitéit unerkannt kréien, well jo eng vun deene Konditioune vum ale Gesetz eben déi war, datt se op hir aner Nationalitéit oder Nationalitéiten hu misse verzichten. Dës Leit hunn allerdéngs dann d'Méiglechkeet, zu engem spéideren Zäitpunkt erëm hir viregt Nationalitéit kënnen zréckzefroen.

Betoune wëll ech och nach eng Kéier hei, datt all déi Bierger awer och d'Méiglechkeet hunn, op hir Demande ze verzichten an direkt am Ufank vum Mount Januar, wann dëst Gesetz hoffentlech a Kraaft trëtt, eng nei Demande bei der Gemeng eranzeginn, déi dann och op der Basis vun deenen neie Konditiounen appréciéiert gëtt an déi natierlech dann och d'Méiglechkeet vun enger duebler Nationalitéit opmécht. Ech mengen, datt mat dëser Iwwergangsléisung jiddfer auslännesche Bierger ka liewen, well hie jo de Choix behält, ënnert deem ale Gesetz virunzefueren oder awer eng nei Demande ënnert deem neie Gesetz ze stellen.

Schlussendlech wëll ech dann nach op ee Punkt agoen, deen eis och vill a laang beschäftegt huet, an dat ass dee wat d'Akraafttriede vum Gesetz ugeet. Och hei huet de Statsrot a senge successiven Avisen drop higewisen, datt ee misst évitéieren, datt et eng Iwwergangszäit géif ginn, wou kee Gesetz méi kéint sech applizéieren, well dat aalt Gesetz ofgeschaf an dat neit nach net a Kraaft getruede wär, dëst well, wéi Der jo alleguerte matkritt hutt, mer gläichzäiteg mat der Adoptioun vun dësem Gesetz och eis Verfassung änneren.

Fir esou en Décalage an der Zäit ze évitéieren, géif ech dem Minister nach eng Kéier un d'Häerz leeën, bei der Publikatioun derfir ze suergen, datt déi Gesetzer esou publizéiert ginn, datt déi Period esou kuerz wéi méiglech wäert ausfalen. Soulaang wéi dat neit Gesetz nach net publizéiert ass, kann dann och dës Chamber nach Naturalisatioune stëmmen, wat eis dann dee grousse Plëséier wäert ginn, nach e puermol, oder zumindest eemol, eis Kolleegin, d'Madame Doerner, dozou ze héieren.

E lescht Wuert zu der Prozedur. Hei ännert näischt, well esou wéi bis elo wäerten et an Zukunft och nach d'Gemenge sinn, an deenen d'Kandidate fir d'lëtzebuergesch Nationalitéit wunnen, déi d'Demande an Empfang huelen a se och viruleeden un de Justizminister. Wat allerdéngs ännert, ass, datt d'Demandë mussen an Zukunft komplett sinn, dat heescht, datt all Dokumenter a Piècë musse bäigeluecht sinn, fir datt den zoustännege Gemengebeamte se däerf an Empfang huelen. An Zukunft kann also net méi ee seng Demande nach während der Prozedur duerch eng Pièce oder en Dokument komplettéieren, wéi dat bis elo ëmmer de Fall war. Dëst huet nämlech e gudde Grond: Vum Datum vum Dépôt u leeft nämlech den Délai vun aacht Méint, an deem de Minister muss seng Décisioun huelen.

An dësem Zesummenhang wëll ech och de Justizminister froen, ob et net méiglech wär, datt déi Formulairen, déi en Demandeur muss ausfëllen, an Zukunft och a lëtzebuergescher Sprooch kéinte virgesi ginn. Ech fannen et nämlech e bësselche speziell, datt mer op där enger Säit vun den zukünftege Lëtzebuerger verlaangen, datt se Lëtzebuergesch kënnen, op där anerer Säit se awer mussen hir Demande a franséischer oder däitscher Sprooch ausfëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen och domadder scho bal zum Schluss. Dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, ass en oppent Gesetz, well et d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger erliichtert, mä hinnen och iwwert d'aktiivt an d'passiivt Wahlrecht méi eng grouss Representativité um Niveau vun de politeschen Décisioune gëtt. An ech géif do vläicht nach eng Kéier eise Statsminister zitéieren, deen a senger Erklärung zur Lag vun der Natioun vum 4. August 2004 Folgendes gesot huet, ech zitéieren: „D'Integratioun vun den Netlëtzebuerger ass eng Offerte, déi d'Lëtzebuerger musse maachen, an d'Netlëtzebuerger mussen dës Offerte unhuelen. Et gëtt keng Flicht zur totaler Assimilatioun, mä et gëtt eng Flicht zur Integratioun. Ouni dës Offer, an ouni d'Unhuele vun dëser Offer, an ouni Respekt virun deenen aneren hiren Eegenaarten, an ouni Respekt virun eise fundamentale gesellschaftleche Wäerter gëtt et weder Integratioun nach Kohesioun." Enn vum Zitat.

Ech sinn iwwerzeegt, datt dëst Gesetz eng Äntwert op dës Erausfuerderung gëtt. Dernieft mécht dëst Gesetz d'Erlaange vun der lëtzebuergescher Nationalitéit wesentlech méi einfach a méi schnell, wat sécherlech och méi auslännesch Matbierger wäert dozou bewegen, hir Demande, fir Lëtzebuerger ze ginn, ze maachen.

(Mme Lydie Err prend la Présidence)

Schlussendlech kritt eis lëtzebuergesch Sprooch an deem Gesetz de Stellewäert, dee se verdéngt, als e wesentlecht, wann och net dat eenzegt Element vun eiser nationaler Identitéit. Dëst Gesetz ënnersträicht dann och de Stellewäert, dee mer eiser lëtzebuergescher Sprooch wëlle ginn, ouni awer op där anerer Säit d'Lat esou héich ze leeën, datt d'Erléiere vun eiser Sprooch en oniwwerwannbaart Hindernis wär fir eis Nationalitéit ze kréien. Nach ass eng Nationalitéit awer net nëmmen e Pass, mä et ass och en Déngscht am Interessi vum Land.

Erlaabt mer vläicht zum Schluss vu mengen Ausféierungen den Nehru ze zitéieren: „Citizenship consists in the service of the country."

(Hilarité)

Ech sinn op jidde Fall iwwerzeegt, Madame Presidentin, datt mer mat dësem Gesetz e wichtege Schrëtt a Richtung besser a méi Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger maachen, an domadder d'sozial Kohesioun vun eisem Land mëttel- a laangfristeg substanziell verbesseren. An deem Sënn mäin Appel un lech alleguer, dësem Gesetzesprojet eng méiglechst breet Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Här Mosar. Den nächste Riedner ass den Här Santer. Dir hutt d'Wuert, Här Santer.

Discussion générale

M. Patrick Santer *(CSV)*.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, als Alleréischt géif ech gären dem Här Rapporteur, mengem Fraktiounskolleeg Laurent Mosar, Merci soen an him félicitéiere fir seng schréftlech a mëndlech Rapporten.

D'Gesetz, wat mer haut an der Chamber wäerten ofstëmmen, reit sech an déi Lëscht vu Gesetzer a Gesetzesprojeten an, déi als Zil hunn, eis Gesetzgebung der Evolutioun vun der Immigratioun an den demographesche Perspektive Rechnung ze droen. Dat ass ënner anerem den Objet vum Immigratiounsgesetz, wat mer virun der Vakanz hei gestëmmt hunn, oder vum Gesetzesprojet iwwert d'Integratioun, deen an den nächste Wochen um Ordre du jour vun der Chamber wäert stoen.

All dës Texter zeie vun enger Prise de conscience a sollen d'Weiche stelle fir eng méi aktiv, eng méi voluntaristesch Immigratiouns- an Integratiounspolitik. D'Noutwendegkeet vun esou enger Politik läit op der Hand. D'Zukunftsprojektioune weisen, datt den Undeel vun den Auslänner an der Lëtzebuerger Bevölkerung stänneg zouhëlt a mëttelfristeg d'Zuel vun den auslännesche Matbierger d'Zuel vun den Eenheemesche wäert iwwerhuelen, wat iwwregens schonn a verschiddene Géigende vum Land de Fall ass.

Wann d'Auslänner sech längst um Niveau vun dem Aarbechtsmaart a vun der Gesellschaft integréiert hunn, esou ass hir Integratioun um politeschen Niveau nach net komplett. Sécher, dem EU-Statsbierger gi sämtlech politesch Rechter um kommunale Plang unerkannt. Dëst ass sécherlech e wichtege Schratt a Richtung Integratioun, mä et bleift, datt d'Unerkennung vu politesche Rechter sech nëmmen op de kommunale Plang bezitt. Déi national Sphär ass net betraff, och wa mer zënter dem Vertrag vu Maastricht d'Konzept vun der Citoyenneté européenne hunn, déi mer nach mussen an deenen nächste Jore mat Inhalt fëllen.

An dëser Diskussioun däerf een net vergiessen, datt, obschonn déi meeschten Auslänner hei zu Lëtzebuerg aus Europa, aus dem EU-Europa stamen, et och vill auslännesch Matbierger gëtt, déi aus Drëttlänner kommen. D'Zuel vun deenen net EU-Auslänner wäert och an Zukunft zouhuelen. D'Immigratiounsgesetz vum 28. August 2008 dréit dëser Realitéit Rechnung, andeems et Ënnerscheeder tëschent de verschiddene Kategorië vun Auslänner zum Deel ofschaaft.

Et gesäit zum Beispill vir, datt d'Bierger aus Drëttlänner eng „Autorisation de séjour de longue durée" kënne kréien, nodeems se wéinstens fënnef Joer laang zu Lëtzebuerg gelieft hunn. Duerch dëse Statut ginn d'Bierger aus Drëttlänner, zumindest op verschidden Niveauen, mat deenen aus der Europäescher Unioun assimiléiert. E Schratt, dee noutwendeg war am Zeeche vun der Integratioun.

Integratioun heescht awer och, déi auslännesch Matbierger um politesche Plang ze integréieren, natierlech nëmmen, wa se dat wëllen. An deem Kontext spillt d'Unerkennung vum Prinzip vun der duebler Nationalitéit eng ganz wichteg Roll. Dëse Prinzip dréit dozou bäi, datt déi auslännesch Bierger, déi d'Konditiounen erfëlle fir déi Lëtzebuerger Nationalitéit unzehuelen, dëse Schratt och éischter wäerte maachen, wéi dat bis elo de Fall war. Si vervollstännegen domadder hir Integratioun, well se vun deem Moment u kënne ganz um politesche Liewen deelhuelen.

D'Duebelnationalitéit ass deemno do, fir d'sozial Kohesioun ze garantéieren. Wéi de Laurent Mosar dat a sengem schréftleche Rapport richteg erkannt huet, hu vill Auslänner, déi zënter Joren a Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg liewen, Schwieregkeeten domadder, hir Nationalitéit opzeginn, fir kënne Lëtzebuerger ze ginn. Si fille sech als „binational", als „bipatride", als eng Persoun, déi zwee Länner als hir Heemecht ugesäit. Hire gréisste Wonsch ass, datt dës Situatioun sech och an hirem Pass erëmfënnt. Si sti virun engem Choix cornélien, fille sech an engem Dilemma gefaangen, dee fir Leit ouni Immigratiounshannergrond net einfach nozevollzéien ass.

Et däerf een ni vergiessen, datt vun der Unerkennung vum Prinzip vun der duebeler Nationalitéit iwwregens net nëmmen eis auslännesch Matbierger profitéiere kënnen, mä och all déi Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen an déi d'Nationalitéit vun deem Land ugeholl hunn, wou si ausgewandert sinn, an dëst aus professionellen, familiären oder soss Grënn. Och si kréien elo d'Méiglechkeet, fir hir Lëtzebuerger Nationalitéit nees zréckzekréien.

Dir Dammen an Dir Hären, aus dem Rapport «Citoyenneté multiple et nationalité multiple au Grand-Duché de Luxembourg», deen déi zwee belsch Droitsprofessere Francis Delpérée a Michel Verwilghen 2004 verfaasst hunn, geet kloer ervir, datt am Kader vun enger moderner Approche vun der Nationalitéit, wou de Wëllen, gemeinsam un engem Gesellschaftsprojet deelzehuelen, mam Wëlle vun engem Individuum, net op seng Wuerzelen ze verzichten, ka koexistéieren, et wichteg ass, kloer an objektiv Konditiounen opzestellen.

Dës Konditioune solle weder ze streng nach iwwerdriwwe laxistesch formuléiert sinn. Och wann een elo däerf niewent der Lëtzebuerger Nationalitéit eng aner Nationalitéit hunn, esou bleift et, datt een d'Lëtzebuerger Statsbiergerschaft net esou einfach geschenkt soll kréien. Et soll een ni esou eng Nationalitéit verschenken. Dorënner géif d'Kohesioun, déi sozial wéi och déi politesch, enorm leiden.

D'Acquisitioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit ënnerläit och an Zukunft bestëmmte Konditiounen. Dës Konditioune sinn net nei. Déi eenzeg nei Bedéngung ass d'Verflichtung fir de Kandidat, um Cours d'instruction civique deelzehuelen.

D'Openthaltsdauer an déi sproochlech Kenntnisser ginn am Kader vum virleiende Gesetzentworf preziséiert respektiv verschäerft.

Fir kënne Lëtzebuerger ze ginn, muss een zënter op d'mannst siwe Joer ouni Ënnerbriechung hei am Land wunnen. Dëse Punkt war an ass net onëmstridden an huet fir vill Diskussioun gesuergt, net nëmmen an der Kommissioun, mä och an der Öffentlechkeet.

D'Diskussioune sinn entstanen, well de virleiende Gesetzentworf d'Dauer vum néidege Mindestopenthalt vu fënnef op siwe Joer eropsetzt. Et geet hei beim Projet de loi dorëm, sécherzestellen, datt jiddfereen, dee Lëtzebuerger wëllt ginn, och wierklech eis Nationalitéit unhuele wëllt.

«On ne prend pas une nationalité comme on prend son parapluie», huet déi franséisch Journalistin Françoise Giroud geschriwwen. Eng Nationalitéit opzeginn, fir kënnen eng aner unzehuelen, setzt eleng duerch d'Tatsaach, datt een eppes muss opginn, e gréisseren Integratiounswëlle viraus, wéi wann een zwou oder méi Nationalitéite cumuléieren däerf.

Et ass evident, datt een an dëser leschter Hypothees muss méi genee den Integratiounsgrad vun enger Persoun ënnersichen. Dat erkläert d'Eropsetze vun der Residenzdauer vu fënnef op siwe Joer. Dobäi ass nach ze bemierken, datt mam virleiende Gesetzentworf eng vereinfacht Prozedur virgesinn ass, déi maximal aacht Méint soll daueren.

Déi heiteg Naturalisatiounsprozedur läit do och mat enger Residenzdauer vu fënnef Joer wäit driwwer, wéi mer dat nach de Moien an der Commission juridique festgestallt hunn, wou eng Prozedur 1999 ugefaangen huet an haut, also de 15. Oktober 2008, fäerdeg ginn ass.

E weideren ëmstriddene Punkt war d'Definitioun vun engem Niveau, deen en an der Lëtzebuerger Sprooch muss erreechen, fir kënne Lëtzebuerger ze ginn, respektiv d'Iwwerpréiwung vun de Kenntnisser am Lëtzebuergeschen iwwert de Wee vun engem Test.

Déi sproochlech Konditioune ginn am Kader vum virleienden Text preziséiert. Nom aktuellen Text muss de Kandidat Kenntnisser vun enger vun deenen Amtssproochen, déi am Gesetz vun 1984 festgeluecht sinn, souwéi och Basiskenntnisser vum Lëtzebuergeschen noweise kënnen. Or, genee dës Basiskenntnisser vum Lëtzebuergesche sinn en zimlech vage Kritär a loossen, wéi mer dat och an eiser laanger Experienz an der Commission juridique feststelle konnten, all subjektiv Interpretatiounen zou.

Et ass also néideg, d'Niveauë vun de Kenntnisser an der Lëtzebuerger Sprooch objektiv festzehalen. D'Bedéngung, déi Lëtzebuerger Sprooch ze schwätzen an ze verstoen, ass net a Fro gestallt ginn. Op d'mannst net an der Kommissioun. Deejéinegen, dee wëllt Lëtzebuerger ginn, muss sech an eiser Sprooch verstännege kënnen. D'Lëtzebuergescht ass, wéi dat och an anere Länner de Fall ass, a souguer wéi dat an deenen anere Länner de Fall ass, onzertrennbar mat eiser eegener Identitéit. Wann international Verträg, eng Verfassung, eng Gesetzgebung de Stat ausmaachen - de Stat mat senge Kritären: Population, Territoire, Souveraineté -, esou ass d'Sprooch onzertrennbar mat der Identifikatioun vun enger Natioun.

Et gëtt keng Natioun ouni gemeinsam Sprooch. Eng Sprooch ass wéi en Zement fir eng Natioun. Sprooch verbënnt also. Sprooch trennt net. Si grenzt net aus, mä bréngt zesummen. De Sproochekonflikt bei eise belschen Noperen ass heifir dat bescht negatiivt Beispill.

Well et ëm déi Lëtzebuerger Statsbiergerschaft geet, ass et net iwwerdriwwen, wann ee vun engem zukünftege Lëtzebuerger verlaangt, hie misst e Minimum vu senger zukünfteger Sprooch verstoen. Déi lëtzebuergesch Sprooch ass Bestanddeel vun der Lëtzebuerger Identitéit. Kee Mënsch fënnt et anormal, datt ee muss Däitsch oder Franséisch oder Italienesch oder Russesch kënnen, fir déi däitsch, franséisch, italienesch oder russesch Nationalitéit ze kréien. Ech gesinn awer net, firwat mir dat anescht zu Lëtzebuerg handhabe sollen, wéi an anere Länner.

No dësem Text mussen d'Kandidaten den Niveau A2, fir ze schwätzen, respektiv B1,

fir ze verstoen, vum europäesche Referenzkader erreechen. Et gëtt dachs dem Projet de loi virgeworf, dës Niveauë wären ze héich a géifen domadder den Accès op déi Lëtzebuerger Nationalitéit méi schwéier maachen.

Et gëtt net vun de Leit verlaangt, datt se perfekt Lëtzebuergesch kënnen oder datt se missten e komplizéiert technescht Referat op Lëtzebuergesch halen. Et geet dorëms, datt Leit sech op Lëtzebuergesch ënnerhale kënnen, mat hiren Aarbechtskolleege schwätze kënnen oder d'Noriichten op Lëtzebuergesch nolauschtere kënnen.

De Gesetzestext differenzéiert och tëschent Kenntnisser vum Verstoen a vum Schwätzen. Et ass och méi einfach, eng nei Sprooch ze verstoen, wéi ze schwätzen. Duerfir hu mer den Niveau beim Niveau beim Schwätze méi niddreg gehalen, wéi den Niveau beim Verstoen: A2 a B1.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Beim Niveau A2, fir ze schwätzen, steet an den Erklärunge beim europäesche Referenzkader dat heiten: «Je peux utiliser une série de phrases ou d'expressions pour décrire en termes simples ma famille et d'autres gens, mes conditions de vie, ma formation et mon activité professionnelle actuelle ou récente.»

Beim Niveau B1 heescht et: «Je peux comprendre les points essentiels quand un langage clair et standard est utilisé et s'il s'agit de sujets familiers concernant le travail, l'école, les loisirs, etc. Je peux comprendre l'essentiel de nombreuses émissions de radio ou de télévision sur l'actualité ou sur des sujets qui m'intéressent à titre personnel ou professionnel si l'on parle d'une façon relativement lente et distincte.»

Dës Erklärunge beweisen, datt déi Niveauen, déi mer hei ugeschriwwen hunn - A2 a B1 - net onméiglech sinn.

Wann ee vu Basiskenntnisser schwätzt, kann ee sech net op e puer Wierder, e puer allgemeng Sätz reduzéieren. Wann een den Niveau A1 kuckt, an dat ass dat, wat mer an der Majoritéit an der Kommissioun net zréckbehalen hunn, da steet do ganz kloer: «Je peux utiliser des expressions et des phrases simples pour décrire mon lieu d'habitation et les gens que je connais. Je peux comprendre des mots familiers et des expressions très courantes au sujet de moi-même, de ma famille et de l'environnement concret et immédiat, si les gens parlent lentement et distinctement.»

Wéi se an der Kommissioun war, huet d'Madame Educatiounsministesch och gesot, deen Niveau A1 souwuel beim Schwätze wéi beim Verstoe géif wierklech net duergoen, fir kënnen ze behaapten, eng Sprooch richteg schwätzen ze kënnen oder sief et nëmmen, datt ee Basiskenntnisser dovunner huet beim Schwätzen oder beim Verstoen.

Den Niveau A1 geet also eiser Meenung net duer, fir um politesche Liewen deelzehuelen oder et ze verfollegen. Iwwert d'Wahlflicht eraus ass et an enger Demokratie noutwendeg, datt sech Bierger fir dat Öffentlecht, fir d'«res publica» interesséieren, an duerfir solle se sech och an där Sprooch verstännege kënnen oder déi wéinstens verstoen.

«La liberté ne s'use que si l'on ne s'en sert pas.» Lëtzebuergesch ass d'Sprooch an dësem Haus, Lëtzebuergesch ass d'Sprooch an de Gemengeréit an, wéi den Här Rapporteur virdru gesot huet, Lëtzebuergesch ass d'Sprooch och vum Lëtzebuerger Wahlkampf.

D'Niveauen A2 a B1, wéi mer se an der Kommissioun majoritär zréckbehalen hunn, droen dëser Zilsetzung Rechnung. Et kann an et däerf am Land net zu zwou Klasse vu Lëtzebuerger kommen: Déi eng, déi eis Sprooch kennen, an déi aner, déi se net kennen. Beim Niveau B1 heescht et jo: «Je peux comprendre l'essentiel de nombreuses émissions de radio ou de télévision sur l'actualité.»

De Fait, datt mir niewent dem Lëtzebuergeschen aner Sprooche beherrschen, ass hei net relevant. Natierlech kann een zu Lëtzebuerg wunnen, zu Lëtzebuerg schaffen oder nëmme wunnen a schaffen, ouni musse Lëtzebuergesch schwätzen ze kënnen. Et kann een och säi ganzt Liewe laang hei zu Lëtzebuerg wunnen, ouni wëlle Lëtzebuerger ze ginn.

Et bleift, datt Lëtzebuergesch eis Nationalsprooch ass an dofir e besonnesche Stellewäert huet. Dofir muss se och an eiser Verfassung verankert ginn. D'Institutiounskommissioun beschäftegt sech mat der Formulatioun wéi mer dat erreeche kënnen.

Doriwwer eraus steet elo schonn am Gesetz, an de virleiende Gesetzesprojet huet et iwwerholl, datt et net duergeet, just Lëtzebuergesch schwätzen ze kënnen, fir Lëtzebuerger ze ginn. Et muss een och Kenntnisser an enger vun deenen dräi anere Sproochen hunn. Wann de Législateur net weider op déi Kenntnisser agaangen ass, dann huet dat domadder ze dinn, datt do keen Handlungsbedarf besteet. Mir brauchen net an engem Gesetz festzeleeën, wéi gutt een Däitsch oder Franséisch muss kënnen. D'Dynamik vum Aarbechtsmaart, d'Dynamik vum Alldagsliewe regelt déi Fro ouni noutwendeg Interventioun vum Gesetzgeber.

Et ass awer evident, datt, wa mer gären hätten, datt d'Auslänner sech zu Lëtzebuerg integréieren an eis Sprooch solle schwätzen ouni op d'Käschte vun der Méisproochegkeet ze goen, déi auslännesch Matbierger d'Méiglechkeeten an d'Moyenen zur Verfügung gestallt musse kréien, fir eis Sprooch kënnen ze léieren. Dat setzt viraus, datt genuch Coursen zu flexibelen Zäiten iwwerall am Land ugebuede musse ginn.

De Projet de loi iwwert de Congé linguistique, deen an deenen nächste Woche wäert gestëmmt ginn, ass an dësem Kontext begréissenswäert. E féiert e Congé linguistique vu maximal 200 Stonne fir all Salarié an, deen domadder d'Méiglechkeet kritt, lëtzebuergesch Coursen ze beleeën, an zwar während senger Aarbechtszäit an ouni finanziell Verloschter, weder fir hien nach fir säin Employeur, vu datt de Stat fir d'Indemnitéiten, déi dem Salarié während sengem Congé linguistique ausbezuelt ginn, opkënnt.

Mä et geet net duer, datt een et de Leit méi einfach mécht, fir kënne Lëtzebuergesch ze léieren. Et ass wichteg, datt déi lëtzebuergesch Sprooch, souwuel an der Schoul wéi och bei der Ausbildung vum Léierpersonal, méi e grousse Stellewäert kritt.

Lëtzebuergesch ass e wesentlecht Element, fir d'Integratioun ze förderen. Lëtzebuergesch soll net nëmmen déi national Sprooch sinn, si soll och als Kommunikatiounssprooch am Alldag benotzt ginn.

Villes ass schonn op dësem Gebitt geschitt. Ech denken do un déi verschidde Publikatiounen, déi an de leschte Joren iwwert déi lëtzebuergesch Sprooch veröffentlecht gi sinn. Zënter e puer Joer gëtt et um Niveau vun der Uni Lëtzebuerg e Laboratoire de linguistique et de littérature luxembourgeoises, wou Chercheuren déi Lëtzebuerger Sprooch ënnersichen, fir ënner anerem erauszefannen, wéi d'Sprooch an hire Gebrauch sech am Laf vun der Zäit entwéckelt huet.

De Gesetzesprojet, deen d'Regierung virun der Vakanz déposéiert huet an deen d'Schafung vun engem Institut national des langues virgesäit, deen den aktuelle Centre de Langues ersetze soll, dréit deem neie Stellewäert, dee mir fir eis Sprooch gären hätten, Rechnung. Dëse Gesetzesprojet gesäit ënner anerem och d'Schafung vun engem Diplom „Lëtzebuerger Sprooch a Kultur" vir. D'Schafung vun esou engem Diplom ass en éischte Schrëtt fir sécherzestellen, datt eis Sprooch enges Daags, wéi och all aner Sprooch, an enger Schoul vun engem qualifizéierte Schoulpersonal enseignéiert ka ginn.

An der Schoul muss weider Lëtzebuergesch als Kommunikatiounssprooch, also och als Integratiounsfacteur benotzt a geléiert ginn. Dat gëtt schonn am Précoce gemaach. Dat soll am Primaire an am Secondaire weider ënnerstëtzt an ausgebaut ginn.

Här President, den Här Rapporteur ass schonn a sengem mëndleche Rapport op d'Exceptioun agaangen, déi mer am Projet de loi virgesinn hu fir déi Leit, déi virun 1984 an d'Land komm sinn. D'Sproocheklausel ass fir déi Leit net méi virgesinn. Dat hänkt domadder zesummen, datt deemools d'Méiglechkeeten, fir eis Sprooch ze léieren, vill méi beschränkt ware wéi dat haut de Fall ass. Et soll een dëst awer net als - solle mer soen - „Iwwergangsbestëmmung" ausleeën; wéi wa virun 1984 iwwerhaapt net Lëtzebuergesch an eisem Land geschwat gi wier.

Derbäi kënnt, datt d'Kanner vun deenen, déi virun 1984 an d'Land komm sinn, well mer se och gebraucht hunn an déi Leit vill zu eiser wirtschaftlecher Entwécklung bäigedroen hunn, an eise Schoulsystem an iwwer hir Aarbechtsplaz integréiert goufen a sech doheem fillen. Och wa se net oder nach net déi Lëtzebuerger Nationalitéit hunn.

Här President, nach e puer Wierder iwwert d'Prozedur. E wichtegen Aspekt vum Gesetzesprojet ass d'Aféierung vun enger eenzeger administrativer Prozedur. Eis aktuell Gesetzgebung kennt zwou Prozeduren: d'Optioun, déi virun allem Immigranten aus zweeter Generatioun, déi hei am Land gebuer sinn an hei an d'Schoul gaange sinn, usprécht; an d'Naturalisatioun. Nom aktuelle Gesetz ass et un der Chamber, fir d'Nationalitéit am Kader vun der Naturalisatiounsprozedur ze gewähren, während d'Optiounen ënnert d'Attributioune vum Här Justizminister falen.

De virleiende Gesetzesprojet gesäit nëmmen nach ee Modus vir, fir déi Lëtzebuerger Statsbiergerschaft unhuelen ze kënnen, an zwar d'Naturalisatioun. E schaaft d'Prozedur vun der Optioun of. Verschidde Berufschamberen an och de Statsrot hunn dat bedauert, well bestëmmte Kategorië vu Leit konnten iwwert de Wee vun der Optioun vun enger vereinfachter a méi séierer Prozedur profitéieren.

Mä mat enger prozeduraler Vereenheetlechung ass dat net méi méiglech, obschonn dëst, wéi dat zu Recht vum Statsrot a sengem Avis ervirgehuewe gi war, dem Gläichbehandlungsprinzip tëschent de Bierger entsprécht. Derbäi kënnt, datt sech mam virleiende Gesetzesprojet och d'Philosophie, déi hannert der Nationalitéit stécht, verännert.

Mir si vun engem Droit de la nationalité eriwwergaangen op en Droit à la nationalité; also en individuellt Recht op déi Nationalitéit. Jiddferee muss d'Konditiounen, fir Lëtzebuerger kënnen ze ginn, erfëllen, an dat selwer, perséinlech. De Fait, datt een hei am Land gebuer ass oder mat engem Lëtzebuerger bestuet ass, soll net zielen, wann déi aner Konditiounen net erfëllt sinn. Jiddfereen ënnerläit deeneselwechte Bedéngungen.

An Zukunft huet de Justizminister an net méi d'Chamber den Entscheedungspouvoir bei den Naturalisatiounen. Dat bréngt zwee wesentlech Virdeeler mat sech:

D'Prozedur - éischtens - ass méi rapid. Nom Gesetzentworf huet de Justizminister maximal aacht Méint Zäit, fir eng Entscheedung ze treffen.

Zweetens, e Recours virun der Juridiction administrative ass virgesinn, wann ee mat der Entscheedung vum Här Justizminister net averstanen ass. Dat ass eng eminent Verbesserung vun der Prozedur, déi de Kritäre vun engem Rechtsstat Rechnung dréit. Eng Entscheedung muss een och viru Geriicht ufechte kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzesprojet ass ee vun de wichtegsten, net nëmmen an dëser Legislaturperiod, mä och an de leschte Joren, well en eppes mat eiser Identitéit ze dinn huet, well e fir d'sozial Kohesioun steet andeems hien derfir suergt, datt d'Bedeelegung vun den Auslänner um politesche Liewen iwwert de Wee vun der duebeler Nationalitéit méi einfach gëtt an doduerch hir Integratioun op allen Niveauë promouvéiert. Duerch dëse Projet de loi stäerke mer d'Zesummegehéieregkeetsgefill vun alle Lëtzebuerger, dat d'Nationalitéit duerstellt.

La patrie, Dir Dammen an Dir Hären, c'est là où l'on se sent bien. Ech ginn och domadder den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Santer. Här Bettel, wann ech gelift.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ech hätt just, Här President, eng kleng Fro, well ech hunn d'Haltung net héiere vum Här Santer iwwert d'Délaie vu fënnef, siwen oder zéng Joer.

M. Patrick Santer *(CSV)*.- Dann hätt Der missen éischter do sinn. Ech hunn an deenen éischte fënnef Säite vu menger Ried doriwwer geschwat.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ah, ech hunn et net matkritt.

Une voix.- Dir kënnt et noliesen, Här Bettel.

Une autre voix.- Verpasst!

M. le Président.- Den nächste Riedner ass déi honorabel Madame Colette Flesch.

Une autre voix.- D'Madame Flesch huet alles héieren.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, als Alleréischt wéilt ech dem Rapporteur Merci soen. Dat wäert hie vläicht erstaunen, well mir hunn ons an der Kommissioun beim Vote iwwert dee Rapport enthalen. E war ons - ech soen dat ganz offen - e bëssen ze vill hurra-nationalistesch. Mä ech wëll him awer Merci soen, dass hie bereet war, Amendementer unzehuelen an deem Rapport, deen doduerjer am Toun an onsen Ae besser ginn ass, an dass hien och déi Amendementer ugeholl huet, déi duerstellen, dass et och eng aner Meenung an der Kommissioun gouf, wéi nëmmen déi vun der Majoritéit. Dofir soen ech him Merci. Ech soen him och Merci fir seng Ouverture bei enger ganzer Rei vun Amendementer, op déi ech nach ze schwätze kommen.

Här President, ech ginn elo net am Detail an op déi eenzel Bestëmmungen an op d'Modifikatiounen, déi d'Kommissioun oder de Conseil d'État zu deem engen oder deem aneren Artikel proposéiert hunn. Dat huet de Rapporteur a sengem schréftlechen an a sengem mëndleche Rapport gemaach, mä besonnesch an deem schréftlechen. Ech verweisen also op dee Rapport souwéi och op d'Avisë vum Conseil d'État.

Zweet Bemierkung: Dee Projet, dee mer haut diskutéieren, ass e wichtege Projet um gesellschaftspolitesche Plang. Wéi de Rapporteur an och aner Riedner et ënnerstrach hunn, ass wahrscheinlech kee Land op der Welt esou op, wéi mir et sinn.

Mir hu 40% grosso modo auslännesch Résidenten an dësem Land an da schwätze mer nach guer net vun de Frontalieren, déi all Dag an d'Land schaffe kommen. An der Stad Lëtzebuerg hu mer schonn iwwer 62% auslännesch Résidenten.

Ech mengen net, dass et vill Länner a vill Stied op der Welt gëtt, déi esou Prozentsätz kennen.

Mir wëssen awer och, dass déi auslännesch Matbierger eng Source vu wirtschaftlechem Wuelstand fir onst Land sinn, an ech verweisen do op den Avis vun der Chambre de Commerce, deen am Detail op déi Problematik an op deen Tatbestand agaangen ass.

D'Integratioun huet sech och an onsem Land op ville Pläng gemaach am Kulturliewen, am sportleche Liewen, an de Veräiner, an de Gewerkschaften, mä nach si mer konfrontéiert mat engem Déficit démocratique, well ons auslännesch Matbierger net voll kënnen am politeschen an am institutionelle Liewe vun dësem Land participéieren. Déi Participatioun muss also consolidéiert, renforcéiert ginn, fir dass mer zu enger méi grousser sozialer Kohesioun an onsem Land kommen.

Ech kann och vläicht nach drop hiweisen, dass a sengem Rapport den Här Mosar ervirgestrach huet, dass laut Statec-Previsioune vun 2005-2006 déi auslännesch Populatioun, vun där ech virdru geschwat hunn, insgesamt am Land wäert d'Populatioun vun den Einheimeschen iwwerschreiden. Mir kréien also do eng politesch onbekannte Situatioun, déi et bestëmmt och net op anere Plaze gëtt. D'Zäit ass komm, erneit ons Législatioun iwwert d'Nationalitéit ze iwwerpréiwen.

An ech géif soen, Här President, am Ufank wor och alles ganz gutt ugaangen. D'Regierungserklärung vun 2004 hat gesot, mir brauchen eng Ouverture an huet du proposéiert, dass mer d'duebel Nationalitéit sollten aféieren.

De But vun deem Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, ass also d'Ouverture vun der Lëtzebuerger Gesellschaft à l'égard vun der auslännescher Populatioun ze förderen.

Mä wéi d'Diskussiounen ugelaf sinn, ass d'Feld vun där Diskussioun ëmmer méi enk ginn. An zwar well an där Diskussioun zwou Konzeptioune vis-à-vis vunenee stinn iwwert d'Definitioun vun der Naturalisatioun; an dat huet de Conseil d'État a sengem Avis ganz kloer beschriwwen.

Fir déi eng ass d'Acquisitioun vun der Nationalitéit e wichtegt Element um Wee vun der Integratioun; deen, dee freet d'Lëtzebuerger Nationalitéit an dësem Fall ze kréien, dee beweist domadder, dass e sech wëllt integréieren.

Fir anerer ass d'Nationalitéit d'Schlussphas, den Aboutissement vun deem Prozess vun Integratioun.

Déi Differenz an der Approche an an der Philosophie ass fundamental. Déi Contradictioun fënnt sech och am Laf vun de Jorzéngten ëmmer erëm an onser Gesetzgebung iwwert d'Nationalitéit erëm. De Législateur huet eng Hand opgemaach an dann déi aner erëm schnell zougemaach.

Et ass also eng Contradictioun, déi mer an onser Législatioun fannen an déi beson-

nesch evident ginn ass an deene Reformen, déi no 1945 gemaach si ginn. Déi Contradictioun ass am Detail analyséiert ginn duerch den Denis Scuto, an de Conseil d'État mécht och a sengem Avis Referenz op déi Etüd.

Déi Dichotomie fënnt sech och erëm an der Diskussioun iwwert de jëtzege Projet de loi, deen engersäits d'CSV enger relativ lauer Oppositioun vun der LSAP entgéintstellt an enger fermer Oppositioun vun der grénger an der bloer Fraktioun. D'Majoritéit, mat enger LSAP, géif ech soen, contrainte et forcée, gesäit an der Législatioun iwwert d'Nationalitéit e Mëttel fir ze préiwen, ob d'Auslänner effektiv integréiert sinn.

An, Här President, wann ech hei vun enger LSAP contrainte et forcée schwätzen, dann hunn ech e Beweis derfir. Ech weisen hin op den triumphalistesche Communiqué vun der CSV de 24. Abrëll 2008, nom Vote an der Commission juridique iwwert déi zwou Bestëmmungen iwwert d'Durée de résidence an den Niveau vun de sproochleche Kenntnisser, eng CSV, déi sech an deem Communiqué félicitéiert huet, an ech zitéieren elo wiertlech: „dass si et fäerdeg bruecht hunn, sech ze imposéieren".

(Interruptions)

Här President, d'Oppositioun vun der grénger Partei a vun der DP wëllt den ausländnesche Résidenten, déi wëlle Lëtzebuerger ginn, den Accès zu onser Nationalitéit méi einfach maachen.

Déi zwee Punkten, déi de Moment nach an der Diskussioun sinn, dee vun der Residenzdauer an dee vum Niveau vun de Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch, sinn exemplaresch fir déi Differenz an der Approche tëschent der Majoritéit engersäits an der Oppositioun vun der grénger Partei an der DP op där anerer Säit.

Ech kommen duerno nach méi ausféierlech op déi zwee Punkten zréck.

Ech schéngen den Här Jaerling vergiess ze hunn.

(Interruption)

Den Här Jaerling kritt bestëmmt d'Geleeënheet, Här President, nach zu deene Froen d'Wuert ze ergräifen.

(Interruption)

Drëtt Bemierkung, Här President, ech wëll dee Projet de loi net verdäiwelen. En huet an onsen Aen zwee ganz wesentlech positiv Aspekter. Dat Éischt ass d'Introduktioun vun der duebeler Nationalitéit; aus all deenen Ursaachen, déi schonn opgeféiert si gi vum Rapporteur, vum Conseil d'État, vu menge Virriedner.

Anerersäits - an dat ass dat zweet positiivt Element - de Fait, dass mer vun enger legislativer Prozedur, fir d'Naturalisatioun ze accordéieren, eriwwerginn op eng administrativ Prozedur, ass an onsen Aen e wesentleche Fortschrëtt.

De Conseil d'État huet et ervirgestrach, de Rapporteur huet et elo erëm just ervirgestrach, et ass hei e richtege Paradigmewiessel. Mir gi vun engem Recht „de la nationalité" eriwwer op e Recht „à la nationalité", mat - an dat ass dat Wichtegst - enger Rekursméiglechkeet, wann d'Nationalitéit refuséiert gëtt. Dat sinn zwou wesentlech Innovatiounen an dësem Gesetz, déi mir approuvéieren.

Véiert Bemierkung, Här President, mir haten an der juristescher Kommissioun eng ganz gutt, eng ganz lieweg an eng ganz positiv Diskussioun, an ech mengen et ass hei gutt parlamentaresch Aarbecht gemaach ginn.

D'Kommissioun huet de Projet vun der Regierung verbessert. D'Kommissioun huet eng ganz Partie Suggestioune vum Conseil d'État iwwerholl. D'Majoritéit huet verschidde Propositioune vun der Oppositioun ugeholl a mir hunn an der Kommissioun am Konsens eng Partie Modifikatiounen zesumme lues a lues definéiert, déi sech am Projet de loi, esou wéi en elo virun ons läit, erëmfannen.

Zum Beispill ass eng Exceptioun virgesi ginn zu de sproochleche Konditiounen an zu der Obligatioun vum Cours d'instruction civique fir déi Auslänner, déi eng Autorisation de séjour hate virum 31. Dezember '84.

Zum Beispill ass d'Prise en compte vun der Scolaritéit ofgeännert ginn, ëmdefinéiert ginn, a mir sinn eriwwergaange vu siwe Joer Scolarité obligatoire op siwe Joer Scolarité tout court. Dat heescht, et kënnen och aner Schouljoren derbäigezielt ginn. Et muss net onbedéngt d'Scolarité obligatoire sinn. Dat ass och e Fortschrëtt.

Et ass méi eng grouss Ouverture an deem Projet, deen elo hei virläit, wéi soll ech soen, am Versuch d'Fäll vun Apatridie vu Kanner ze évitéieren - wat ons och schéngt eng ganz wichteg Dispositioun ze sinn.

De Minister, vu dass et elo eng administrativ Prozedur ass, huet en Délai gesat kritt vun der Chamber. E muss an aacht Méint seng Décisioun geholl hunn.

Mir hunn d'Distinctioun tëschent Adoption simple an Adoption plénière am Kontext vun der Nationalitéit suppriméiert. Mir hunn och d'Distinctioun tëschent „réhabilitation judiciaire" an „légale" suppriméiert bei de Conditions d'honorabilité. Dat sinn alles positiv Punkten, Améliorationen, déi am Kader vun den Aarbechte vun der Commission juridique an dee Projet erakomm sinn.

Sécherlech hätte mir gewënscht, esou wéi de Conseil d'État et och gewënscht huet, dass an deem Mooss, wou d'Optioun suppriméiert ass, déi Leit, déi ganz besonnesch enk Verbindunge mat Lëtzebuerg hunn, zum Beispill Kanner, déi hei am Land gebuer sinn, zwar vu friemen Elteren, mä déi hei am Land gebuer sinn, géife kënnen Allégementer kréie bei deene Konditioune fir un d'Nationalitéit ze kommen. Datselwecht gëllt fir d'Conjointen oder d'Partenaires légaux vu Lëtzebuerger Ressortissanten. Dat waren alles Saachen, déi an der Optiounsprozedur méiglech waren an déi elo net méi méiglech sinn, well mer eben eng Procédure unique hunn.

Mir hätten ons och gewënscht, dass zousätzlech Derogatiounen hätte kënne virgesi gi fir déi Leit, déi als besonnesch vulnérabel betruecht ginn, notamment fir déi, déi Bénéficiaire si vun enger Protection internationale, wat enger Demande entsprécht vun dem Haut-Commissariat des Nations Unies pour les Réfugiés.

Mir hätten ons och gewënscht, esou wéi de Conseil d'État et och gefrot huet, dass de Certificat de réussite bei dem Sproochentest an de Certificat de participation am Cours d'instruction civique kéinten nogereecht ginn.

Mir hunn awer och als Oppositioun eng Partie Argumenter vun der Majoritéit ugeholl, a mir hunn déi Demandë fale gelooss. Ech hunn déi Beispiller elo ginn, fir ze weisen, dass awer an der Kommissioun eng ganz offen an eng ganz gutt Diskussioun war, fir déi ech dem Rapporteur wéilt Merci soen.

Et goufen awer leider zwee Punkten, wou d'Diskussioun direkt ofgeschnidde ginn ass. Do huet net däerfen driwwer diskutéiert ginn. Ech huelen un, aus parteipolitesche Considératiounen an aus Ursaache vun der Koalitiounsraison. Dat war d'Residenzdauer an dat war den Niveau vun de Sproochekenntnisser, déi d'Kandidaten zur Naturalisatioun mussen erreechen. De Fait, dass do iwwerhaapt keng Diskussioun méiglech war, entsprécht natierlech der Situatioun, dass et eng Meenungsverschiddenheet gëtt tëschent der CSV engersäits an ons, an entsprécht och der Tatsaach, dass d'CSV eng dominant Positioun an der Regierung huet, an dass d'LSAP eben huet missen dat matmaachen, wat do um Plateau zerwéiert gëtt. Op Franséisch nennt een dat „avaler des couleuvres".

Här President, ech kommen elo zur Residenzdauer.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Madame Flesch, fuert Dir weider!

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, ech kommen elo méi ausféierlech zu der Fro vun der Residenzdauer. Ech brauch lech och hei net drun ze erënneren, dass an dësem Haus 2001 décidéiert ginn ass, dass d'Residenzdauer soll vun zéng op fënnef Joer erofgesat ginn. Zu där Zäit, 2001, hunn d'Spriecher vun der CSV - den deemolege scho Rapporteur, den Här Mosar, an den Här Minister Frieden - gemengt, dass déi Reduktioun eng verstänneg Propositioun wär. De Minister huet souguer drop higewisen, dass déi Dauer vu fënnef Joer deem géif entspriechen, wat an der Moyenne an der EU, deemools war et nach d'EG, Gëltegkeet hat. Dat ass haut och nach esou. Den honorabelen Här Fayot huet am Numm vun der LSAP dofir plädéiert, dass ee soll d'Residenzdauer op véier Joer erofsetzen. Haut dréit d'Rad vun der Geschicht zréck, dat heescht d'CSV dréit d'Rad vun der Geschicht zréck an d'LSAP kuscht.

Här President, mir sinn et net eleng, déi dat soen. Ech zitéieren elo den Avis vum Conseil d'État vum 18. März 2008. Zitat: «Face à la volonté affichée par le Gouvernement d'encourager le parcours d'intégration des personnes étrangères par l'octroi de la nationalité luxembourgeoise, la démarche plutôt restrictive adoptée dans le projet sous avis ne manque pas de surprendre. En effet, comment cette volonté se concilie-t-elle avec le relèvement de la condition de résidence de cinq à sept ans? Le Conseil d'État s'interroge sur les motifs sous-jacents au prolongement du délai de résidence de cinq à sept ans (…). Le Conseil d'État considère que cette exigence d'une durée de résidence plus longue met le projet en porte-à-faux avec son objectif, qui est une plus grande ouverture à la nationalité luxembourgeoise. Il rejoint les critiques voyant dans l'allongement de la durée de résidence un retour en arrière du processus de modernisation de la législation sur la nationalité entamée depuis des années, et un signal négatif vis-à-vis des ressortissants étrangers susceptibles de postuler à la nationalité luxembourgeoise.» Enn vum Zitat.

Här President, de Conseil d'État referéiert sech un déi vill Kritiken, déi gemaach gi sinn. A se sinn och ganz zahlreich: D'Chambre de Commerce, d'Chambre de Travail, d'Gewerkschaften FNCTTFEL, LCGB, OGB-L, SYPROLUX, d'ONGen, déi an deem Secteur täteg sinn, vun ASTI bis zur Caritas, froen, bieden drëm, dass mer bei der Residenzdauer vu fënnef Joer bleiwen.

Den Haut-Commissariat des Nations Unies pour les Réfugiés mécht sech Suergen iwwert dëse Projet de loi, am Zesummenhang mat de Réfugiéen. A senge Kommentare vum 2. Abrëll 2007 schreift den Haut-Commissariat: «La durée de sept ans de résidence requise préalablement à la demande de naturalisation constitue une préoccupation pour l'UNHCR. (…) L'UNHCR regrette l'augmentation du délai porté à sept ans de résidence comme prérequis à la demande de naturalisation, car une telle disposition entrave la mise en place de solutions durables au régime des réfugiés. (…) L'UNHCR suggère que le délai pour l'acquisition de la nationalité luxembourgeoise soit maintenu à la durée de cinq ans de résidence. Ce délai, actuellement en vigueur, semble satisfaire les préoccupations des personnes en quête d'une solution durable et celles d'une société ouverte à intégrer des personnes ayant résidé durablement sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg.» Enn vum Zitat.

Här President, ech huelen un, dass d'Regierung sech gefreet huet, dass Lëtzebuerg d'lescht Woch an de Comité exécutif vum UNHCR gewielt ginn ass. Déiselwecht Regierung wär also gutt beroden, wa se deene Recommandatiounen hiert Ouer géif léinen, deene Recommandatiounen, déi vun enger Institutioun kommen, wou si elo am Comité exécutif sëtzt. Ech wënschen dem Ausseminister a senge Leit zu Genève an zu New York bonne chance, wa se da sollen explizéieren, woufir mir hei op deen dote Wee gaange sinn.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, wat nun de sougenannte Package soll betreffen, wou d'Verlängerung vum Délai de résidence zesummegeschloe gëtt mat engem Délai, dee gekierzt ginn ass, well de Minister jo méi schnell, an engem Délai vun aacht Méint, seng Décisioun muss huelen, do wëll ech einfach dat widderhuelen, wat ech schonn den 30. Abrëll gesot hunn: Den Délai vun aacht Méint, deen d'Kommissioun proposéiert dem Minister ze fixéieren, huet näischt mat der Durée de résidence ze dinn. Deen hänkt nëmmen dovunner of, dass mer elo vun enger legislativer op eng administrativ Prozedur ginn, wou vill manner Avisë gefrot ginn a wou een also ouni Weideres déi administrativ Prozedur verkierze kann.

Dem Rapporteur, dem honorabelen Här Mosar, géif ech soen, dass seng Argumentatioun mech net iwwerzeegt. Hie schreift op der Säit 9 vu sengem Rapport, wat den Här Wolter schonn hei an der Diskussioun den 30. Abrëll gesot hat. Ech zitéieren: «Ce renforcement» - also vun der Residenzdauer - «constitue en quelque sorte le contrepoids de l'abandon de la condition de renonciation ou de perte de la nationalité d'origine.»

Här President, déi zwee Häre schéngen ze vergiessen, dass mer an Zukunft eng eenzeg Procédure de naturalisation hunn, déi sech souwuel un déi Leit applizéiert, déi hir Nationalité d'origine wëllen halen, wéi och un déi, déi op hir Nationalité d'origine verzichten. Also ass dat Räsonnement dach e bësselche spécieux.

Mir schéngt et, dass déi Motifs sous-jacents, vun deenen de Conseil d'État sech freet, wat dat wuel kéint sinn, am Fong Ursaachen hunn. Dat sinn d'Frilositéit an de Konservatismus vun der CSV, de Mangel u Courage vun der LSAP souwéi déi fundamental Divergenz an der Konzeptioun vun der Naturalisatioun, déi ech uganks vu menger Interventioun évoquéiert hunn.

Här President, ofschléissend zu deem Kapitel wëll ech nach eng Kéier mäin Appel un d'Parteie vun der Majoritéit riichten, dass se hir Positioun sollen iwwerpréiwen iwwert d'Residenzdauer an dass se sech sollen dem Virschlag ralliéieren, op fënnef Joer ze goen. Dat heescht, op fënnef Joer ze bleiwen.

An deem Sënn, Här President, bréngen ech en Amendement an am Numm vun der grénger Fraktioun a vun der DP-Fraktioun, en Amendement zum Artikel 6, deen eben déi Reduktioun vun der Residenzdauer virgesäit vu siwen op fënnef Joer. Mir hunn de Moment nëmmen zu zwee dësen Amendement ënnerschriwwen, den Här Braz an ech. Wann aner Leit en also wëllen ënnerschreiwen, steet dat hinne fräi. Wann dat net sollt de Fall sinn, Här President, wäerte mir an onsen zwou Fraktiounen déi néideg Ënnerschrëfte fannen, fir den Amendement recevabel ze maachen.

Amendement 1

L'article 6 est modifié et aura la teneur suivante:

Art. 6. Pour être admis à la naturalisation, il faut:

1° avoir atteint l'âge de dix-huit ans révolus;

2° disposer d'une autorisation de séjour au Grand-Duché de Luxembourg depuis au moins cinq années consécutives précédant immédiatement la demande de naturalisation et y avoir résidé effectivement pendant la même période.

Pour les réfugiés reconnus selon la Convention de Genève du 28 juillet 1951 relative au statut des réfugiés la période entre la date du dépôt de la demande d'asile et la date de la reconnaissance du statut de réfugié par le ministre compétent est assimilée à un séjour autorisé au sens de l'alinéa 1er, point 2°.

Les conditions d'âge et de résidence doivent être remplies au moment de l'introduction de la demande prévue à l'article 10.

(s.) Colette Flesch, François Bausch, Félix Braz, Charles Goerens, Claude Meisch.

Här President, sechst Bemierkung, do geet et iwwert den Niveau vun de Sproochekenntnisser. Déi Debatt iwwert d'Sproochekenntnisser huet elo esou eng Dimensioun ugeholl, dass ee wierklech sech muss e bësse méi laang domadder beschäftegen.

D'Sprooch ass sécherlech e wesentlecht Element vun der nationaler Identitéit, besonnesch an engem Land wéi Lëtzebuerg. D'Awunner vun onsen Nopeschregiounen - Lothringen, Rheinland-Pfalz, Saarland, d'belsch Provënz vu Lëtzebuerg - hunn e Profil socio-politico-économique, dee sech net vill vun onsem Profil ënnerscheet. Mir hunn eng gemeinsam geschichtlech Traditioun. Mir hunn e gemeinsamen Héritage historique. Wat ons anescht mécht zu Lëtzebuerg, dat ass, dass mir Lëtzebuergesch schwätzen. Mä mir hunn awer och an dësem Land eng ganz laang Traditioun vum Multilinguisme. Säit jehier, géif ech soen, si Franséisch an Däitsch och en Deel vun onsem Patrimoine linguistique. Loosse mer dat net vergiessen!

Ech erënneren zum Beispill drun, dass den eminente Constitutionnaliste, den Alex Bonn, 1984 säi Wierk iwwert de Statsrot bewosst op Däitsch geschriwwen huet an a senger Préface ganz kloer drop hiweist, dass hien domadder wollt der däitscher Sprooch eng Reverenz erweisen an op onse Patrimoine multilingue hiweisen. Et ass scho verwonnerlech, wann e Rechtswëssenschaftler esou e wichtegt Buch net op Franséisch schreift. Mir wëssen, dass am Fong am Droit Franséisch d'lingua franca ass, an dach huet den Alex Bonn drop gehalen, dat Buch op Däitsch ze schreiwen an hie seet expressément woufir.

Mir sinn der Meenung als DP, dass d'Kenntnis vun der Lëtzebuerger Sprooch sécherlech e wichtegt Element ass, fir d'Integratioun an onsem Land ze dokumentéieren. Dat ass jo och d'Ursaach, woufir mer d'Gesetz vun 2001 matgestëmmt hunn. Dat wär och eng Ursaach, woufir mer dat Gesetz hei kéinte stëmmen, wann déi Exigenze bei de Sproochekenntnisser op engem verstännegen Niveau wären.

Här President, ech maachen hei eng Parenthèse op, déi am Fong keng Parenthèse ass, mä déi eppes ass, wat mir besonnesch um Häerz läit. Mir hunn och an der Kommissioun dovu geschwat. Mir hunn an der Kom-

missioun gesot, fir déi Matbierger, déi daf an dafstomm sinn, däerf deen Handicap net en Élément d'exclusion sinn. Si däerfen net doweinst vun der Nationalitéit ausgeschloss ginn. De Minister huet ons an der Kommissioun gesot, dat wär net de Fall. Déi Fäll wäre Gott sei Dank ganz, ganz rar. Wa se sech gestallt hunn am Kader vum Gesetz vun 2001, war dat ni e Problem an deen Handicap huet net dozou geféiert, dass déi Leit net konnte Lëtzebuerger ginn. An de Minister huet ons gesot, dass an Zukunft d'Praxis wäert déiselwecht bleiwen.

An deem Mooss, wou am Gesetz keng Referenz dorop gemaach ass - de Rapporteur huet zwar a sengem Rapport dovu geschwat -, wär ech frou, wann de Minister hei an der Chamber, an der Plenarsitzung géif confirméieren, dass dat effektiv d'Attitüd ass an dass et wäert an Zukunft esou goen.

Ech weess, dass eng Partie Leit, déi eben héiergeschiedegt sinn an déi wëssen, dass mer an dësem Land den Enseignement vun der Zeechesprooch nëmmen op Däitsch maachen, sech iwwert déi do Saach Suerge gemaach hätten. Ech mengen, et wär also gutt, wann een do haut hei kéint déi néideg Assurancë ginn. An domadder maachen ech déi Parenthèse erëm zou.

Mir sinn also der Meenung, dass d'Kenntnisser vum Lëtzebuergeschen e wichtegen Deel vun dem Processus d'intégration sinn. Mir si mam Conseil d'État der Meenung, dass déi Sproochekenntnisser e wichtege Facteur sinn, mä si sinn net deen eenzegen. De Conseil d'État schreift, an ech zitéieren erëm: «...qu'il serait réducteur de ramener le thème de l'intégration à la seule connaissance de la langue, alors que l'intégration dans la société devrait s'apprécier sur la base de tout un faisceau d'éléments qui témoignent de l'intégration économique, culturelle et sociale de la personne concernée. Aussi déplore-t-il la focalisation sur le seul élément linguistique à l'exclusion de tous les autres, pour apprécier l'intégration suffisante d'un ressortissant étranger. Le Conseil d'État se rallie à la Chambre de Commerce qui recommande de valoriser la connaissance de la langue luxembourgeoise sans en faire un obstacle qui empêcherait un grand nombre de personnes d'accéder à la nationalité luxembourgeoise.» Enn vum Zitat.

Den Här Mosar huet a sengem Exposé an a sengem Rapport oft drop higewisen, dass, wat vun de Leit verlaangt gëtt, déi wëlle Lëtzebuerger ginn, eng aktiv a passiv Kenntnis vun der geschwatener Sprooch ass. Dat ass richteg. Hien huet awer och gesot, dass déi Kenntnisser sech beschränken op elementar Kenntnisser, an hien huet gesot, d'Kandidate missten - dat huet hie geschriwwen a sengem Rapport - eng einfach Konversatioun kënne verfollegen, eng Radiosemissioun, si missten à même sinn, sech allgemeng iwwer hiert deeglecht Liewen ze expriméieren, iwwer hir Aarbecht, hiert Famillejeliewen, hir Loisiren.

Här President, wann dat de Fall ass, hu mir keng Problemer. Mä da misste mer onser Meenung no an d'Gesetz en Niveau de connaissance A1 vum Cadre européen commun de référence pour les langues aféieren.

En fait, wat verlaangt d'Regierung? Den 19. Mäerz 2008 krute mer an der Commission juridique vum Här Justizminister e Projet de règlement grand-ducal concernant l'organisation des épreuves et l'attestation de la compétence de communication en langue luxembourgeoise parlée en vue de l'admission à la naturalisation. Aus deem geet ganz kloer ervir, wat d'Regierung gären hätt. Deen Text, deen Exposé des motifs vun deem Projet de règlement grand-ducal vergläicht de Seuil, dee misst erreecht gi vun de Kandidaten, mat deene verschiddene Schlussetappen an dem Niveau, deen an der Schoul muss erreecht ginn, fir op déi nächst Etapp weiderzegoen.

An ech zitéieren elo aus deem Text vun der Regierung: «Le niveau A2 en allemand et en français pour accéder à l'enseignement post-primaire, et le niveau B1 en français pour accéder au cycle moyen et supérieur de l'enseignement secondaire, c'est-à-dire...» - Lauschtert gutt no! - «...pour pouvoir suivre les cours d'économie, de philosophie, de sciences naturelles dispensés en langue française.» Enn vum Zitat.

D'Regierung huet also wëlles vun de Kandidaten un d'Naturalisatioun ze verlaangen, dass se esou vill Lëtzebuergesch kënnen an där geschwatener Sprooch - dat, wat mer schwätzen -, dass se um Niveau vu sechs Joer Primärschoul sinn, a fir d'Verständnis um Niveau vu sechs Joer Primaire an dräi Joer Secondaire. Dat ass dat, wat d'Regierung ons als Ënnerlage ginn huet an der Commission juridique fir deen Examen, deen also elo soll virgesi ginn. An dat soll alles, Här President - an dat si mer d'lescht Woch an der Commission du Travail gewuer ginn -, méiglech sinn duerch e Congé linguistique vun 200 Stonnen. Ech froe mech wierklech, wat fir Genien dat dote kënne fäerdeg brëngen!

Mir wëssen, Här President, dass à l'origine de Ministère de l'Éducation nationale, deen d'Kompetenz an där Fro huet quant au fond, au départ en Niveau proposéiert, deen ënnert dem A2 an dem B1 louch. D'Ministesch vun der Educatioun sollt an d'Commission juridique kommen an huet sech dunn e gewëssene Moment ofbestallt. Den Datum, wéini se sollt kommen an ons den Text weisen, wor scho fixéiert. Si huet sech du misse récuséieren ënnert dem Drock vum Koalitiounspartner, deen déi Exigenze wollt eropsetzen.

Dat huet dozou gefouert, dass während Méint dee wichtegen Dossier broochlouch, dass mer guer net weiderkoumen, dass mer ëmmer gefrot hunn: Wéini kommen déi Texter? Während Wochen a Méint ass dunn an deem Dossier näischt geschitt, bis dass op eemol en Accord fonnt gi wor an der Koalitioun, bien entendu op de klengkaréierte Linne vun der CSV.

(Interruption)

Klengkaréierten net; étriquéiert ass besser.

(Interruption)

Här President, déi Exigenzen, déi mer elo hei virun ons leien hunn, sinn exorbitant, dissuasif an discriminatoire. An d'Offer vum Enseignement ass dérisoire. Domadder komme mer net weider.

Dat ass d'Ursaach, Här President, woufir mir ons zu deenen Exigenzen opposéieren; nach eng Kéier: Net zur Exigenz vun der Kenntnis vun der Lëtzebuerger Sprooch, mä Oppositioun zu deem Niveau, deen hei envisagéiert a préconiséiert gëtt.

Här President, fir dem Här Mosar a senge Frënn ze erlaben, hir Aussoen an Aklang ze brénge mam Text vum Projet de loi - dat heescht Connaissances élémentaires, compréhension d'une conversation simple, faculté de s'exprimer de manière générale sur la vie quotidienne; ech zitéieren de Rapport vum Här Mosar -, déposéieren ech am Numm vun der grénger Fraktioun an an onsem Numm en Amendement zum Artikel 7, wou mer proposéieren, den Niveau de compétence op den Niveau A1 ze fixéieren. Och hei hu mer nëmmen zu zwee ënnerschriwwen. Et kënnen nach aner Leit sech uschléissen; wat mer wënschen. Wann dat net sollt de Fall sinn, fanne mer aner Ënnerschréften.

Amendement 2

L'article 7, point 1°, est modifié et aura la teneur suivante:

Art. 7.

1° La naturalisation sera refusée à l'étranger lorsqu'il ne justifie pas d'une intégration suffisante, à savoir:

a) lorsqu'il ne remplit pas les conditions prévues à l'article 6;

b) lorsqu'il ne justifie pas d'une connaissance active et passive suffisante d'au moins une des langues prévues par la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues et lorsqu'il n'a pas réussi une épreuve d'évaluation de la langue luxembourgeoise parlée. Le niveau de compétence à atteindre en langue luxembourgeoise est celui du niveau A1 du Cadre européen commun de référence pour les langues pour la compréhension de l'oral et pour l'expression orale;

c) lorsqu'il n'a pas suivi au moins trois cours d'instruction civique dont un doit obligatoirement porter sur les institutions luxembourgeoises et un sur les droits fondamentaux.

Les modalités relatives à l'organisation des épreuves et l'attestation de la compétence en langue luxembourgeoise parlée ainsi que celles relatives à l'organisation des cours d'instruction civique seront précisées par voie de règlement grand-ducal.

Les frais de participation aux cours de langue luxembourgeoise et d'instruction civique seront pris en charge par l'État suivant les modalités à déterminer par règlement grand-ducal.

(s.) Colette Flesch, François Bausch, Félix Braz, Charles Goerens, Claude Meisch.

Här President, ech wëll och nach e puer allgemeng Remarquen zur Sproochefro maachen. Eng effikass Aktioun am Intérêt vun der Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch bei onsen auslännesche Matbierger ka sech net eleng un d'Fro vun der Nationalitéit knäppen.

Mir hunn am Joer méi oder wéineger 1.000 Naturalisatiounen. An därselwechter Zäit - an engem Joer - kommen iwwer 16.000 Auslänner an d'Land an de Solde migratoire, wann een also d'Départë vun den Arrivéeën ofzitt, etabléiert sech am Joer op 6.000 Leit. Dat si Chiffere vum Statec. Ech hunn déi net erfonnt. Dat sinn offiziell Chifferen.

Souguer wann d'Naturalisatioune sollten an d'Luucht goen duerch de Fait vun dëser Législatioun, déi mer elo diskutéieren, bleiwe mer doudsécher ganz wäit ewech vun deene Chifferen, déi ech elo genannt hunn. Wa mer also wierklech wëllen eppes fir den Apprentissage vum Lëtzebuergesche maachen, da musse mer deene Leit, déi nei an d'Land kommen, d'Méiglechkeet ginn, ons Sprooch ze léieren.

An anere Wierder: Deen Effort muss vill méi vaste sinn, wéi nëmmen eng Dispositioun am Nationalitéitegesetz. Da musse mer och bei der Immigratioun, bei der Integratioun, bei all deene Gesetzgebungen Dispositiounen aschreiwen, wou mer ons d'Mëttele ginn - an déi si gewalteg -, deene Leit, déi an d'Land kommen, effektiv d'Méiglechkeet ze ginn, fir ons Sprooch ze léieren. Da geet et - dat soen ech nach eng Kéier - mat den 200 Stonne vum Congé linguistique net duer.

An Däitschland si se bei ähnlechen Dispositiounen op 600 Stonnen an engem Milieu unilingue, wou d'Leit eng total Immersioun an d'däitsch Sprooch maachen, während mir hei an engem Milieu multilingue sinn. Et si ganz vill Leit, déi op hirer Aarbechtsplaz net vill Lëtzebuergesch schwätzen, mä éischter Englesch oder Däitsch oder Franséisch. Also, et ass nach méi schwéier bei ons, wéi an engem Land wéi Däitschland. A Frankräich hu se e ganz souple System. Do adaptéiert sech de System un de Besoinë vun deene concernéierte Leit. Also, ons mickreg 200 Stonne ginn doudsécher net duer!

Wa mer also d'Diskussioun iwwert d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch duerch ons auslännesch Matbierger wëlle beschränken un de Kader vun der Naturalisatioun, dann ass dat déi verkéiert Debatt. An déi Debatt bei der Naturalisatioun huet eppes ze di mat Motifs sous-jacents, iwwert déi de Conseil d'État sech Froe stellt.

Här President, eng zweet Bemierkung. D'CSV huet elo eng Campagne lancéiert „eng Offensiv fir eis Sprooch", mam Zil, fir d'Lëtzebuergescht an d'Verfassung anzeschreiwen.

Här President, säit zwee oder dräi Joer diskutéiere mir an der Verfassungskommissioun iwwert déi Fro vun der Inscriptioun vun enger Referenz un d'Lëtzebuerger Sprooch an onser Verfassung. Ech schwätzen ënnert dem Contrôle vum Här Paul-Henri Meyers, dem President vun där Kommissioun, vum Här Bodry a vun all deenen anere Membere vun där Kommissioun.

An enger éischter Etapp hu mer an där Kommissioun zu véier Fraktiounen déi ausgrenzend Formulen à la „Lëtzebuerg de Lëtzebuerger" écartéiert. Déi Formulen, déi onse Frënn vun der ADR esou um Häerz leien. Do hu mer gesot: Dat dote geet net! Mir kënnen net soen: D'Lëtzebuergescht ass nëmmen d'Sprooch vun de Lëtzebuerger. Mir hätte gären, dass d'Lëtzebuergescht d'Sprooch ass, déi hei am Land geschwat gëtt vun de Lëtzebuerger, mä och wa méiglech vu villen anere Leit.

Mir hunn zu véier Fraktiounen eng équilibréiert Formule fonnt, déi eng Referenz mécht op ons linguistesch Situatioun, ons Sproochesituatioun hei am Land; dat heescht, eng Referenz mécht un d'Lëtzebuerger Sprooch, d'Franséischt an d'Däitscht. A mir hunn eng Formule bäigesat, wou mer soen, d'Regierung soll derfir suergen, dass Promotioun gemaach gëtt vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Här President, elo schwätzen ech ënner Ärem Contrôle. Den 29. Mee 2008 hutt Dir de Fraktiounen an de Sensibilités politiques geschriwwen, fir se ze froen, si solle sech ausspriechen iwwert d'Opportunitéit, de Régime linguistique an ons Verfassung anzeschreiwen. Dir hutt déi Formule, déi dee Moment vun der Kommissioun envisagéiert wor an déi ech virdru résuméiert hunn, an Ärem Bréif bäigefügt.

Säit deem Bréif vum 29. Mee hu véier Fraktiounen op Äre Bréif, Här President, geäntwert: d'CSV, d'LSAP, Déi Gréng a mir. Déi véier Fraktiounen hunn déi Formule akzeptéiert. Déi Formule huet also den Accord vun enger ganz grousser Majoritéit vun der Commission juridique. Eng Majoritéit, déi ouni Weideres duergeet, fir déi constitutionnel Modifikatioun hei am Plenum duerchzezéien. Dass d'CSV elo probéiert, sech dat eleng un den Hutt ze stiechen, fannen ech net éierlech, net brav, an ech fannen et léisst déif blécken.

(Interruption)

Ech wonnere mech och, Här President, dass déi Häre Biltgen, Wolter, Schank a Mosar an d'Madame Modert probéieren, den Här Paul-Henri Meyers, deen ech als e gudde President vun der Verfassungskommissioun kennen an deen ech als integere Politiker schätzen, an där Fro ze instrumentaliséieren. Hien huet dat doudsécher net verdéngt.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Esou ass d'CSV!

(Interruptions diverses)

Typesch CSV!

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, hei si mer erëm bei de Motifs sous-jacents, déi dem Conseil d'État Suerge gemaach hunn an Interrogatiounen agefloss hunn.

Ech wéilt an deem Kontext och, Här President, op e Lapsus vum honorabelen Här Wolter hiweisen, a senger Interventioun vum 30. Abrëll 2008 bei deemselwechte Sujet vun de Sproochen. Fir ganz prezis ze sinn, zitéieren ech de Compte rendu vum Plenum vun der Chamber - Säit 487; fir déi, déi wëllen nokucken -, an ech zitéieren den Här Wolter: „Mir gesinn d'Angscht, jo, Madame Flesch, an dat differenzéiert eis."

Effektiv, Här President, dat differenzéiert ons!

Mir hu keng Angscht. Mir erkennen de Wäert vun onser Sprooch a gleewen, dass se en Element ass vun onser Identitéit.

Ech stelle fest a mir freeën ons doriwwer, dass se am Opdriff ass. Ech hunn dat hei scho gesot: Wéi ech '69 an dëst Parlament komm sinn, sinn néng Zéngtel vun de Rieden op Franséisch gehale ginn a knapp een Zéngtel op Lëtzebuergesch. Et gëtt keng franséisch Ried méi an dësem Parlament gehalen. Ech schwätzen emol net vun de Gemengeréit. Ons Sprooch ass am Opdriff. Mir brauchen ons do keng Suergen ze maachen.

Mir mengen, wéi den Här Braz viru kuerzem gesot huet, dass ons Sprooch net der ADR, net der CSV, net iergendenger Partei geféiert. Si geféiert alle Lëtzebuerger an alle Leit, déi se wëlle léieren.

Une voix.- Très bien!

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Mir plädéieren also fir eng breet gefächert Offerte vum Unterrecht vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Beim Nationalitéitegesetz am 21. Jorhonnert, als Bierger vun engem Land, wat Member ass vun der Europäescher Unioun, an där Situatioun, an där mir ons an onsem Land befannen a wou mir onsen auslännesche Matbierger esou vill vun onsem Wuelstand verdanken, plädéiere mir fir d'sozial Kohesioun, fir en echt Demokratieverständnis, fir eng reell Ouverture, déi de Kandidaten zur Naturalisatioun keng inavouéiert an inavouabel Obstaclen an de Wee leet.

Här President, wann ons Amendementen net sollten ugeholl ginn, kënne mir dëse Projet de loi net stëmmen. Mir kënnen deem Projet de loi ons Zoustëmmung net ginn.

Ofschléissend wëll ech nach eng kuerz Bemierkung zur Prozedur maachen. Si ass scho gemaach gi bei deenen Diskussioune virdrun, bei der Verfassung.

Wa mer wëllen, dass déi Period, déi elo kënnt, korrekt iwwert d'Bühn geet, da wär et gutt, wann dat Nationalitéitegesetz, wann et gestëmmt ass, esou schnell wéi méiglech kéint publizéiert ginn. Mä et soll een awer ofwaarden, ier een d'Modifikatioune vun den Artikelen 9 an 10 vun der Verfassung publizéiert, fir dass mer évitéieren, dass mer an deenen dräi leschte Méint vum Joer e Vide juridique kréien.

Et sinn nach ganz vill Naturalisatiounen am Tube, déi nom ale System agereecht si ginn, déi scho ganz wäit beaarbecht sinn. Ech fannen et wär schued, wa mer dat net kéinten ofschléissend nach maache virum Enn vum Joer.

Ech géif also d'Regierung bieden, dorobber opzepassen. Mir hate scho bei der Diskussioun den 30. Abrëll op dee Problem higewisen. De President vun der Verfassungskommissioun an de Rapporteur hunn haut de Mëtteg drop higewisen. Ech wier frou wann d'Regierung ons kéint bestätegen, dass et esou gemaach gëtt, dass mer do kee Problem kréien.

Här President, ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen lech Merci, Madame Flesch. Als Vertrieder vun der sozialistescher Fraktioun huet elo d'Madame Err d'Wuert.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech uganks vu mengen Ausféierungen dem Rapporteur Merci soe fir déi vill Aarbecht, déi en an dëse Rapport gestach huet. Dat ass incontestabel, och dann, wann ech manner mam Contenu wéi mat der Form vun dësem Rapport meng Problemer hunn. Besonnesch och dofir, well schréftlech Amendementer, déi reklaméiert gi sinn an déi an Zäit vun dräi, véier Deeg ofgeliwwert gi sinn, net iwwerholl gi sinn.

Et bleift, dass et hei net ëm en Toun geet. Hei geet et ëm e Resultat. Hei geet et ëm e Gesetz, an ech wäert mer Méi ginn, trotz där gewëssener Frustratioun par rapport zum Toun, en objektive Compte rendu ze maache vun dësem Gesetz.

Wann een iwwer Froe vun Nationalitéit schwätzt, da werft dat Froen op, wéi zum Beispill déi: Wat ass Lëtzebuerg fir e Land? Wat sinn d'Lëtzebuerger fir eng Natioun? Wat si se fir Leit? Wat ass et, wat d'Geschicht vun de Gesetzer iwwert d'Nationalitéit an der Vergaangenheet an an der rezenter Vergaangenheet ausmécht? Wat mécht de Lëtzebuerger aus? A gegebenenfalls och: Wat ass de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch?

Aus engem Sondage vum „Jeudi", deen anlässlech zum Nationalfeierdag gemaach ginn ass, wou gefrot gouf: „Wat mécht e Lëtzebuerger aus?", liesen ech lech just déi Äntwerte vir, ouni d'Prozentsätz hei ze preziséieren: 1. Lëtzebuergesch schwätzen; 2. gären zu Lëtzebuerg wunnen; 3. zu Lëtzebuerg gebuer sinn; 4. zënter laangem zu Lëtzebuerg liewen; 5. eng Lëtzebuerger Identitéitskaart hunn; 6. zwee Elterendeeler hunn, déi Lëtzebuerger waren; 7. d'Institutioune vum Land kennen; an dann: een Elterendeel Lëtzebuerger hunn oder awer - siehe und staune! - zu Lëtzebuerg schaffen. Och dat ass also an de Käpp vun deene Sondéierten ee méiglecht Element vun der Lëtzebuerger sougenanntener Identitéit.

Dat, wat mech op jidde Fall verwonnert, wann ech déi Äntwerten hei kréien, dat ass, dass alles dat, wat fir mech en Element vun der Cohésion sociale zu Lëtzebuerg ass - zum Beispill de Bien-être économique et social, deen ouni Zweifel vill vun deene Leit, déi net hei liewen, déi awer op Lëtzebuerg kommen, op Lëtzebuerg bréngen, oder Saache wéi eng gemeinsam Kultur oder eng Geschicht, déi am Zesummenhang mat der europäescher Geschicht vill Similaritéiten huet mat der Geschicht vun anere Länner -, Niewesaach ass par rapport zu der Sprooch. Duerfir wonnert ee sech och net allze vill, wann een elo gesäit, wat fir een Intérêt der Sprooch an dësem Text hei zougemooss gëtt.

Zum Land: Wat ass Lëtzebuerg fir e Land? Wann een heibanne géif d'Leit froen, géife mer soen: Et ass e klengt Land, e schéint Land a sécherlech och e Land, an deem et de Leit iwwert den Duerchschnëtt, net nëmmen iwwert den europäeschen Duerchschnëtt, mä op dem Weltplangduerchschnëtt, ekonomesch a sozial gutt geet.

Et ass e Land, wou d'Densitéit vun der Populatioun relativ kleng ass an et ass e Land vu manner wéi enger hallwer Millioun Awunner. Et ass e Land, wou de PNB duebel esou héich ass wéi d'Moyenne vun deenen aneren europäesche Länner - jiddefalls elo nach -, praktesch duebel esou héich wéi bei eisen direkten Noperen; Belsch, Frankräich an Däitschland.

Dobäi muss ee soen, dass déi Zifferen do awer mat Virsiicht ze genéisse sinn, well d'Ziffere vum PIB, dat ass am Fong d'Zomm vun de Revenuen an de Salairen, Richessen, déi zu Lëtzebuerg geschafe ginn, an déi ginn natierlech matgeschafe vun de Frontalieren - an dat sinn der 130.000 zu Lëtzebuerg -, esou dass een dee Montant sécherlech muss pondéréieren.

Et bleift awer, dass eise Liewensstandard zu Lëtzebuerg jiddefalls bis auf Weiteres nach ëmmer e besseren ass wéi den normalen Duerchschnëtt an Europa.

Och den Index vun der mënschlecher Entwécklung ass zu Lëtzebuerg gutt. Vill manner gutt wéi dee vun der ekonomescher Entwécklung. Well wa mer op deem Punkt, vum PNB a vum RMB, déi Éischt sinn, si mer beim Index vun der mënschlecher Entwécklung op 18. Plaz. A wann et ëm d'sexospezifesch Appréciatiounen oder Kritäre geet, da rutsche mer souguer och nach op 23.

Et bleift, dass Lëtzebuerg en interessant Land ass; fir d'Lëtzebuerger sécherlech. D'Lëtzebuerger, déi de Moment 60% vun der Bevölkerung ausmaachen.

An interessant ass et, déi Zifferen hei ze héieren: 91% vun deene Lëtzebuerger, déi hei liewen, hunn een Elterendeel, dee Lëtzebuerger ass. 9% nëmmen hätten zwee Elterendeeler, déi Lëtzebuerger sinn, während 25% een Elterendeel sollen hunn, deen Auslänner ass, a souguer Grousselteren an der Proportioun vun 89%.

Do kéint een zur Schlussfolgerung kommen, dass souguer déi 60% Lëtzebuerger, déi de Moment hei liewen, ganz wéineg e sougenanntene Luxembourgeois de souche sinn - wat jo Gott sei Dank an deem neie Gesetz eng Notioun ass, déi ofgeschaaft gëtt, well se a priori diskriminatoresch ausgesäit. Well ee sech kéint virstellen, dass déi Leit, déi Luxembourgeois de souche sinn, méi Wäert wiere wéi Lëtzebuerger, déi en echten Effort gemaach hunn an e Wëlle gewisen hunn, fir dat ze ginn.

90% vun de Lëtzebuerger hei zu Lëtzebuerg si Lëtzebuerger duerch Gebuert, 5% duerch Optioun a 5% iwwer Naturalisatioun. 2007 waren dat 1.250 Leit, hallef Naturalisatioun an hallef Optioun.

Duerfir sinn ech erstaunt, dass bis elo op dëser Tribün am Fong nach kee sech Gedanken driwwer gemaach huet, wat d'Ofschafung an dësem Gesetz vun der Optioun eventuell vu Répercussiounen huet op den Total vun den Netlëtzebuerger, déi wëlle Lëtzebuerger ginn an déi am Fong dee vereinfachte Wee vun der Optioun net méi hunn. Dat sécherlech eleng wier eng Iwwerleeung wäert gewiescht, fir eventuell déi Konditiounen, déi par ailleurs am Gesetz stinn, ze vereinfachen.

40% Auslänner zu Lëtzebuerg de Moment, haaptsächlech europäesch Auslänner, 40% vun deem Auslännerundeel si Portugisen, 12% Fransousen, 10% Italiener, 9% Belsch a 5% Däitscher, 2,8% Briten an 2% Holländer. 15% nëmme vun deene 40 sinn net Europäer an domadder sinn d'Demandeurs d'asile mat ageschloss.

Wat elo en neit Element ass, dat ass, wat d'Statistiken oder d'Sondagë jiddefalls viraussoen, dass an der Zukunft déi Zuel vun deenen net europäesche Matbierger zu Lëtzebuerg wäert an d'Luucht goen, an dass dat e Renversement mat sech bréngt vun der Sprooch, déi en règle générale zu Lëtzebuerg am meeschte geschwat gëtt. Dat ass, wéi mer wëssen, de Moment Franséisch, well et ebe kloer ass, wéi aus de Prozentsätz ervirgeet, déi ech lech virgelies hunn, dass déi meescht Europäer aus Romanesch schwätzende Länner kommen an dat dat mat sech bréngt.

Wa mer elo dovunner ausginn, dass deen Undeel erofgeet an dass mer aus slawesche Länner sécherlech vill méi Leit heihinner kréien, dann ass et kloer, dass mer eis musse Gedanke maachen, ob déi allgemeng Sprooch, déi zu Lëtzebuerg am meeschte geschwat gëtt, wéi et haut de Fall ass, muer och nach déiselwecht wäert sinn, an ob et dann eng Sprooch wäert sinn, déi allen Auslänner, déi zu Lëtzebuerg wunne wäerten, déiselwecht Chancë gëtt an hirer Integratioun, virun allem och wat d'Kanner ubelaangt an hirer Scolaritéit.

Interessant schéngt et mir ze sinn, dass an enger Analys vun der OCDE gesot gëtt, dass indépendamment vun de Sproochen d'Durée de résidence ni géif mat sech bréngen, dass eng méi grouss Mass vu Leit géifen d'Nationalitéit ufroen, wéi dat virdrun de Fall ass. Dat ass eng berouegend Constatatioun, well mir hu festgestallt, dass mer no eiser Reform vun 2001, wou mer den Délai de résidence fir d'Naturalisatiounen erofgesat hunn, wou mer d'Optioun awer bäibehalen hunn, obscho mer eng Populatioun hunn, déi massiv eropgaangen ass, keng Zuelen haten, déi an d'Luucht geschnellt sinn.

Dorauser kann ee schléissen, dass och dann, wann um Pabeier wéinstens d'Durée de Moment sollt eropgoen, dat net onbedéngt eng Diminutioun vun der Zuel vun deene Leit duerstellt, déi wäerte probéieren, Lëtzebuerger ze ginn.

Mir wëssen, dass Lëtzebuerg, wat d'Sproochen ubelaangt an iwwerhaapt och wat d'Ekonomie ubelaangt, kee Land ass wéi déi aner ronderëm. Well an engem anere Land wéi Lëtzebuerg géif sech déi Fro guer net stellen, ob ee muss d'Sprooch kënnen oder net. Duerfir mengen ech, ass et iwwerflësseg, fir ze soen, an all Land wier dat esou, an duerfir misst et och zu Lëtzebuerg esou sinn.

Mir sinn an engem Stat, wou Plurilinguisme ass, an an enger Etüd vum Europarot iwwert de Capital linguistique vun de Memberstate gëtt gesot: «La langue maternelle du Luxembourgeois est le plurilinguisme.»

Da kënne mer elo unhuelen,...

(Interruption)

...dass deem esou ass.

Et bleift awer, dass zu Lëtzebuerg eng Situatioun ass, déi néierens esou ass, an zwar folgend: Dass een Drëttel vun der Bevölkerung zwee Drëttel vun de Kanner kritt, an dat sinn d'Netlëtzebuerger, dass ee Résident op zwee, ee Salarié op dräi an ee Créateur d'entreprise op véier Netlëtzebuerger sinn, mä dass awer déiselwecht Leit, déi d'Kanner kréien, déi schaffen an déi Entreprisë schafen zu Lëtzebuerg, kee Stëmmrecht hunn an dass dat u sech op d'laang Weil sécherlech en Defizit net nëmmen démographique, mä och démocratique ass, deem probéiert soll ginn, iwwert de Wee vun dësem Gesetz ofzehëllefen.

Dee Sproch, deen d'Madame Flesch hei uklénge gelooss huet - Lëtzebuerg de Lëtzebuerger -, ass also eppes, wat haut net méi hei gëlle kann. An et ass, wann een d'Zukunft kuckt a wann een d'Vergaangenheet analyséiert, onzoumuttbar, fir d'Roll an de Mérite vun den Auslänner zu Lëtzebuerg ze ënnerschätzen, well Lëtzebuerg brauch d'Auslänner, och dann, wann d'Auslänner sécherlech och Lëtzebuerg brauchen an eventuell och d'Lëtzebuerger.

2020 - et ass ugeklongen - wäerten zu Lëtzebuerg méi Auslänner liewe wéi Lëtzebuerger, a mir géifen also gutt drun doen, eis lues a lues un dee Gedanken ze gewinnen, eis drop virzebereeden an ze probéieren, voluntaristesch eng Integratioun ze maachen, déi bis elo net allze vill schlecht geklappt huet, mä déi éischter d'Resultat vun engem glécklechen Zoufall war, well d'Auslänner zu Lëtzebuerg eng ähnlech Kultur, eng ähnlech Geschicht haten a sech domadder gutt matenee respektiv ouni Problemer niewentenee konnten zesammefaassen.

Interessant ass et, ze analyséieren, ob dat Gesetz, wat haut hei zum Vote virläit, där Ambitioun, déi et huet, den demographeschen an den demokrateschen Defizit ze decken, gerecht gëtt.

Duerfir dräi Wierder Introduktioun, ier ech zum Text selwer kommen, iwwert d'Natioun. De Rapporteur huet ugeklonge gelooss, wat eng klassesch an eng modern Definitioun vun der Natioun wier.

Ech wollt am Fong de klasseschen Historiker, de Gilbert Trausch, zitéieren, fir ze soen, dass mir theoretesch net nëmmen déi Kritären, déi klassesch Kritäre vun der Natioun erfëllen, déi do sinn: Territoire, langue, réflexion sur le passé, sacrifice - net fir eis selwer, mä fir eis Virfahre sécher am Krich - a Bien-être commun. An eigentlech kéint een derbäisetzen: Cohésion sociale.

Menges Erachtens feelt un deem Konzept eigentlech net méi ganz vill, ausser deem vun dem Wëllen, zesummenzeliewen an zesummen an engem gemeinsame Geescht, an engem gemeinsamen Intérêt ze schaffen.

Mir hunn ausser deene klasseschen Elementer vun der Natioun och nach aner Saachen, wéi eis Nationalhymn, mir hu souguer net nëmmen een, mä zwee Fändelen. Mir hunn also kee Problem, fir d'Kritäre vun der Natioun ze erfëllen.

Derniewent ass et awer och interessant, dem Denis Scuto säin Aufsatz «Qu'est-ce que c'est qu'un Luxembourgeois?» ze analyséieren, deen da kuckt, wéi d'Evolutioun vun eise Gesetzer iwwert d'Nationalitéit an der leschter Zäit war. Ech maachen déi Analys ganz zesummegerafft folgendermoossen: Hie seet virun allem, an dat wëll ech hei ënnersträichen, dass d'Nationalitéit net nëmmen e Recht ass, mä och eng Politik. Eigentlech misst ee soen: Och eng Politik misst sinn - mä et ass ni ze spéit, fir besser ze maachen.

Ech mengen, dass et géif Zäit ginn, dass Lëtzebuerg sech mat der Integratiounspolitik, mat der Immigratiounspolitik, mat der Nationalitéitepolitik och géif oprappen a konkret eng voluntaristesch Sproochepolitik géif maachen, a sech am Kader vun där Sproochepolitik géif mat allen Aspekter, net nëmme vun deenen Inlänner an de Résidentë vun haut, mä och vun deenen, déi muer an iwwermuer hei wäerten erakommen, auserneesetzen.

Et muss een also kucken, dem Denis Scuto no, dass zu Lëtzebuerg sech - net nëmmen an de Käpp vun de Leit an an den Aussoe beim Comptoir notamment - zwou Aspiratioune Plaz maachen, déi kontradiktoresch sinn: engersäits de Wonsch vun Auslänner an Integratioun vun deeneselwechten Auslänner, an awer anerersäits och eng gewësse Méfiance an e Wëllen ze kontrolléieren, ob déi Auslänner, déi wëlle Lëtzebuerger ginn, dann effektiv och gutt genuch integréiert sinn, fir kënnen dee Sprong do ze schaffen.

Dat ass keng ganz kloer Sprooch, an ech mengen, dass Lëtzebuerg sech och muer muss determinéieren, e klore Wee virzegi vun enger wierklecher Ouverture oder enger wierklecher Kontroll vun der Integratioun.

Ouverture a Méfiance charakteriséieren also dann och eis Législatiounen, déi nom Zweete Weltkrich verständlecherweis ganz restriktiv gi sinn. D'Optioun war ofgeschaaft ginn. 1968 ass dat éischt e bësse méi oppent Gesetz komm, wou d'Optioun erëm agefouert ginn ass. 1986 ass et eréischt zu enger Egalitéit zwëschent Männer a Frae komm, wat d'Nationalitéitegesetz ubelaangt, an och ass do den Délai vu 15 op zéng Joer erofgesat ginn. 2001 ass den Délai op fënnef Joer gekierzt ginn, an, wéi ech et elo grad scho gesot hunn, huet d'OCDE festgestallt, dass trotz där Verkierzung do keng massiv Augmentatioun vun den Demandë komm ass.

Duerfir denken ech och, dass dat, wat haut um Dësch läit a wat zwar um Pabeier eng Augmentatioun vum Délai, fir Lëtzebuerger ze ginn, duerstellt, awer an der Praxis datselwecht wäert bleiwe wéi dat, wat mer bis elo hunn a keng massiv Ännerunge wäert am Taux vun den Naturalisatioune mat sech bréngen.

Et sief dann, dass d'Tatsaach, dass mer d'Optioun ofschafen - dat heescht, dee vereinfachte Wee fir gewësse Leit, Lëtzebuerger ze ginn -, eventuell negativ Influenze kritt. Duerfir sinn ech iwwerzeegt, dass, wa mer dat Gesetz hei gestëmmt hunn, mer dat mussen evaluéieren no kuerzer Zäit, éischtens, ob et gutt war, dass mer d'Optioun ofgeschaaft hunn, wat am Prinzip a mengen Ae wichteg ass, well d'Optioun ass iergendwou gesinn, par rapport zur Naturalisatioun, eng Discrimination positive fir verschidde Leit, ouni dass déi derfir eppes hu misse maachen, fir déi Vereinfachung ze kréien.

Duerfir wëll ech ganz kuerz résuméieren, wat eist Gesetz, wat mer haut hunn, duerstellt, a wat déi Haaptännerunge sinn, fir dann op zwee, dräi Punkten duerno anzegoen.

Eist Gesetz vun haut mécht eng Distinctioun zwëschent den echten, de waschechte Lëtzebuerger, sougenanntene Luxembourgeois de souche, an de Luxembourgeois par naturalisation. Dat hu mer fäerdeg bruecht erauszehuelen, well och dat ass eng diskriminatoresch Notioun. Mir haten eng Procédure légale, a jiddfereen, deen där Procédure légale emol bäigewunnt huet, dee weess, dass dat net dat Gielt vum Ee war, well et ganz schwéier ass, op Basis vun engem Dossier, deen zesummegestallt gëtt aus Avisë vu verschiddene Gemengen, vum Statsrot, vun der Police vu verschiddene Plaze vum Land, den Dénominateur commun erauszestellen, fir ze kucken, ob d'Konditioun vun der Integratioun erfëllt ass.

D'Konditioune sinn de Moment bekannt: fënnef Joer Résidence, vun enger vun deenen dräi Sproochen - och vum Lëtzebuergeschen - Basiskenntnisser ze hunn an och d'Honorabilitéit. Meng Virriedner sinn op alles agaangen.

Interessant ass et just fir festzestellen, dass et an eisem heitege Gesetz d'Optioun gëtt fir Kanner, déi hei vun auslänneschen Elteren op d'Welt kommen, oder fir Kanner, déi am Ausland op d'Welt kommen an déi en Elterendeel hunn, dee Lëtzebuerger ass, oder fir Kanner, déi hir Scolaritéit zu Lëtzebuerg gemaach hunn oder vu Lëtzebuerger adoptéiert ginn, oder Leit, déi mat engem Lëtzebuerger oder enger Lëtzebuergerin bestuet sinn. Déi hunn eng vereinfacht Manéier, fir Lëtzebuerger ze ginn. Wéi gesot ass och dat net justifiéiert duerch aner Elementer wéi déi, déi den Hasard vum Liewen esou spillt, esou dass et am Fong a mengen Aen

eng richteg Optik war, fir déi Optioun ofzeschafen a jiddferee gläichzestelle virum Gesetz vun der Nationalitéit.

Et muss ee just elo kucken, ob mer domadder net nach méi eroffalen am Prozentsaz vu Leit, déi all Joer zu Lëtzebuerg eis Nationalitéit ufroen, well mir sinn de Moment schonn a ganz Europa dat Land, wat am mannsten Auslänner pro Joer seng Nationalitéit gëtt, obschonns mir dat Land sinn, wat déi meeschten Auslänner huet a wat dee gréissten Intérêt hätt, fir méi opzemaache wéi aner Länner. Dat schéngt also bis elo net de Fall gewiescht ze sinn.

D'Neiegkeet ass, dass elo mer eng duebel Nationalitéit, eng Plurinationalitéit kënne kréien. Dat heescht also, dass net nëmmen Auslänner, déi zu Lëtzebuerg sinn, kënne Lëtzebuerger ginn, ouni hir Nationalité d'origine ze verléieren, mä och virun allem - an dat ass nëmmen en marge hei ugeklongen -, dass Lëtzebuerger, déi am Ausland sinn an do d'Nationalitéit ugeholl hu vun hirem Pays d'adoption, hir Lëtzebuerger Nationalitéit kënnen erëmkréien. Et ass keng Optioun méi.

Dat Wichtegst an dee favorabelste Punkt zesumme mat der duebeler Nationalitéit am Prinzip ass sécherlech, dass d'Procédure administrative géintiwwer der Procédure actuelle, wat eng legislativ ass, mat all deenen Handicapen, déi dat an der Dauer an an der Schikanerie mat sech bréngt, eng sensibel Verbesserung duerstellt.

D'Procédure administrative geet vill méi schnell, si muss an aacht Méint eriwwer sinn an huet den enormen Avantage par rapport zu der Procédure légale, dass e Recours gemaach ka ginn, wann d'Resultat vun der Demande net deem entsprécht, wat ee sech erwaart huet.

D'Konditioune gi geännert, wéi dat schonn ugeklongen ass: siwe Joer amplaz fënnef an Instruction-civique-Coursen, wat duerchaus ze begréissen ass. Et wier och wënschenswäert, Lëtzebuerger op déi Coursen do ze invitéieren, fir eventuell Geleeënheeten ze schafen, dass sech op enger voluntaristescher Basis Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger begéinen, fir utile Saachen zesummen ze léieren an doduerjer am Fong sozial Kontakter ze knäppen op eng aner Aart a Weis, wéi déi hei de Moment normalerweis üblech ass.

Eng Ausnahm gëllt bei deene Konditiounen, an zwar fir Auslänner, déi viru 1984 zu Lëtzebuerg ukomm sinn, well eréischt 1984 eist Gesetz iwwert d'Sprooche komm ass. Dat ass eng Bestëmmung, déi mir als Sozialiste besonnesch begréissen, well mer fannen, dass Leit, déi schonn iwwer - ech kann esou schlecht rechnen - 24 Joer zu Lëtzebuerg sinn, och wa se d'Lëtzebuerger Sprooch net wäerte gutt schwätzen, sécherlech op deen een oder deen anere Wee integréiert sinn. Sief et doriwwer, dass se an enger Association de parents d'élèves sinn oder a soss enger Associatioun, sief et dass se Aktivitéiten hunn am Kader vun hirer professioneller Aktivitéit, déi iwwert de Kader vun deem reng Professionellen erausginn. Jiddefalls kann ech mer net virstellen, dass ee 24 Joer an engem Land lieft, ouni dass ee sech iergendwéi integréiert huet.

Et ass iwwregens och net eleng d'Sprooch - an dat ass jo schonn ugeklongen -, déi hei spillt, mä d'Sprooch vereinfacht sécherlech déi Integratioun, déi mer alleguerte gären hätten.

De Projet, dee virläit, féiert also net nëmmen de Prinzip vun der duebeler Nationalitéit, mä vun der Plurinationalitéit an eis Gesetzgebung an. Dat ass sécherlech e ganz wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung. Ob et duergeet, fir eisen demokrateschen Defizit erofzesetzen an eis sozial Kohesioun eropzesetzen, dat muss d'Zukunft weisen.

Mir musse jiddefalls d'Resultater vun deem Gesetz vun haut am A behalen, se evaluéieren a wann néideg ajustéieren, wann an deem engen oder anere Fall déi Resultater net dat sinn, wat mer eis erwaart hunn.

Wat bis elo och nëmmen en marge hei ugeklongen ass, dat ass, dass dat Gesetz hei nëmme spillt sous condition de réciprocité. Dat heescht nëmme par rapport zu deene Länner, déi och an hirer Gesetzgebung d'Méiglechkeet vun enger duebeler Nationalitéit hunn. Dat sinn a priori nëmmen europäesch Staten. Vu 27 Länner aus der Europäescher Unioun hunn der 15 eng Méiglechkeet vun enger duebeler Nationalitéit. Mir hunn also 15 Länner, mat deenen eis Klausel ka spillen.

Erstaunlecherweis awer huet vun deene 15 aneren europäesche Länner, ausser engem, keen d'Réciprocitéitsklausel agefouert. Duerfir wier ech interesséiert ze wëssen, wat d'Lëtzebuerger Regierung beweegt huet, fir op dee Wee do ze goen, deen engem a priori eng logesch Affär erschéngt, bis een ebe kuckt, wat an deenen anere Länner passéiert. Et schéngt mir kloer ze sinn, dass déi Clause de réciprocité et méi schwéier mécht, dass méi Leit, wat mir jo eigentlech gären hätten, eis Nationalitéit ufroen, wéi wa mer déi net hätten.

D'Aféierung vun der duebeler Nationalitéit - an do adresséieren ech mech speziell un d'Madame Flesch - hunn d'Sozialiste schonn zënter Jore gefrot, notamment 2001, wéi hei e Gesetz gestëmmt ginn ass, wou den Délai de résidence erofgaangen ass, a wou gemengt ginn ass vun den deemolege Koalitiounspartner, d'Zäit wier net räif. Ech denken, dass jiddferee sech kann un déi Zäiten erënneren. Esou laang ass et nach net hier, esou dass et haut sécherlech fir eis als Sozialisten och e Fortschrëtt ass, dass mer dee Schrëtt do maachen.

Wann déi Konditiounen, mat deenen dee Fortschrëtt do verbonnen ass, haart sinn a priori, dann denken ech, musse mer ofwaarden, fir ze kucken, wat d'praktesch Konsequenze vun dësem Gesetz sinn a gegebenenfalls upassen, nodeem mer no enger Uwendungszäit vun zwee oder dräi Joer festgestallt hunn, wat dann elo déi Inzidenzen an der Praxis sinn.

Mir hunn aus demographeschen an demokrateschen Defizitsaachen eraus en Intérêt derfir, dass méi auslännesch Matbierger d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhuelen. Dat ass kloer. Dass d'Konditiounen, ënnert deene se ugeholl gëtt, anerer sinn, wéi déi, déi an anere Länner gang und gäbe sinn, ass och kloer, aus deenen Ursaachen, déi ech schonn erkläert hunn.

Perséinlech huet mech gewonnert, dass a verschiddene Versammlungen, notamment mat auslänneschen Organisatiounen an A.s.b.l.en, op deenen ech zum Nationalitéitegesetz geschwat hunn, contre toute attente vu menger Säit et kloer war fir déi Auslänner, déi meeschtens Portugise waren - vu dass se 40% vun der auslännescher Populatioun hei ausmaachen -, dass kee vun deene Leit, mat deene mer iwwert d'Sprooche geschwat hunn, fonnt huet, dass dat eng onméiglech Saach wier, fir hinnen zouzemudden, Lëtzebuergesch ze léieren.

Sécherlech hu vill Leit vun deenen, déi scho länger Zäit hei am Land schaffen, Schwieregkeeten, déi Sprooch ze léieren, scho besonnesch doduerjer, well déi wéinegste Leit op hirer Aarbechtsplaz oder an hirem Privatliewe Lëtzebuergesch musse schwätzen an doduerjer am Fong déi Sprooch verléieren, och dann, wa se se geléiert hunn.

Ech erënnere mech do un eng Mataarbechterin - eng net Lëtzebuerger Mataarbechterin -, déi ech hat, déi op Lëtzebuerg komm ass an déi eleng Englesch geschwat huet, déi duerno Franséisch geléiert huet an, wéi se bei eis geschafft huet, Lëtzebuergesch geléiert huet. Vu dass all Mënsch virdru mat hir Franséisch geschwat huet, huet kee sech druginn oder huet kee se Lëtzebuergesch schwätze gelooss, esou dass trotz deem jorelaangen Uléiere vum Lëtzebuergeschen - wat wierklech keng einfach Geschicht war - am Endeffekt alles vergiess ginn ass, aus enger Situation de fait eraus, wou mir als Lëtzebuerger sécherlech och en Deel schold dru sinn, well mir ëmmer bereet sinn, wann een eng Sprooch schwätzt, wou mir mierken, dass e Schwieregkeeten huet, op déi ëmzesprangen, vun där mer unhuelen, dass se fir deen anere méi geleefeg ass.

Et ass also duerfir kloer, dass déi Konditiounen, déi mer hei hunn, mussen an engem Gesamtkonzept analyséiert ginn. Et muss een dann och kucken, dass een d'Resultater vun deene Konditiounen an der nächster Zukunft evaluéiert.

Et bleift och, dass d'Durée de résidence an d'Sproocheklausel et sécherlech net evident maachen, dass eisen demokrateschen Defizit domadder kann opgehuewe ginn, dass déi Leit, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, selbstverständlech jo och kënnen oder souguer musse bei den Nationalwahle wiele goen. Wa mer gesinn, wat déi Méiglechkeet bei den Europawahlen a bei de Gemengewahle fir eis europäesch Matbierger ausgemaach huet, da kann ee menger Meenung no dofir net ze vill optimistesch sinn.

Ech wëll och hei ervirsträichen, dass op d'Wierke vun der LSAP-Fraktioun hi sech en Element vum Droit du sol an dësem Gesetzestext erëmfonnt huet - ënnerstëtzt natierlech vun der grénger Fraktioun -, de sougenannten „Double droit du sol". Dat heescht, Kanner, déi zu Lëtzebuerg gebuer sinn, deenen hir Elteren Auslänner waren, vun deenen een Elterendeel awer och schonn zu Lëtzebuerg gebuer war, kréien automatesch d'Lëtzebuerger Nationalitéit accordéiert.

Dat ass e wichtegt Signal, besonnesch och fir eis italienesch a portugisesch Matbierger, déi elo schonn an zweeter, an drëtter Generatioun zu Lëtzebuerg sinn. Déi kënnen hir Nationalitéit behalen an an engems d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien.

Vill vun deene Leit sinn och dann, wa se net Lëtzebuerger sinn, zu Lëtzebuerg integréiert. Mech huet besonnesch touchéiert, dass bei sportlechen Evénementer, beispillsweis wa portugisesch, franséisch oder aner Equipen e wichtege Match gewannen, ganz oft net nëmmen de Fändel eraushänkt vun där Natioun, déi gewonnen huet, mä niewendrun och de Lëtzebuerger Fändel. Dat ass a mengen Aen och en Zeeche vun Integratioun, vum Zesummegehéieregkeetsgefill, wat leider net ugerechent gëtt am Kader vun dësem Gesetz.

Zur Sprooch ass villes gesot. D'Madame Flesch huet sech an allen Detailer mat där Problematik auserneegesat. Villes kéint een deelen. Sécherlech ass awer och ee ganz kloeren Avantage an der jëtzeger Prozedur par rapport zur heiteger dran, an zwar deen, dass déi Evaluatioun, wéi se geschitt, uniform geschitt, objektiv geschitt: Sproochekenntnisser, déi ee muss ganz kloer definéiert hunn, andeem dass ee sech am Cadre européen commun de référence pour les langues vum Conseil de l'Europe eng Referenz gesicht huet, déi et erlaabt, dass all Mënsch op därselwechter Adress logéiert ass. Dat heescht, dass all Mënsch d'selwecht evaluéiert gëtt. Dat war bis elo kengesweegs de Fall.

Et besteet keen Zweifel drun, dass déi Tatsaach Lëtzebuergesch ze schwätzen eng Méiglechkeet ass, fir sech besser ze integréieren. Et ass awer och kloer, dass een och déi Incitatiounen, fir dëse Facteur vun Integratioun ze maachen, hätt kënne verbesseren, amplaz eng Obligatioun doraus ze maachen. Et bleift, dass een näischt verléiert, wann ee probéiert wéi déi Sproochenexigenze sech op den Integratiounsfacteur auswierken.

Ech géif proposéieren, dass mer dee Sprochenniveau, wéi en och ëmmer ass, an enger Zäit vun dräi Joer evaluéieren, ganz detailléiert op seng Répercussiounen, op d'Zuel vun den Naturalisatioune gradesou wéi op déi aner Konditiounen hin. A wa mer gesinn, dass mer trotz dëser Ouverture iwwert d'duebel Nationalitéit keng Répercussiounen an den Zuelen hunn, dann ergëtt sech ganz kloer déi Konklusioun doraus, dass een déi eng oder déi aner Konditioun muss réevaluéieren.

Et ass och kloer, dass et virum Apprentissage vun enger Sprooch keng Egalitéit gëtt. Eng Egalitéit ass souwisou eppes Theoretesches, wat an der Praxis ganz schlecht ze faassen ass. Mä et liicht jiddferengem an, dass et fir een, deen zu Lëtzebuerg seng Schoul gemaach huet an dee seng Schoulzäit zur Halschent domat verbruecht huet Sproochen ze léieren, sécherlech vill méi einfach ass, eng aner, eng nei Sprooch derbäizeléieren, wéi fir Leit, déi zu Lëtzebuerg ukommen an déi knapps hir eege Sprooch schwätzen.

Och dat ass en Element vun Egalitéit, wat net däerf hei verluer goen. Et kann net sinn, dass Lëtzebuerg drop aus wier, de Leit den Accès op eis Nationalitéit ze favoriséieren, just well se méi en héije QI hu wéi anerer. Dat ass och fir Lëtzebuerg net akzeptabel.

Dee geplangten Institut national des langues gesäit vir, am Beräich vun de Lëtzebuerger Coursen Efforten ze maachen: mei Coursen, méi Personal an eng besser Formatioun fir Formateuren. Dat alles ass sécherlech ze begréissen, awer et ass zesumme mam Congé linguistique - deen ouni Zweifel nach ze wënschen iwwreg léisst, besonnesch well mer en nach net hunn - och nach eng Tatsaach, dass mer och vum Institut national des langues eng Antenn am Süde brauchen, well schliesslech sinn do déi meeschte Leit, déi eventuell interesséiert wieren, un deene lëtzebuergesche Coursen deelzehuelen.

Iwwert d'Durée de résidence ass och scho villes gesot ginn. Ech wëll just nach eng Kéier drop hiweisen, dass d'OCDE duerch d'Analys vun den Zuele bewisen huet, dass zënter 2001, wou den Délai de résidence vun zéng op fënnef Joer erofgaangen ass, trotz Augmentatioun vun der Zuel vun den Auslänner zu Lëtzebuerg keng Augmentatioun vun der Zuel vun den Naturalisatioune war.

Dat gëtt engem ze denken, well dat schéngt an anere Wierder ze heeschen, dass d'Gesetzgebung iwwert d'Naturalisatioun net en Haaptfacteur ass, deen d'Auslänner dozou bréngt, fir d'Nationalitéit vun engem Land unzehuelen. Wann deem zu Lëtzebuerg och sollt esou sinn, da musse mer wierklech erausfannen, wéi een d'Auslänner dozou bréngt, aneschters wéi iwwert d'Gesetz de Wonsch auszedrécken an d'Realisatioun vun enger Naturalisatioun weiderzedreiwen.

Mäi Fraktiounskolleeg a Parteipresident Alex Bodry wäert am Detail op déi Tatsaach agoen, dass op Drock vun der Sozialistescher Partei - awer net eleng - drop verzicht ginn ass, den Avant-projet an der Teneur unzehuele wéi e virlouch, dee virgesinn huet, dass et zwee verschidde Weeër géif ginn, fir d'Nationalitéit ze kréien: een einfachen, während fënnef Joer Résidence fir eng Nationalitéit mat Abandon de la nationalité d'origine; an en anert Gesetz iwwert d'duebel Nationalitéit mat engem Délai vun zéng Joer.

De Kompromiss ass, wéi dat oft esou ass, eppes an der Mëtt. Dat heescht, et ass zwar nëmme méi ee Gesetz ginn, mä een Délai, deen allongéiert war par rapport zu deem, wat mer bis dohinner haten.

Ech wëll awer dozou soen, dass et an der Praxis net vill wäert änneren. Dir hutt hei vum Patrick Santer héieren, dass mer de Moien an der Commission juridique e Fall hate vun enger Naturalisatioun, déi néng Joer gedauert huet. Ech wëll net behaapten, dass dat d'Regel ass, mä d'Regel ass zwee an en halleft Joer, eventuell dräi. Wa mer eng Moyenne genau géifen ausrechnen, da géife mer also mat fënnef Joer Durée de résidence an zwee an en halleft bis dräi Joer Prozedur op datselwecht erauskommen, wéi dat, wat mer elo hunn. Dat heescht: siwe Joer Délai de résidence, an eng Prozedur vun aacht Méint, mam Avantage hannendrun, fir kënnen dergéint ze reklaméieren, wann d'Resultat net dem Wëllen entsprécht.

Ech denken duerfir, dass et derwäert ass ze probéieren, wat dat heite bréngt, well den Ausgangspunkt vun dësem Gesetz ouni Zweifel e positiven ass. Da musse mer eben no enger Zäit kucken, ob déi positiv Auswierkungen, déi mer eis vun dësem Gesetz erwaarden, sech an der Praxis realiséiert hunn oder net.

Sollt deem net esou sinn, dann ass et a mengen Ae jiddefalls kloer, dass een dat Gesetz hei nach eng Kéier muss op de Leescht huelen. Entre-temps mengen ech, dass et awer esou ausgesäit, dass et vum Prinzip hier a vun den Tatsaachen hier e positive Schrëtt an déi richteg Richtung ass. Duerfir bréngen ech vun hei aus den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz.

Ech wollt och profitéieren, Här President, fir eng Motioun ofzeginn, déi net nëmme vu Sozialisten ënnerschriwwen ass, mä och vun de Kolleege vun der CSV, vun deene Gréngen an och vun der Demokratescher Partei, wou mer froen, dass mer sollen iwwer all Froen, déi mat der Nationalité zesummenhänken, notamment Acte de naissance, Immigration, etc., eng Codifikatioun maachen.

Well wa mer iwwer all eenzelt Gesetz, wat mer elo hunn - Integratioun, Immigratioun, Asyl, Nationalitéit -, Loi-spécialë maachen, da fënnt sech nach herno just de Fachmann an deenen Texter erëm. Wa mer et fäerdeg bréngen, wéi an der Verfassung, all déi Texter mat der Evolutioun an der Zäit an ee Buch ze setzen, da kann och den Ottonormalverbraucher sech all Moment an engem eenzege Buch utilement renseignéieren, wéi d'Situatioun zu Lëtzebuerg ass. Dat wier ze begréissen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la loi du 29 août 2008 sur l'immigration, la loi du 5 mai 2006 concernant le droit d'asile et les formes complémentaires de protection ainsi que la loi sur la nationalité luxembourgeoise constituent un ensemble dans le sens qu'elles contribuent à un meilleur vivre-ensemble entre Luxembourgeois et non-Luxembourgeois;

- s'attendant à ce que la législation sur l'immigration sera sous peu complétée par d'autres directives européennes ainsi que par une loi concernant l'accueil et l'intégration des étrangers au Luxembourg;

invite le Gouvernement

- à codifier tous les textes en rapport avec l'état civil, la nationalité et les migrations, de manière à augmenter la lisibilité de la législation luxembourgeoise en les matières.

(s.) Lydie Err, Félix Braz, Ben Fayot, Colette Flesch, Laurent Mosar.

Eng allerlescht Remarque un d'Regierung. Ech weess net, wat fir ee Minister et war; ech huelen un, dass et de Kulturminister ass. Ech wëll him nach e gutt Wuert ginn iwwert déi Informatiounsheftercher, déi hei erauskommen. Hei hunn ech eent iwwer Sproochen. Ech mengen, dass et och iwwert dat heiten eraus an dëser Serie Bicher - esou Déplianten - gëtt, déi wierklech ganz interessant sinn. Et ass jo seelen, dass ee fir Saachen, mat deenen ee ganz d'accord ass, e gutt Wuert héiert, duerfir wollt ech dervu profitéiere fir heirobber opmierksam ze maachen a jiddfereen ze invitéieren, se net einfach op de Koup ze leeën, mä och emol eng Kéier dranzekucken; et ass derwäert.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Err. Den nächste Riedner ass den Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Ech wëll fir d'éischt am Numm vun der grénger Fraktioun dem Rapporteur, dem Här Mosar, Merci soen, besonnesch fir säi mëndleche Rapport vun haut de Mëtteg.

Merci och dem President vun der Commission juridique, dem Här Santer, deen et erlaabt an och méiglech gemaach huet, dass mer an der Kommissioun eng net nëmme flott Diskussioun haten, mä dass mer och an der Kommissioun den initialen Text vun der Regierung op enger ganzer Rei vu Punkten, déi alles anescht wéi onwesentlech waren, konnten änneren.

De Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, ass en Text, deen op ganz ville Punkten en zolitte Krack besser ass wéi deen Text, deen d'Regierung dem Parlament virgeluecht hat, an duerfir och de Kolleegen an der Commission juridique vun eiser Säit aus e Merci.

Et ass haut am Kontext vun der Debatt ronderëm dëse Projet vill vum Stéchwuert duebel Nationalitéit geschwat ginn, och vill vun der Sprooch. Dat ass allerdéngs net alles wourëms et an deem Text hei geet. Dat hei ass e Gesetz iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit, wou ee vun den Aspekter den Abandon ass vun där Exigenz, dass een eng Nationalité d'origine muss ofginn. Dat ass awer nëmmen ee Volet vun deem heite Gesetz.

Dëst Gesetz geet op enger Rei vu Punkten, wéi mir fannen, an der Bedeitung e gutt Stéck méi wäit wéi elo nëmmen deen Aspekt vun der duebeler oder pluri-Nationalitéit respektiv vun de Konditiounen, déi zum Deel am Gesetz drastinn. Hei gëtt wierklech op enger Rei vu Punkten e grousse Worf gemaach an der Relatioun an an der Definitioun vun der Nationalitéit; an dat ass eng Debatt, déi haut vläicht e bëssen ze kuerz komm ass, well mer eis all - an ech wäert och net derlaanscht kommen - natierlech mat deem Aspekt vun der sougenannter duebeler Nationalitéit an och mat den Aspekter an - déi domat zesummenhänken - mat de Sproochenexigenzen an anere wäerte beschäftegen.

Mä d'Gesetz ass wäit méi wéi nëmmen de Volet vun der duebeler Nationalitéit. Et stécht och hannendrun déi fundamental Fro, wéi mer net nëmmen an Zukunft, mä eigentlech vun haut un eist Zesummeliewen zu Lëtzebuerg wëllen organiséieren.

Firwat déi Fro pertinent ass ze stellen, gesäit een dorunner, wann ee sech e puer Zuele virun Ae féiert, déi d'Lëtzebuerger Realitéit vun haut beschreiwen an déi och eng Projektioun op d'Lëtzebuerger Realitéit an den nächste puer Joer maachen.

Haut si ronn 60% vun de Leit, déi hei am Land liewen, Lëtzebuerger. 40% ronn sinn dat net. Woubäi vun deene 40% Leit, déi net Lëtzebuerger sinn, der ganz vill derbäi sinn, déi vu Gebuert un hei liewen. Do sinn der ganz vill derbäi, déi vu ganz Klengem un hei liewen. Oder vu Klengem un hei liewen. Oder an hirer Schoulzäit op Lëtzebuerg komm sinn. Mä déi de Pass nach hunn an der Regel vun hiren Elteren.

Esou dass déi Realitéit, déi sech hannert den Zuele verstoppt vu 60/40, eng aner ass wéi déi Realitéit, déi déi Zuelen op den éischte Bléck géifen aussoen.

Déi Leit, déi hei liewen, hunn entweder schonn e Lëtzebuerger Pass oder liewen zu engem groussen Deel scho ganz laang hei an hu bis haut de Pass vun den Elteren. Déi hunn nach keen anert Land kannt, oder kaum en anert Land kannt, wéi d'Lëtzebuerger Land a sinn net nëmmen hei opgewuess, mä hunn all hir Relationen, och am private Beräich, hei zu Lëtzebuerg.

Ëmgedréint sinn d'Zuele bei der Population active. D'Population active ass zu iwwer 60% eng net lëtzebuergesch. Do sinn dann déi ronn 140.000 mëttlerweil, oder souguer liicht driwwer, Frontaliere mat dran, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen.

Eng aner wichteg Zuel ass déi, dass all Joer tëschent 10.000 an 12.000 - dat hänkt vun de Joren of - Leit op Lëtzebuerg wunne kommen. Nei Leit, zousätzlech Leit. All Joers. Deem géintiwwer stinn awer och 7.000 bis 10.000 Leit, déi d'Land nees verloossen. Déi net wëllen heibleiwen. Déi komm sinn, déi eng méi oder manner kuerz Zäit hei waren an och nees zréckginn.

Mir hunn also e Solde migratoire, dee bon an mal an ëm déi 3.000 Leit pro Joer ausmécht, an et ass net esou, dass jiddfereen, deen op Lëtzebuerg kënnt, och onbedéngt wéilt heibleiwen.

Nach zwou aner Zuelen - dann halen ech mat den Zuelen op: Ronn dräi Véirel vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg a Positioune mat Verantwortung sinn, hunn och kee Lëtzebuerger Pass. D'Kaderen a ganz ville Firme ginn haut rekrutéiert aus dem Ausland. Dat huet an der Haaptsaach mat Qualifikatioun ze dinn, déi mer net an ausräichendem Mooss zu Lëtzebuerg hunn a kënnen zur Verfügung stellen. Dofir si mer och do ugewisen op Leit, déi aus dem Ausland bei eis kommen an déi zu dräi Véirel déi dirigent Plazen anhuelen.

Eng lescht Zuel fir drop hinzeweisen, dass och d'Aarbechtsplazen, déi zu Lëtzebuerg geschafe ginn, gréisstendeels vu Leit geschafe ginn, déi kee Lëtzebuerger Pass hunn. Och ronn dräi Véirel vun de Créateurs d'entreprises - vun de Leit, déi a liberalen an a selbststännege Beruffer probéiere Fouss ze faassen, an domadder d'Créateurs d'emplois sinn - hu kee Lëtzebuerger Pass.

Et ass also net nëmmen, dass d'Aarbechtsplazen zu engem groussen Deel duerch déi spezifesch Lëtzebuerger Situatioun vun Netlëtzebuerger Résidenten oder Grenzgänger besat ginn, mä et ass och esou, dass de groussen Deel vun den Aarbechtsplazen, déi Joer fir Joer geschafe ginn an déi zu der Ofsécherung vun eise soziale Versécherungssystemer bäidroen, och vu Leit geschafe ginn, déi kee Lëtzebuerger Pass hunn.

Dat ass déi ganz Lëtzebuerger Realitéit. Dat ass déi ganz Lëtzebuerger méi komplex Realitéit an e puer Zuelen ausgedréckt.

Dofir stellt och déi Fro sech ronderëm d'Nationalitéitegesetz. Wéi de Statsrot et och scho beschriwwen huet, deen zwou fundamental Optiounen opgemaach huet. Och an eisen Aen esou, dass een e Choix huet. Dass ee sech muss fir e Choix awer och décidéieren.

Déi Fro, déi sech stellt, an dee Choix, deen ee muss treffen, ass eiser Meenung no folgenden: Wann een an engem Land en Accès gëtt zu der Nationalitéit vun deem Land, dann ass d'Fro: Als wat considéréiert een dat, deen Accès zu der Nationalitéit? Ass et eng Faveur, eng Gefällegkeet? Ass et eng Zort Cadeau, deen ee mécht pour services rendus un deem Land?

Do hannendru stécht déi Konzeptioun, déi och de Minister Frieden verteidegt, déi seet, et ass eng Kréinung, en Ofschloss vun engem Prozess. Oder - dat ass déi aner Optioun -: Mécht een dat als Land, mécht Lëtzebuerg dat, well mer domadder en eegene Problem wëlle léisen?

D'Fro ass: Wien huet de Problem? Hunn déi Leit, déi hei liewen an de Lëtzebuerger Pass net hunn, e Problem? Oder huet Lëtzebuerg insgesamt - eis Gesellschaft insgesamt - e Problem doduerch, dass esou vill Leit - déiselwecht - de Lëtzebuerger Pass net hunn?

D'Äntwert op déi Fro, mengen ech, war nach virun enger Rei Jore vu bal jiddferengem déiselwecht. Och wann ee konnt gedeelter Meenung sinn an den Argumenter, déi een ugefouert huet. Mä wann een d'Regierungserklärung vun 2004 sech nach eng Kéier virun Ae féiert an déi Saachen, déi gesot gi si ronderëm déi Regierungserklärung op dëser Fro, och vun de Majoritéitsfraktiounen, da war dat bal deckungsgläich mat deem, wat bis haut och déi liberal Kolleeginnen a Kolleege soen an och déi gréng Fraktioun seet.

Ech hat gemengt 2004, dass mer eigentlech op dëse Froen hei e Konsens erreecht hätten. E Konsens an der Analys, e Konsens an der Beschreiwung vum Problem. An de Konsens huet doranner bestanen, dass mer eis eens waren, dass Lëtzebuerg en Demokratiedefizit huet. A wann een déi Zuelen, déi ech virdru genannt hunn opgrond vu Projektioune vum Statec, och nach eng Kéier no vir kuckt, da gesäit een, dass domadder gerechent gëtt - esou ëm den Horizont 2020 bis 2030 -, dass da souguer eng Majoritéit vun de Leit, déi hei am Land liewen, duerchaus laang schonn hei kënne liewen, kee Lëtzebuerger Pass hunn.

An dass deen Demokratiedefizit, dee mer haut hunn, well esou en héijen Undeel vu Leit net kann zum Beispill bei de Wahle fir d'Chamber deelhuelen, am Fong geholl d'Ursaach war an déi Suerg no enger zerbréckelter Cohésion sociale, déi Suerg vun enger Cohésion sociale, déi net staark genuch wier, fir och a Krisenzäite kënnen ze bestoen an d'Gesellschaft beieneen ze halen.

Dass dat d'Erkenntnis war, déi d'Regierung, an op deem Punkt mat Ënnerstëtzung vun DP a Gréng, dozou bruecht huet, fir op de Wee ze goe vun enger Reform vum Nationalitéitegesetz a vun enger vun der Schafung vun der Méiglechkeet vun der duebeler Nationalitéit.

D'Land huet an där Zäit net geännert, ausser dass déi Prognosen an Indicateuren alleguerte sech weider an déi Richtung entwéckelt hunn, déi eis dozou gefouert huet, viru véier Joer ze soen, mir hunn elo schonn e Problem. All d'Indicateuren hunn déi Tendenz an deen Trend bestätegt.

D'Land huet also net geännert, au contraire. D'Vue vun der Regierung huet awer geännert. Well contrairement zu deem, wat an der Regierungserklärung stoung a virun allem och an de Gespréicher an Interviewen, déi eng ganz Rei Regierungsmemberen a Majoritéitsmemberen 2004 gemaach hunn, seet den zoustännege Minister, den Här Frieden, virun e puer Wochen, wéi d'Commission juridique d'Adoptioun vum Rapport virgeholl huet, eppes anescht.

Uschléissend an engem Interview op der Télee huet den Här Frieden geschwat. D'Fro war: Wat ass d'Zil vun dësem Projet? D'Zil war net méi wéi 2004, d'Cohésion sociale ze stäerken an Demokratiedefiziter ze behiewen, mä dem Minister Frieden seng Äntwert war - an ech zitéieren aus dem Kapp: „D'Zil vun dësem Gesetz ass et, sécherzestellen, dass déi, déi Lëtzebuerger ginn, gutt integréiert sinn."

Dat ass d'Zil. Dat ass elo ewell no véier Joer Diskussioun d'Zil, wat Rescht bliwwen ass. Et ass net méi d'Erkenntnis dovunner, dass eis Gesellschaft riskéiert, e Problem ze hunn, wa mer net och iwwert deen dote Wee zu méi Kohesioun fannen, mä d'Zil ass et haut - seet de Minister -, dass mer bei deenen - tëschent Guillemeten - „puer", déi Lëtzebuerger wëlle ginn, sécherstellen, dass déi scho gutt integréiert sinn.

Mir sinn also vun engem Ouverturesgesetz, wat et sollt eigentlech sinn an de Käpp vu villen, well mer e Problem haten, op en Examensgesetz, op en Testgesetz iwwergaangen, wou mer schonn nees an der Logik sinn, dass mer eigentlech Gefällegkeeten a Cadeaue verdeelen un déi, déi et verdéngen, an dobäi d'Aen zoumaache virun der Realitéit, dass eis Gesellschaft op deem Punkt do schwaach ass an dass se misst gestäerkt aus dësen Diskussiounen erauskommen.

Et ass och duerfir, dass elo net méi véier vu fënnef Fraktiounen aus der Chamber dat esou kënnen ënnerstëtzen, mä dass der zwou haut net bereet sinn, dat ze ënnerstëtzen, well dëst Gesetz sech vun den initiale Finalitéiten an der Diskussioun ewechbeweegt huet, a mer haut am Resultat net méi dat wäerten erreechen, wat mer missten erreechen, esou dass mer also an zwou Phase wäerten dat heiten an den nächste Jore misse méi vernünfteg maachen.

E puer Wuert awer och zu eppes, wouriwwer ganz vill am Land geschwat gëtt. An dat ass gutt, dass mer doriwwer schwätzen. Ech fannen dat ganz salutaire a positiv. Et gëtt ëmmer verwisen op de Béierdësch an op de Comptoir, wou dovunner geschwat gëtt. Mir fannen als gréng Fraktioun, dass et ënnert dem Strëch positiv ass, dass doriwwer geschwat gëtt, dass eng ganz Rei Froen opgeworf ginn. Et huet net jiddfereen déiselwecht Äntwert op déi Froen. Et gëtt net jiddfereen déiselwecht Äntwert. Mä an der Bevölkerung, an der Populatioun, net nëmme bei de Lëtzebuerger iwwregens - gell! -, mä och bei deenen, déi nach kee Lëtzebuerger Pass hunn, gëtt doriwwer diskutéiert, wéi ee sech dat Zesummeliewe virstellt. An dat ass eigentlech en Element zu enger Prise de conscience, och wa vläicht d'Äntwerten divergenter kënne sinn.

A well esou vill awer doriwwer geschwat gëtt, wëlle mer och nach eng Kéier rappeléieren, wat déi duebel Nationalitéit - fir dann och dee Begréff ze iwwerhuelen, deen et e bësse résuméiert, vläicht ze vill résuméiert, wat mer haut maachen - alles net ass. Well et huet ee bal d'Gefill, d'duebel Nationalitéit wier elo alles. Do kéint een alles drasetzen an et kéint een alles domadder maachen. Dat ass net de Fall.

Ëischtens emol ass d'duebel Nationalitéit net déi eenzeg Léisung an net dat eenzegt Instrument, fir kënnen zu enger verstäerkter Cohésion sociale ze kommen. Do si ganz aner Instrumenter a ganz aner Leit gefuerdert, wéi nëmmen haut d'Parlament an d'Regierung oder en Dokument, wat en Text beinhalt.

Och d'Schoul ass gefuerdert, hire Rôle ze spillen. Mir wëssen, wat fir eng Schwieregkeeten dass et am schoulesche Beräich do gëtt. D'Schoul huet net deen Effet intégrateur, dee se misst hunn. Zënter Jorzéngten net hei zu Lëtzebuerg. Och do muss eppes änneren.

Och d'Gewerkschafte si gefuerdert, fir bäizedroen zu méi Cohésion sociale an zu méi Demokratie hei am Land, well och d'Demokratie an d'politesch Participatioun sech net limitéieren op en Acte électoral. Si limitéiere sech net dorop, Kandidat ze sinn, a si limitéiere sech net dorop, fir wielen ze goen. Matschwätzen an de Gewerkschaften, matschwätzen an de Parteien, an de Gremië vun de Parteien, dat ass erlaabt, onofhängeg vum Pass. Alles dat sinn och Vecteuren, déi hire Rôle musse spillen, an dat kann net eleng e Gesetz iwwert d'Nationalitéit stämmen.

Eng zweet Limite vun der duebeler Nationalitéit: Si ass net fir all d'Leit. Och wa Lëtzebuerg elo net méi verlaangt, dass ee seng Nationalité d'origine opgëtt, da kann et awer duerchaus sinn, an dat ass de Fall, dass eng ganz Rei aner Länner dat nach ëmmer maachen. Den Här Mosar huet et gesot. D'Halschent vun de Länner an der EU erlaben d'duebel Nationalitéit. Déi aner Halschent net. Dat, wat mer haut maachen, ass also en vue vun der Behiewung vum Demokratiedefizit fir eng ganz Partie Leit keng Äntwert, well déi opgrond vun hirer Législation d'origine weider virun de Choix gestallt ginn, wa se wéilten de Lëtzebuerger Pass unhuelen. Dat ass also keng Léisung fir jiddfereen.

Drëtt Remarque. Ass d'duebel Nationalitéit elo wierklech eppes Neies? Well och dat Gefill kritt een, nämlech wéi wa mat dësem Vote vun haut op deem Punkt eppes ganz Wesentleches géif anescht ginn an änneren.

Och do ass d'Äntwert éischter Neen. D'duebel Nationalitéit ass eigentlech näischt Neies. Mir hu schonn zu Lëtzebuerg dausenden, zegdausende vu Leit, déi zwou Nationalitéiten hunn, Tendenz steigend.

Woufir? Well zu Lëtzebuerg duerch déi Populatioun, déi do ass, mat 60% Leit mat Lëtzebuerger Pass a 40% Leit, déi kee Lëtzebuerger Pass hunn, d'Zuel vu Mariagen, wou déi Leit, déi bestuet ginn, net déiselwecht Nationalitéit hunn, net nëmmen héich ass, mä d'Tendenz och steigend ass. An an den allermeeschte Fäll, an do sinn d'Gesetzer a ganz Europa praktesch identesch, ass et esou, dass e Kand bei der Gebuert d'Nationalitéit vu sengen Eltere kritt. A wann déi Elteren eben net déiselwecht Nationalitéit hunn, dann hunn déi Kanner de plein droit d'Recht, d'Nationalitéit vun der Mamm an d'Nationalitéit vum Papp ze hunn, an déi hëlt och keen hinnen of. Esou dass mer haut schonn zu Lëtzebuerg net nëmmen dausenden, mä zegdausende Leit hunn, déi par naissance an de plein droit duebel, zwou Nationalitéiten hunn, an dass duerch déi ëmmer méi héich Zuel vu Mariages binationaux och déi Zuel vu Kanner mat zwou Nationalitéiten, déi hei zu Lëtzebuerg op d'Welt kommen an opwuessen, klëmmt.

Dëse Vote wäert also net d'duebel Nationalitéit zu Lëtzebuerg aféieren, mä dëse Vote anticipéiert en Trend, deen do ass, en Trend, deen iwwert déi nächst zwee, dräi Jorzéngte souwisou géif derfir suergen, dass eng Majoritéit vun de Leit hei am Land eng duebel Nationalitéit hätt. Dëst Gesetz anticipéiert deen Trend a schaaft eng legal Basis, fir dat, wat et scho gëtt, ze generaliséieren. Dëst Gesetz ass also op deem dote Punkt elo net déi extra grouss Nouveautéit, déi vun haut un am Land géif d'Klacken anescht laude loossen, mä d'Gesetz mécht e Constat an anticipéiert doduerch, dass et eng Méiglechkeet generaliséiert, déi am Land souwisou do ass an als Trend ëmmer an enger verstäerkter Form sech bemierkbar mécht.

D'Gesetz selwer huet och eng Rei positiv Punkten. Déi wichtegst positiv Punkten dovun - an eng ganz Rei vun de Virriednerinnen a Virriedner si schonn drop agaangen - sinn an der Commission juridique an den Text vun der Regierung agefloss.

Éischte wichtege Punkt ass de Prinzip selwer. Mir wëllen dat als gréng Fraktioun haut gären nach eng Kéier bestätegen. Ech mengen, dass kaum een en Zweifel driwwer hat, mä mir bestätegen et nach eng Kéier, dass mer de Prinzip selwer, fir den Abandon vun der Nationalité d'origine net méi ze verlaangen, ënnerstëtzen.

Dofir huet och d'Regierung hei an dësem Parlament eng iwwer 90%eg Ënnerstëtzung, fir op deen dote Wee ze goen an dat och kënnen de Leit ze erklären an ze soen, woufir dass mer dat dote wëlle maachen.

Wat och e ganz wichtege Punkt ass, ass de Fait, dass mer vun där legislativer Prozedur, där politescher Prozedur, eriwwerginn op eng administrativ Prozedur. E Punkt, deen eis ganz wichteg war a fir dee mer eis och schonn a Gespréicher mam Minister virum Dépôt vum Projet ausgeschwat hate virun enger Partie Jore scho mëttlerweil, fir dee mer eis och an enger Rei Kommissiounen, wéi der Verfassungskommissioun vum Här Meyers, fréizäiteg agesat hunn, fir dass och vun do aus eng Initiativ, déi vu jiddferengem gedroe war, konnt erausgoen un d'Adress vun der Regierung.

Dat ass ee wichtege Punkt aus enger Rei vu Grënn. Well duerch dës Prozedur, déi administrativ Prozedur, d'Rechtsstatlechkeet an d'Biergerrecht eriwwergeholl gëtt, dass mer also ofréckele vun enger Prozedur, wou d'Leit Bittsteller waren an d'Äntwert, déi se kritt hunn, net an hirem Aflossberäich louch, an déi, déi d'Äntwert ginn hunn, se och nach am Huis clos geholl hunn a se net hu misse justifiéieren. Dat ass mat engem Rechtsstat am Joer 2008 nëmme ganz schwéier ze vereinbaren, an eiser Meenung no guer net.

Duerfir si mer frou, dass mer vun där politescher Prozedur elo eriwwerginn op eng rechtsstaatlech zäitgeméiss Prozedur, wou kloer Konditiounen drastinn a wou jiddferee weess, ob hie se kann erfëllen oder net. Iwwert déi Konditioune kënne mer gedeelter Meenung sinn, mä si sinn zumindest kloer. Wann hie se erfëllt, dann huet hien d'Recht drop, de Lëtzebuerger Pass ze kréien, an hie freet net just, ob hien dat wann ech gelift kéint kréien, mä hie kann, wann d'Verwaltung där Demande net géif Rechnung droen, souguer viru Geriicht goen, bei d'Verwaltungsgeriicht, an do da Gain de cause kréien, an do wäerten och Jurisprudenze sech kënnen développéieren an den nächste Joren.

Dat ass fir eis wierklech ee wichtege Punkt, also dee Passage - wéi de Statsrot et scho beschriwwen hat - vum Droit sur la nationalité eriwwer bei en Droit à la nationalité. Et ass wierklech eng fundamental aner Relatioun zu der Nationalitéit, déi duerch dëst Gesetz entsteet. Keng vun der Gläichgültegkeet: Dat war virdrun net de Fall an dat gëtt och elo net de Fall. Et ass och elo net gläichgülteg, et ass och elo net dem Zoufall iwwerlooss, wéi een d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt, mä zumindest geschitt et no Regelen, déi fir e Rechtsstat am Joer 2008 eiser Meenung no déi eenzeg richteg sinn.

Positiv ass och, dass déi Diskussioune ronderëm d'Sproochekritären och elo versachlecht ginn. Op dat, wat eis op deem Punkt trennt, gi mer herno nach an. Mä wou mer awer d'accord sinn, ass, fir ze soen, dass dat, wat mer 2001 am Gesetz geännert hunn, versachlecht gëtt, well - just pour rappel - bis 2001 war et ëmmer esou, dass een, dee wollt Lëtzebuerger ginn, de Lëtzebuerger Pass wollt kréien, eng vun den dräi Sprooche vu Lëtzebuerg huet misse beherrschen an net onbedéngt nëmmen déi eng. Hien hat de Choix, wéi eng vun den dräi hien huet misse beherrschen.

2001 hu mer eng éischte Kéier an d'Gesetz ageschriwwen, dass dat Lëtzebuergesch misst sinn a mir hu vu Connaissances de base geschwat. Wien déi awer appréciéiert huet, dat ware ganz vill Verschiddener. An aller Regel war et d'Police am Kader vun den Enquêten, déi gemaach gi si vun der Demande. Dat si Leit, déi net derfir forméiert gi sinn; hire Beruff ass en aneren. Dat sinn och Leit, déi do keng kloer Richtlinnen haten. Dat war zu Esch eppes anescht wéi an der Stad an an der Stad eppes anescht wéi zu Wolz. Lauter Aspekter, déi maachen, dass och do et fir e Rechtsstat net onbedéngt dee séchere Wee war, dee mer do begaangen hunn, mä éischter de Contraire. Dat hu mer jo an der Commission juridique oft genuch materlieft, wa mer d'Dossiere gekuckt hunn an déi Bewäertungen, déi gemaach gi sinn. Dat héiert elo op.

Onofhängeg vum Niveau de connaissances, iwwert dee mer eis jo net eens sinn, héiert et zumindest op, dass Leit ouni kloer Konditiounen an ouni kloer Richtlinnen an ouni kloer Formatioun dat doten appréciéieren. An Zukunft gëtt dat um Niveau vum Centre de langues gemaach, no Kritären, déi objektivéierbar sinn an och objektivéiert gi sinn an déi mer aus internationale Referenzdokumenter erausgeholl hunn, esou dass also och op där doter Fro an Zukunft et kee Pilotage à vue méi gëtt, mä kloer Décisiounen, déi och kënne kloer begrënnt sinn.

E weidere Punkt, dee fir eis positiv ass, ass dat Stéck Droit du sol, wat mer elo aféieren. Et ass en Amendement vum Alex Bodry, deen déi Formulatioun proposéiert huet, wéi se elo am Text steet. Dat war allerdéngs, nodeems eng Diskussioun, déi déi Gréng als Amendement eraginn haten, gefouert gi war. Déi Gréng haten nämlech en Droit du sol proposéiert, net de deuxième génération, mä en Droit du sol de première génération. Et ass wuel positiv, dass mer e Stéck Droit du sol elo integréieren, contrairement zu der initialer Absicht vun der Regierung. Mir fannen et awer schued, dass et net scho bei der éischter Generatioun gemaach gëtt.

Wat ass d'Differenz? Am Text steet elo, et gëtt eigentlech zwee Fäll, wéi e Kand ka Lëtzebuerger ginn. E Kand, wat zu Lëtzebuerg op d'Welt kënnt, vun deem ee vu béiden Elterendeeler Lëtzebuerger ass, ass Lëtzebuerger. E Kand, wat zu Lëtzebuerg op d'Welt kënnt, vun deem béid Elteren net Lëtzebuerger sinn, kann och Lëtzebuerger ginn am Fall, wou ee vu béiden Elterendeeler selwer schonn zu Lëtzebuerg op d'Welt komm ass. Et ass also duerch dëst Gesetz méiglech, dass an Zukunft e Kand, wat zu Lëtzebuerg op d'Welt kënnt, Lëtzebuerger gëtt, obwuel kee vu sengen Eltere Lëtzebuerger ass. Mä dat geschitt eréischt an der zweeter Generatioun, well ee vu béiden Elterendeeler selwer schonn huet missen zu Lëtzebuerg op d'Welt kommen.

Mir hate proposéiert, dass dat schonn an der éischter Generatioun geet, dass also e Kand och ka Lëtzebuerger ginn, wann et zu Lëtzebuerg op d'Welt kënnt, ouni dass ee vu béiden Elterendeeler Lëtzebuerger ass, à condition, dass ebe wéinstens ee vu béide scho fënnef Joer hei wunnt.

Firwat wier dat eiser Meenung no richteg? Ganz einfach, well vun de Kanner, déi hei op d'Welt kommen, bäi Wäitem déi meescht - bäi Wäitem déi meescht! -, nobal all mat 18 Joer nach ëmmer hei liewen an nach ëmmer hei wunnen. Déi allermannst, déi hei op d'Welt kommen, hunn herno duerch de Liewenschoix vun den Elteren d'Situatioun, dass se virun 18 Joer d'Land verloossen. Där gëtt et. Mä déi allermeescht bleiwen hei.

Wat ass den Intérêt vu Lëtzebuerg? Wat ass den Intérêt aus der Suerg eraus vun der Cohésion sociale ze soen, elo wou och d'Optioun ewechfält, mir loossen déi Kanner do bis zu hirer Majoritéit am Zweifel, ob eis Gesellschaft se zu hiren zielt oder net?

Firwat musse mer deene Kanner bis 18 Joer d'Äntwert schëlleg bleiwen, ob mer se dann elo als ee vun eis betruechten oder net? Et gëtt dofir kee gudde Grond.

Duerfir hätte mir léiwer gehat, mir hätten opgrond vun deene Faiten do gesot, den Droit du sol bien entendu mécht fir en Immigratiounsland ganz vill Sënn. Dat ass net zréckbehale ginn. Mir sinn awer trotzdeem frou, dass d'Notioun vum Droit du sol elo a Lëtzebuerger Recht integréiert gëtt, well et entspréicht engem Besoin.

An der zweeter Generatioun entspréicht et vill manner engem Besoin en fait. Duerch déi Mariages binationaux, Tendenz steigend, ass mat der Zäit an deene meeschte Fäll souwisou ee vu béiden an der zweeter Generatioun Lëtzebuerger, esou dass hei wuel d'Notioun agefouert gëtt, mä déi praktesch Portée mat der Zäit u Wierkung verléiere wäert.

Duerfir menge mer, et hätt éischter bei d'Lëtzebuerger Situatioun a Besoinë gepasst, dass een dat schonn an der éischter Generatioun gemaach hätt.

E weidere positive Punkt ass d'Fro vun deene Leit, déi scho laang hei sinn. Och dat war en Amendement vun der grénger Fraktioun, dee mir initiéiert haten an der Kommissioun, deen awer do net ugeholl gi war. Mir hate proposéiert, ähnlech wéi et elo am Text steet, dass déi Leit, déi scho ganz laang hei wunnen, vun all weider Konditioun géifen dispenséiert ginn, wéi hirer ausräichender Residenz.

Woufir? Ma well mer der Meenung sinn, dass déi Leit scho ganz laang zu eiser Gesellschaft gehéieren. A wann een domadder net averstanen ass, da muss een awer wierklech och emol soen, wat mer vun deene Leit nach wëlle verlaangen. U Leit, déi onbescholte Bierger sinn, déi iwwer zwee Jorzéngten hei sinn, schaffen, Steiere bezuelen, all Zorte Cotisatioune bezuelen, déi dëst Land Minimum esou vill als hiert ugesi wéi hire Pays d'origine, an nodeems mer ganz laang se wollten dozou kréien, hir Nationalité d'origine ofzeginn, haut dorobber verzichten, géife mer no all där Zäit trotzdeem nach Exigenze stellen, fir ze weisen, dass se integréiert sinn.

Ech mengen, dat wär eng Beleidegung un d'Liewensleeschtung vun all deene Leit, wa mer haut nach géife réckwierkend praktesch nei Konditioune verlaange fir Leit, déi oft ënner fir si perséinlech emotional schwierege Liewenskonditioune komm sinn, well mer se gebraucht hunn, well se alles hei gemaach hunn, wat fir si a fir eis gutt a richteg war, a mir géifen haut nodréiglech soen, dat ass eis egal, déi Zort Integratioun interesséiert eis net.

Duerfir ass et eiser Meenung no ganz gutt, dass d'Regierung, nodeems se nach an der Kommissioun dergéint war, dass déi Iddi als Amendement opgegraff gëtt, duerno hir eege Positioun revidéiert huet an en eegene Regierungsamendement eragereecht huet, deen och ugeholl ginn ass an der Kommissioun bei just enger Géigestëmm, well deen Amendement do ass virun allem eppes: En ass gerecht, gerecht par rapport zu deene Leit, déi wäerte kënnen dovunner, wa se et da wënschen, Gebrauch maachen.

D'Gesetz huet awer och negativ Punkten an där Form, wéi mer et elo hunn. D'Madame Flesch ass schonn op ganz villes agaangen. Ech kann dat duerfir méi kuerz maachen. Ech wëll dat awer och just nach eng Kéier am Numm vun der grénger Fraktioun ënnersträichen.

De Sproochenniveau, dee verlaangt gëtt. Déi eng nennen dat e Minimum. Mir fannen net, dass dat e Minimum ass. D'Madame Flesch huet et scho gesot, déi Niveauen A2 a B1 si wäit méi wéi nëmmen e Minimum a sinn équivalent zum sechste Joer Primärschoul, wat den A2 betrëfft; dat heescht, dat, wat ee muss schwätze kënnen. Déi sinn éischter zweet, drëtt Joer Secondaire bei deem, wat ee muss verstoe kënnen.

Dat ass alles anescht wéi eng Connaissance de base. Dat och nach an engem Land, wou d'Sproocherealitéit eng méi komplex ass. Souguer déi Leit, déi géifen déi Coursë suivéieren, fir dës Niveauen ze kréien, soubal se d'Dier vum Cours verloossen, gi se an aller Regel mat Däitsch a Franséisch - éischter Franséisch - vill méi konfrontéiert, well dat eis Realitéit ass. Ënnert deene Konditiounen ass et fir Leit, déi au départ net vill Schoulen haten oder net vill Schoule konnte maachen, ganz schwéier, fir un deen doten Niveau erunzekommen.

Dat ass deen ee Punkt. Ech ginn herno nach op aner Aspekter vun der Sproochendiskussioun an, well déi jo eng ganz grouss Bedeitung am Kader vun deem Projet op eemol kritt hunn.

Den zweeten Aspekt ass dee vun der Durée de résidence, déi eropgesat soll gi vu fënnef op siwe Joer, nodeems se vun zéng op fënnef am Joer 2001 erofgesat gi war. Ech waarde bis haut op e Grond do derfir. Ech weess, wéi et entstanen ass.

(Interruption)

Et war d'Iddi au départ - ech hat bal gesot „wéi um Maart" -: fënnef Joer fir eng Nationalitéit, zéng Joer fir déi zwou. Dat war déi initial Iddi. Dat ass dem Minister ausgeriet gi vun enger ganzer Rei vu Leit; aus guddem Grond.

Trotzdeem war et net méiglech ze soen: Okay, d'accord, da bleiwe mer bei deem, wat mer hunn. Et huet missen e Kompromiss ginn. Dee louch dann tëschent fënnef an zéng Joer. Fënnef plus zéng dividéiert duerch zwee, da kënnt een op siwen; ofgeronnt. Vill méi stécht hei net derhannert.

Ech fannen et onwierdeg an onseriö, dass een op esou enger seriöer a wichteger Fro mat esou enger Method zu enger Zuel kënnt. Wann Der d'Finanzkris esou géréiert hätt wéi dat doten, da wier dat, wat d'Leit haut hoffen, schonn elo als Illusioun zerstéiert. Wann Der mat där doter Method dat dote géift wëllen händelen, da wäre mer integral gescheitert op dem Dossier vun der Finanzkris.

Et gëtt kee Grond, dee vun Iech ugefouert gi wier, fir ze soen: Dofir musse mer op siwe goen. Dach, et gëtt een, deen Der genannt hutt; een eenzegen, mä Dir hutt e just eng Kéier genannt an dunn hutt Der direkt domat opgehalen. Dir hutt eng Kéier an der Commission juridique gesot: Dach, et gëtt Leit, déi op Lëtzebuerg kommen an da fënnef Joer hei liewen an dann awer nees d'Land verloossen.

Dir hutt op d'Bänker gewisen; woumat mer nees beim Thema vun de Banke wieren. Dir hutt gesot: Dach, et gëtt eng ganz Rei Bänker, héich Cadre-dirigeanten, déi eng Rei Joren zu Lëtzebuerg sinn an, wa mer dat op fënnef loossen, déi dann en anere Posten am Ausland kréien an - esou hutt Dir Iech ausgedréckt - en passant géifen d'Lëtzebuerger Nationalitéit mathuelen. Gutt.

Doropshin hunn ech Iech gefrot: Hutt Der Zuelen? Wivill Leit sinn dat? Wivill Leit kommen op Lëtzebuerg schaffen, déi méi wéi fënnef Joer hei wunnen a manner wéi siwen? Do hutt Der Är Mataarbechterin gekuckt an Dir hutt mer allen zwee geäntwert: Mir hu keng Zuelen. Déi hu mer net.

Et war och fir d'Lescht, wou ech dat Argument aus Ärem Mond héieren hunn. Dat ass en Argument, wat vläicht gutt geklongen huet, mä ob dat der fënnef sinn oder 300 oder 500, wosst Dir selwer net. An egal wéi wär et par rapport zu den 200.000, déi hei liewen an déi zu eisem Land gehéieren, manner wéi insignifiant. Mä dat war deen eenzege Versuch, e plausibelt Argument op den Dësch ze leeën, firwat dass een op siwe muss goen.

Et gëtt keent! Domat gëtt just Politik gemaach. Alles, wat hannert där Zuel siwe steet, ass de Versuch, Politik ze maachen. 2001 huet jiddferee gesot, dee Konsens vu fënnef Joer wär gutt. Jiddfereen, mat lauter vernünftegen Argumenter, mam Verweis op déi aner européesch Länner, huet 2001 gesot: Fënnef mécht Sënn. D'Moyenne an Europa läit bei plus/minus sechs. Et ass ongefëier richteg. Et gouf keng Ursaach, un där doter Schrauf ze fréckelen.

Elo sinn ech d'accord mat Iech, fir ze soen: Dat ass a senger praktescher Importenz vläicht net de wichtegste Punkt vum Gesetz. Déi Leit, déi elo scho méi wéi siwe Joer hei sinn, trëfft dat doten net. Dat sinn déi allermeescht. Dat huet also fir déi keng praktesch Bedeitung. Déi, déi nei kommen, ob déi fënnef oder siwe gesot kréien, dat ass fir si mat Sécherheet béides annehmbar. D'praktesch Bedeitung ass also net de Punkt. De Punkt ass en aneren. Ech kommen herno nach dozou.

Deen drëtte Punkt, dee mer bemängelen - den Här Mosar huet dat och méi wéi eng Kéier elo rezent a sengen Argumenter ugefouert -, dat ass fir ze soen: Majo, dee Passage vu fënnef op siwe Joer ass jo wierklech net wichteg, well mir verkierze jo d'Prozedur. Also, fir näischt ze änneren, kann ee sech och méi einfach uleeën.

Wann näischt sollt änneren un der Durée vun der Prozedur, dann hätt ee guer näischt brauchen ze änneren. Mä fir hinzegoen an ze soen: Doduerch, dass mer op eng administrativ Prozedur iwwerginn, doduerch, dass mer an d'Gesetz en Délai aschreiwe fir d'Verwaltung, brénge mer et fäerdeg, dass an Zukunft net méi d'Moyenne tëschent zwee an dräi Joer läit, mä no maximal aacht Méint misst Schluss sinn.

Well mer dat dann esou gutt maachen, kënne mer jo da soen: Dee ganze Benefiss, deen een dovunner huet, brauche mer jo da guer net ze huelen. Kommt, mir verlängeren den Délai de résidence op siwe Joer. Dann hu mer eis zwar elo eng tipptopp Prozedur ausgeduecht: rechtsstaatlech kohärent; dat passt; mir hunn Délaien; mir hu Geriichter, déi iwwerwaachen. Mä fir dass awer nëmmen näischt als Resultat dobäi erauskënnt, hiewe mer den Délai de résidence op siwen.

Also, dat misst Der zum Beispill am Ministère de l'Économie, bei enger Verwaltungsreform ustriewen, mat där doter Logik géif et eng ganz Rei Saache fir d'Betriber, fir et méi séier ze maachen, verbesseren. Mä et geet jo net drëm, dass et besser geet. Kommt, mir hiewen dat doten nëmme séier op mat enger anerer Mesure. Dat ass dat, wat Der hei maacht.

Duerfir, dat doten Argument, fir ze soen: Et ass net schlëmm, well mir kompenséieren dat op enger anerer Plaz, beim beschte Wëllen, do bäisst sech awer d'Kaz an de Schwanz; op Lëtzebuergesch gesot. Dat ass awer wierklech keen Argument, fir ze justifiéieren, dass den Délai de résidence vu fënnef op siwe Joer soll eropgoen.

Et huet och e gudde Grond: Et gëtt keen Argument, kee plausibelt Sachargument, fir dat doten ze begrënnen. Et ass reng e politescht Argument. Dass d'Prozedur heimad-

der esou liichtfankeg dierf gemaach ginn, ass eise Virworf. Dat ass de Feeler, deen heibäi gemaach gëtt. An engem Gesetz, wat eng Ouverture sollt maachen, wat eisen Demokratiedefizit sollt hëllefe behiewen, wat eis Cohésion sociale sollt stäerken, an deem Gesetz gi mer hin a senden esou Signaler aus wéi dat doten. Wann ee sech wëllt bestueden an eng Braut oder e Bräitchemann fannen, da muss ee sech anescht uleeë wéi dat doten.

Une voix.- Très bien!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Et sinn net nëmmen déi Gréng an déi Blo, déi dat hei an der Chamber oder an der Kommissioun soen. Am Fong geholl seet ausser der CSV an der ADR keen dat doten. All d'Avisen, déi vum Statsrot komm sinn, waren awer vu vir bis hanne kohärent an hunn och dofir déi Kritiken do an dërselwechter Kohärenz als Stringenz virbruecht.

D'Chambre de Commerce, d'Chambre de Travail, d'Gewerkschaften - et si jo vill Gewerkschaftler heibannen -; d'Gewerkschaftler vum LCGB, d'Gewerkschaftler vum OGB-L, vum Landesverband, déi hunn all datselwecht gesot a geschriwwen. D'Muecht vun der CSV, ënnerstëtzt vun der ADR, ass grouss. Dir hutt et fäerdeg bruecht, all déi Leit a Schach ze halen.

Une voix.- Dat ass verdächteg.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Ob dat awer dem Land wierklech nëtzt, déi Fro woen ech haut net mat Jo ze beäntwerten.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Braz, setzt lech duerch!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här Braz, gitt emol zréck an d'CSV.

M. le Président.- Mir freeën eis dann dorop. Mir féieren duerno d'Dialoger. Här Braz, fuert weider, wann ech gelift.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President.

(Interruption)

Dann zum Thema vun der Sprooch. D'Gesetz ronderëm d'Nationalitéit huet jo iergendwann eng Kéier en Dréi geholl. Et ass en Dréi drakomm, wou op eemol d'Sprooch am Mëttelpunkt stoung. Wann een esou eenzel Äntwerten an Interviewen héiert oder eenzel Kommentare liest, dann huet ee jo d'Gefill, dass et zwou Zorte Leit am Land an an der Politik gëtt: déi, deenen d'Sprooch wichteg wier, an déi, deenen d'Sprooch net wichteg wier.

Den Här Mosar huet x-mol a sengen Interviewe gesot: Et ass dach net méi wéi normal, dass een, dee wëllt Lëtzebuerger ginn, Lëtzebuergesch kann. Jo. An déi aner? All déi, déi net d'Demande wëlle maachen, fir Lëtzebuerger ze ginn, ëm déi këmmert kee sech. An dofir soe mir lech: Déi grouss Rieden, déi hei gehale gi ronderëm d'Bedeitung vun deene Sproochenexigenzen am Nationalitéitegesetz fir d'Lëtzebuerger Sprooch, dat ass Bluff!

Domadder gëtt fir d'Lëtzebuerger Sprooch dräimol näischt gemaach. D'Zuel vu Leit, déi d'Naturalisatioune froen, dat ass eng ganz geréng haut. Mir hunn 200.000 Leit hei wunnen, déi kee Lëtzebuerger Pass hunn. Dovunner froen der bon an mal an esou ëm déi 1.000 - heiansdo emol e puer méi, e puer manner - d'Nationalitéit; et kommen der nach all Joer 3.000 derbäi, och heiansdo méi.

Dat heescht, déi 0,5, déi sinn Tendenz falend. Dat heescht, dass fir iwwer 99% vun de Leit duerch dëst Gesetz un der Sproochesituatioun vum Land näischt, nada, niente ännert. Guer a glat näischt!

Wa mer also alleguerte wëllen, dass d'Lëtzebuerger Sprooch méi Bedeitung kritt als Langue véhiculaire - an do ass jiddfereen heibannen der Meenung, dass dat wichteg wier -, da muss ee sech an engem anere Kader drëms këmmeren. An engem Kader, deen dann awer vill méi opwändeg gëtt, dee vill méi vun eis verlaangt, och finanziell, och infrastrukturell.

Da musse mer de Leit, déi op Lëtzebuerg wunnen a schaffe kommen, dès leur entrée am Land soen, wou se kënnen a wéi se kënnen d'Méiglechkeeten hunn, déi Sprooch ze léieren. Vum selwen, dat hu mer jo festgestallt, léiere se net onbedéngt alleguerte séier d'Lëtzebuerger Sprooch. Si léieren an der Regel eng vun eisen zwou anere Sproochen.

Mir hu jo net nëmmen eng Sprooch zu Lëtzebuerg. Eis Sprooch sinn der dräi. Eng, déi mer ënner eis schwätzen. Zwou anerer, déi mer ënner eis schreiwen. Mir benotzen déi dräi als eis Sproochen. An dass déi Leit natierlech als Éischt eng Tendenz hunn, besonnesch wa se aus dem romanophonë Beräich kommen, déi Sprooch ze léieren, déi se och op all de Schréftstécker bei der Gemeng virfannen, dat ass awer iergendwou novollzéibar. Déi hu kee schlechte Wëllen, an déi maachen och net „keen Effort d'intégration linguistique".

Déi maachen deen. Déi Leit, déi hei sinn, maachen en Effort d'intégration linguistique. Si léieren eng vun eisen dräi Sproochen. Si léieren déi, déi mer hinnen an de Grapp drécken. Op der Gemeng a beim Stat. Wa se eppes brauchen, eng Demande musse stellen, dat steet ëmmer do op Däitsch an op Franséisch.

Et ass dach evident, dass se spontan dat als Éischt léieren. Wiem solle mer dat virwerfen? An dass een net och nach eng zweet Sprooch aus engem ganz anere Sproochberäich liicht léiert, liicht jo awer an.

Wat ech domat wëll soen, ass: Wa mer wëllen, dass déi Leit, déi bei eis an d'Land kommen, Lëtzebuergesch léieren, da geet dat net vum selwen. Da musse mer tatsächlech do den Hiewel usetzen an derfir suergen, dass déi Leit an d'Konditioun gesat ginn, fir Lëtzebuergesch ze léieren, duerch de Congé linguistique - ech kommen nach dorop. Mä dat ass en aneren Effort wéi nëmmen ze soen: „A wann Der se net kënnt, da kritt Der de Pass net", an dann hu mer eben iergendwann eng Kéier eng Majoritéit vun Netlëtzebuerger an da geet just nach eng Minoritéit vun de Leit hei am Land sech u Wahle bedeelegen. Dann hu mer nämlech trotz Wahlflicht manner Wahlbedeelegung par rapport zu der Bevölkerung, wéi all déi Länner, déi keng Wahlflicht hunn; déi kommen dann op méi héich Pourcentagen, an dorobber, mengen ech, brauche mer eis net ze freeën an dorobber brauche mer och net houfreg ze sinn.

Ech wëll ee Beispill uginn, firwat dass dat vläicht guer net esou anormal ass, wann all déi Leit net liicht a spontan déi Sprooch léieren. Ech hu virun e puer Deeg duerch Zoufall nach eng Kéier e Film ze kucke kritt, deen ech schonn eng Kéier gesinn hat. Ech mengen déi meescht heibanne wäerten deen och gesinn hunn, deen heescht „Luxemburg, USA". Et ass den éischte Long-métrage vun engem jonke Regisseur, dem Christophe Wagner, deen 2005 den „Prix du Jeune Espoir" kritt huet beim Lëtzebuerger Filmpräis - dee Film ass viru ronn engem Joer an de Kinoen erauskomm.

Deen ass an Amerika filme gaangen, do wou d'Lëtzebuerger am 19. Jorhonnert an der Haaptsaach ausgewandert sinn. Dir wësst, tëschent 1830 an 1900 si ronn 70.000 Lëtzebuerger ausgewandert, e Véirel vun der Lëtzebuerger Populatioun. Deemools war Lëtzebuerg frou, dass et d'Immigratioun hat, fir kënne fortzegoen, fir d'Situatioun ze verbesseren. A mir sinn och frou, zënter den 20er Joren an och nom Krich, dass och Leit bei eis kommen.

Lëtzebuerg huet vum Phénomène migratoire nach ëmmer nëmme profitéiert. Déi Zäit, wou d'Lëtzebuerger fortgaange sinn an Amerika, an och déi Zäit, wou anerer bei eis kommen, mir hunn nach ëmmer de Phénomène migratoire zu de Gonschte vum Land kenne geléiert. Nach ni anescht. Da kommt mir maachen net, wéi wann et ëmgedréint wier!

Mä dee Film, deen hat eng ganz Rei ganz interessant, witzeg, pittoresk, émouvant Zeenen. En hat awer och eng, déi mech am Kontext vun dësem Gesetz interpelléiert huet.

Do ass en Här zur Sprooch komm, en eeleren Här, iwwer 80 Joer, dee gezielt huet wéi dat war wou hie Kand war. Déi, déi de Film gesinn hunn, kënne sech vläicht un hien erënneren. Et ass deen, deen eng Kéier kuerz zu Lëtzebuerg war, a wou se hie gefrot hunn: „Wat ass dann den Ënnerscheed vu Lëtzebuerg mat Amerika?", huet e gesot mat sengem Accent, deen ech awer elo net wëll nomaachen: Zu Lëtzebuerg hätte se ganz kleng Autoen, sot en, dat war déi éischt Differenz, a si géife fuere wéi „S Punkt Punkt Punkt", op Englesch.

(Hilarité)

Dat sot dee Mann an deem Film, an dee Mann huet och eppes anescht gesot. Dee sot: „Wéi ech als Kand - deen ass jo do gebuer, vu Lëtzebuerger Elteren, ufanks 20. Jorhonnert - an d'Primärschoul gaange sinn, konnt ech kee Wuert Englesch."

E konnt kee Wuert Englesch. Deen huet doheem bei sengen Elteren aus dem Éislek nëmme Lëtzebuergesch geschwat. Deen huet dat gemaach, wat d'Auslänner bei eis och haut maachen. Net well se verbruet wieren, well d'Lëtzebuerger an Amerika waren och net verbruet. Si maachen dat, well se an enger Communautéit sech fannen, sech sichen.

Selbstverständlech maachen déi dat hei bei eis wéi d'Lëtzebuerger dat och am 20. Jorhonnert an Nordamerika gemaach hunn. Si siche sech. Si hunn déiselwecht Suergen, si hunn déiselwecht Geschicht, si hunn déiselwecht Hoffnungen. A si fanne sech, an dorop baue se op. Wéi d'Auslänner bei eis.

Dofir solle mer ophalen, wa mer doriwwer diskutéieren, mat Scholdkategorien d'Froe wëllen ze beäntwerten; dat bréngt kee virun.

Méi wichteg ass et, dass ee probéiert, d'Konditiounen ze schafen, dass déi Leit d'Sprooch tatsächlech léieren. Géife mer dat maache soubal se an d'Land kommen, bräichte mer eis am Nationalitéitegesetz d'Fro iwwerhaapt net méi ze stellen. Well da géif jiddfereen, deen an d'Land kënnt, no relativ kuerzer Zäit esou wäit am Lëtzebuergeschen doheem sinn, dass e ka Connaissances de base hunn an dorobber opbauend säin Integratiounsprozess, och dee sproochlechen, kéint weiderféieren. Duerfir si mer der Meenung, dass mer dat am Immigratiounsgesetz hätte solle behandelen.

Dat Gesetz ass elo votéiert. Deen Zuch ass laanscht. Mir kréien awer nach eng zweet Chance am Kader vum Gesetz iwwert de Congé linguistique, vläicht souguer am Integratiounsgesetz, wou mer dee Problem erëm eng Kéier kënnen diskutéieren. Mä da musse mer awer och do konsequent sinn a soen, dat, wat mer vun de Leit verlaangen am Nationalitéitegesetz, muss awer och dat sinn, wat mer hinnen erméiglechen am Gesetz iwwert de Congé linguistique. Mir kënnen net just soen, esou vill gëtt verlaangt fir de Pass, mä wann Der an d'Land kommt, hëllefe mer lech just esou vill fir et kënnen ze léieren.

Dat ass en Double langage. Dat iwwerzeegt keen. Duerfir soe mer jo, et gëtt net e Clivage hei am Land tëschent deenen, deenen d'Lëtzebuerger Sprooch als Integratiounsvektor wichteg wier - dat wier d'CSV an d'ADR -, an et géifen déi ginn, deenen dat net wichteg wier - déi Blo an déi Gréng, an ech mengen och d'Kolleege vun der sozialistescher Fraktioun. Jiddfereen deelt déi dote Suerg.

Doriwwer diskutéiere mer net. Mä et gëtt déi, déi wëlle maache wéi wa se heimadder vill géifen erreechen, well an e puer Méint Wahle sinn a well se mengen, do wäre Stëmmen ze kréien. An et gëtt déi, déi soen, haalt op mat deem Bluff.

Wa mer eppes wëlle maache fir den Apprentissage vum Lëtzebuergeschen, da musse mer et maachen am Kader vun der Entrée zu Lëtzebuerg an do den Hiewel usetzen. Mä dat ass méi e groussen Effort, och méi e grousse finanziellen. Da musse mer 12.000 Leit, déi an d'Land erakomme pro Joer, direkt iergendwou iwwer e Congé linguistique a Coursen erakréien.

Mir si bereet, deen Effort ze maachen, an duerfir wäerte mer och Amendementer maache beim Gesetz iwwert de Congé linguistique, fir éischtens méi en héije Sockel vu Stonnen ze proposéiere wéi dat, wat elo ugeduecht ass, an zweetens iwwert dee Sockel eraus, en fonction des besoins, nach weidere Congé linguistique kënnen de Leit ze bidden; dat mécht Frankräich.

Frankräich seet net, mir behandelen ee wéi deen aneren; dat mécht net vill Sënn. Frankräich seet och, du hues där, déi et séier léieren - déi, déi vum Kierchbierg an d'Sproochecoursë ginn, aus dem Service fir d'Traductioun, déi brauche keng 500 Stonnen. Déi musse mer net 500 Stonne vun hirer Aarbecht ewechhalen, an dat och nach de Steierzueler eppes kaschte loossen. Et gëtt dofir kee Grond.

Déi, déi Schwieregkeeten hunn ze léieren, awer datselwecht Recht mussen hunn, eis Sprooch dann als Langue véhiculaire vecteur d'intégration ze léieren, déi brauchen der vläicht méi.

Duerfir muss ee kënnen no enger Évaluation initiale nuancéieren a soen: Wien huet méi Stonnen, wien huet der manner? Do brauch een net jiddfereen op een Nenner ze bréngen.

Frankräich mécht dat. Kommt mir maachen dat no. Dat ass eng gutt Léisung an dann hu mer tatsächlech derfir gesuergt, dass mer d'Sprooch als Integratiounsvektor notzen. Dat ass jiddferengem heibanne wichteg a mir maachen net dorauser en Instrument d'exclusion, wat kengem an dësem Land déngt.

Une voix.- Très bien!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Ech kommen zum Schluss, Här President, just fir nach eng Kéier kuerz ze résuméieren, firwat dass mir d'Gesetz net stëmmen: Well ganz einfach eiser Meenung no en Deel vun den Ziler, déi mer domadder verbonnen haten, praktesch alleguer nach viru véier Joer, haut am Gesetz net wäerte kënnen erfëllt ginn.

A wann ech eng Paraphras dierft maachen oder nach en zweete Verweis. Zu Esch um Stadhaus hu mer och de Saz stoen: „Mir wëlle bleiwe wat mer sinn." Dir wësst, aus wéi enger Zäit dass dee Saz hierkënnt a wiem mer dat wollte soen a woufir.

Haut si mer nees Här a Meeschter iwwer eist Geschéck. Haut misste mer eigentlech soen: „Mir wëlle ginn, wat mer sinn." Mir si scho wäit méi, wéi mer ëmmer wëllen zouginn. Da kommt, mir ginn dat och nach elo an der leschter Konsequenz a maache vernünfteg Léisunge fir d'ganzt Land.

Esou huet och eng Ausstellung geheescht - ech hunn dat do net erfonnt - aus dem Kulturjoer 2007, wou mer och probéiert hunn, Lëtzebuerg beispillhaft iwwert d'Regiounen eraus duerzestellen. Dat war eng Ausstellung vum Claudia Passeri a vum Michèle Walerich, déi huet „Borderline" geheescht. Ech mengen, dee Saz „Mir wëlle ginn, wat mir scho sinn" ass een, dee wierklech derwäert ass, dass een doriwwer nodenkt.

Dëst Gesetz, Här President, mécht wuel eng Partie Dieren op, mä dëst Gesetz mécht d'Äerm net op, fir d'Leit opzehuelen. Wéini maache mer dat?

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Braz. Den nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zuéischt och e Wuert vu Merci un de Rapporteur fir säi mëndlechen a schréftleche Bericht. Et ass, fir esou e Gesetz, wat politesch esou sensibel ass a wou d'Meenungen ausenanerginn a wou et eng etlech Amendementer gëtt, souwuel technescher Natur wéi politescher Natur, net einfach, e Rapport ze maachen. Hien huet dat gutt gemaach, mä hien ass sech awer och bewosst, datt et hei am Haus keng grouss Unanimitéit wäert ëm dëse Projet ginn.

Ech wëll direkt och duerfir vu virera soen, datt d'ADR dëst Gesetz net wäert stëmmen, well mir op engem wesentleche Punkt enger grondsätzlech anerer Meenung sinn, wéi se hei an dësem virleiende Gesetzesprojet steet.

D'ADR ass der Meenung, a mir hunn dëst kloer an onsem Wahlprogramm fir déi lescht Wahle festgehalen, datt, wann e Bierger eng nei Nationalitéit wëllt unhuelen, wann ee wëllt Lëtzebuerger ginn, en da muss e Choix treffen. Entweder décidéiert hien, Lëtzebuerger ze ginn an nure Lëtzebuerger, oder hien entscheet, seng ursprünglech Nationalitéit ze halen. Déi béid Choixë sinn ze respektéieren, a mir mengen, datt et och esou sollt bleiwen.

Wann een nure Lëtzebuerger gëtt, heescht dat net, datt ee seng Identitéit muss opginn, déi ee mat senger ursprünglecher Nationalitéit verbënnt. Et bedeit awer och, datt ee sech ausschliesslech senger neier Lëtzebuerger Communautéit wëllt uschléissen.

Mir waren d'accord, an dat hu mer jo och beim Vote iwwert d'Verfassungsännerung gewisen, déi mer haut de Mëtteg an zweeter Lecture gestëmmt hunn, fir datt an Zukunft d'Décisioun, wéi een eng Nationalitéit kritt, soll iwwert den administrative Wee goen.

Mä et ginn awer Punkten, wou mer mengen, datt mer missten e puer Kommentare maachen, an notamment musse mir ons och d'Fro stellen: Wat geschitt am Résumé, wann dëst Gesetz gestëmmt gëtt?

Ech wëll hei also e puer Punkte speziell ervirsträichen.

Éischtens, an Zukunft gëtt et Leit, déi nure Lëtzebuerger sinn, a Leit, déi ënner anerem och Lëtzebuerger sinn. Mir féieren net d'duebel Nationalitéit an, mä d'Multinationalitéit, an dëst net nure fir d'Zukunft, mä och réckwierkend.

Den Auslänner kritt d'Lëtzebuerger Nationalitéit am Ufank vun der Integratioun, an net, wéi bis elo, um Enn. D'Optioun fir d'Leit, déi sech mat engem Lëtzebuerger oder enger Lëtzebuergerin bestueden oder pacsen, gëtt ofgeschaaft. Leider!

Verschidde Bierger profitéiere vun dësem Gesetz, anerer net. Eng 10.000 bis 15.000 Leit, esou gëtt geschat, ginn elo vum 1. Januar un d'office Lëtzebuerger, an hei gëtt et praktesch Problemer.

D'Konditiounen, fir Lëtzebuerger ze ginn, gi preziséiert, notamment wat d'Kenntnisser an der Lëtzebuerger Sprooch ugeet, mä Lëtzebuergesch ass net méi d'Sprooch vun de Lëtzebuerger, mä nuren eng administrativ Sprooch nieft der franséischer an der däitscher Sprooch.

Ech wëll elo am Detail op déi puer Punkten do agoen an direkt ervirsträichen, datt mir net d'duebel Nationalitéit aféieren, mä d'Multinationalitéit. An Zukunft gëtt et also Leit, déi nure Lëtzebuerger sinn an dat och bleiwen, a Leit, déi ënner anerem och Lëtzebuerger sinn.

Wa béid Eltere Lëtzebuerger sinn, hunn deenen hir Kanner nuren eng Nationalitéit. Do ass et ganz kloer, datt also do kee Choix besteet.

Ech erlabe mer, Här President, en Tableau ze weisen, wéi et geet, wann dëst Gesetz gestëmmt gëtt. Do gesäit een, datt, wann zwee Leit, déi eng verschidden Nationalitéit hunn, sech bestueden, schonn an der éischter Generatioun dat Kand, wat aus deem Mariage ervirgeet, dräi Nationalitéiten huet. Wann op där anerer Säit dat Kand sech spéiderhi bestuet mat engem, deen och deeselwechte Background huet, dann ass schonn an der zweeter Generatioun e Kand do, wat sechs verschidden Nationalitéiten huet, an esou kann et weidergoen.

Dat ass dat, wat mat dësem Gesetz geschitt a vun deem mir fannen, datt et falsch ass.

Ech wëll och hei, Här President, lech dat Dokument ginn. Ech hoffen, datt et méiglech ass, fir dat heiten ze publizéieren, well dat illustréiert justement d'Problematik, déi mer ervirsträiche wëllen.

Ech hu gesot, déi Dispositiounen iwwert d'duebel Nationalitéit gëllen, bien entendu, fir d'Zukunft, vum 1. Januar un, wou d'Gesetz gestëmmt gëtt, mä et huet awer och réckwierkend Effetë fir alleguerten déi, déi hir Nationalitéit opginn hunn an der Vergaangenheet, well si kënnen elo, wann hir Gesetzgebung dat erlaabt, hir ursprünglech Nationalitéit ufroen an deen Ablack verléiere se déi lëtzebuergesch Nationalitéit net méi.

Den drëtte Punkt, deen ee muss ervirsträichen, ass, datt den Auslänner d'Lëtzebuerger Nationalitéit elo um Ufank vun der Integratioun kritt, an net, wéi bis elo, um Enn.

De Conseil d'État sträicht dat ganz kloer ervir, andeem hie seet: «…l'acquisition de la nationalité ne devra plus être considérée comme l'aboutissement du processus d'intégration de l'étranger, mais plutôt comme un signe manifeste de la volonté d'intégration de la personne concernée.» Et geet also dorëm, fir elo an Zukunft just nach ze dokumentéieren, datt déi Persoun am Prinzip gewëllt ass, sech als Lëtzebuerger ze considéréieren.

Wat ee muss bedaueren, dat ass, datt d'Optioun fir Leit, déi sech mat engem Lëtzebuerger oder enger Lëtzebuergerin bestueden oder pacsen, ofgeschaaft gëtt. Traditionell war d'Chamber ëmmer der Meenung, datt, wann e Lëtzebuerger oder eng Lëtzebuergerin en Auslänner bestuet, dëst ee vun de Facteure war, deen de Beweis bruecht huet, datt ee sech wollt als Lëtzebuerger integréieren. De Conseil d'État an d'Chambre de Commerce bedaueren, datt dës Méiglechkeet verschwënnt. D'ADR och. Dëst desto méi, well doduerjer fir d'Kanner, déi aus deem Mariage erausginn, elo d'duebel Nationalitéit bal d'Regel gëtt. Lëtzebuerger ginn, wann een e Lëtzebuerger oder eng Lëtzebuergerin bestuet, gëtt doduerjer nach erschwéiert, well aus deenen dräi Joer, wou ee konnt d'Optioun maachen, ginn der elo siwen. Dat heescht, d'Lat gëtt just nach villech méi héich geluecht a mir fierderen doduerjer nach weider d'duebel an d'multiple Nationalitéit.

De Conseil d'État seet a sengem Avis, woufir hie mengt, datt dës Dispositioun iwwerhaapt ofgeschaaft ginn ass: «Le spectre de la fraude et du mariage de complaisance ne devrait pas empêcher le législateur de reconnaître que le mariage conclu entre un étranger et un ressortissant luxembourgeois vaut présomption d'intégration, après un certain délai et à condition que la communauté de vie entre époux soit effective.»

Mariages blancs - mir wëssen alleguerten, datt et där gëtt. Duerfir ass, wann ech richteg informéiert sinn, jo och elo kierzlech e Gesetzesprojet déposéiert ginn, deen dergéint soll a wëllt ukämpfen. Do muss et och effektiv strofrechtlech Bestëmmunge ginn, well ee ganz genau weess, datt haut esou e Mariage blanc e puer dausend Euro kann abréngen. Dat muss ënnerbonne ginn. Mä et ass awer doduerjer net fir op de Wee ze goen, fir deen Ablack d'Optioun fir déi bestuete Leit ofzeschafen.

En anere Punkt, dee sech hei aus dem Gesetz ergëtt, a vun deem erkenne mer un, datt et eng positiv Saach ass, dat ass déi Evolutioun am Jus soli. Déi Leit, déi scho bis elo um Territoire waren, déi konnte schonn, wa se hei gebuer waren a wa se hei an d'Schoul gaange sinn, deen Ablack mat 18 Joer optéiere fir Lëtzebuerger ze ginn.

Elo gi mer e ganz aneren, villech méi wäite Wee am Kapitel «Des Luxembourgeois d'origine». Ech zitéieren de ganzen Text, fir datt ech herno och richteg verstane ginn. Mir fannen dat am Artikel 1.5: «Est luxembourgeois l'enfant né au Grand-Duché de Luxembourg de parents non-luxembourgeois, dont un des parents est né sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg.»

Wann d'Gesetz also elo a Kraaft trëtt, sinn alleguerten déi Leit, déi op den 1. Januar 2009 déi Konditiounen erfëllen, d'office Lëtzebuerger. Si hunn d'office Droit op e lëtzebuergesche Pass an déi, déi iwwer 18 Joer sinn, déi mussen d'office ageschriwwe ginn op d'Lëtzebuerger Wielerlëschten. Dat ass dat, wat sech hei aus dësem Text ergëtt. Dat ergëtt sech net nure fir déi Leit, déi elo an zweeter Generatioun hei gebuer sinn, mä et ergëtt sech och fir alleguerten déi aner Leit, déi ënnert d'Artikelen 1 Paragraph 2, 3 a 4 falen.

Dorauser ergëtt sech natierlech eng grouss praktesch Schwieregkeet, Här Justizminister, well no virsiichtege Schätzungen, déi gemaach gi sinn, kann een unhuelen, datt eng 10.000 bis 15.000 Leit kéinte vun dëser Dispositioun profitéieren. Dovunner e gudden Deel Leit oder Persounen, déi Wieler sinn. An dat wäerten haaptsächlech Leit vun italienescher a franséischer Origine sinn, mä och aus aneren Originen.

Wann déi e Lëtzebuerger Pass brauchen, dann ass et relativ einfach. Si komme mat hiren zwee Gebuertsschäiner an de Passbüro an da kréie se e Lëtzebuerger Pass. Mä et ass en anere Problem bei de Gemengen. Déi mussen elo, fir deen Ablack, wou d'Gesetz a Kraaft trëtt - dat ass jo am Prinzip geduecht fir den 1. Januar 2009 -, alleguerten déi Recherchë praktescher Natur maachen iwwerall an hire Fichieren, fir ze kucken, ob eng vun deene Persounen do ënnert d'Stipulatioune vum Gesetz fält.

Duerfir wollt ech den Här Justizminister froen: Wéi gesäit d'Regierung, dass déi Aarbecht do soll vir sech goen? Ass do den Innenministère gewëllt, eng Circulaire erauszeginn? Wéi kann de Gemengen do gehollef ginn? Well et ass e richtegen Défi, fir déi ganz Aarbecht do ze meeschteren, ze kontrolléieren a seriö ze maachen.

Da ginn an dësem Gesetz weider Konditiounen, fir Lëtzebuerger ze ginn, preziséiert, notamment wat d'Kenntnisser an der Lëtzebuerger Sprooch ugeet, mä d'Lëtzebuergescht ass net méi d'Sprooch vun de Lëtzebuerger, mä nuren eng administrativ Sprooch nieft der franséischer an der däitscher Sprooch.

Ee vill diskutéierte Punkt an den heitegen Debatten ass d'Diskussioun, wéi vill Lëtzebuergeschkenntnisser eng Persoun muss hunn, fir Lëtzebuerger ze sinn. Dës Debatt ass net nei. Si gouf scho gefouert bei der leschter Reform vum Nationalitéitegesetz 2001.

Deemools hat d'CSV/DP-Regierung e Gesetzesprojet vum Här Justizminister adoptéiert, an deem drastoung, datt, fir Lëtzebuerger ze ginn, et géif duergoen, fir eng vun deenen dräi Amtssproochen ze kennen, dat heescht, entweder Lëtzebuergesch oder Franséisch oder Däitsch.

D'ADR huet direkt nom Pressebriefing, deen d'Regierung ofgehalen huet, dergéint protestéiert am Joer 2001, an dëst mëndlech a schréftlech, esou datt - an da gesäit een heiansdo, wéi séier reagéiert gëtt - nuren e puer Woche méi spéit de Regierungsrot en neie modifizéierte Gesetzesprojet déposéiert huet, an deem den heitegen Text vum Gesetz festgehale gouf.

Dës Kéier gouf deeselwechte Feeler net méi gemaach. Dës Kéier huet den Här Justizminister opgepasst. Mä déi generell Iddi a Matière Lëtzebuerger Sprooch bleift awer, datt fir d'LSAP, d'DP an déi Gréng, mä och - an dat ass erstaunlech - fir d'CSV d'Lëtzebuerger Sprooch nuren eng vun deenen dräi administrative Sproochen ass, an net d'Sprooch vun de Lëtzebuerger.

Dëst gouf illustréiert, wéi et dorëm gaangen ass, fir d'Lëtzebuerger Sprooch an onser Verfassung ze verankeren. Ech hat am Numm vun der ADR eng Proposition de loi déposéiert, fir ons Verfassung ze änneren. D'Propositioun goung dorop eraus, fir déi Dispositiounen, déi am Sproochegesetz vun 1984 stinn, och an onser Verfassung festzehalen.

Den éischte Saz huet duerfir kloer gesot, d'Sprooch vun de Lëtzebuerger ass d'Lëtzebuergescht. Déi véier aner Parteien hu kloer schréftlech matgedeelt, datt si déi Propositioun vun der ADR net wéilten iwwerhuelen, an duerfir gouf de Saz, dee seet, datt d'Sprooch vun de Lëtzebuerger d'Lëtzebuergescht ass, net zréckbehalen. D'Lëtzebuergescht ass also nuren an den Ae vun dëse Parteien eng vun onsen dräi administrative Sproochen. D'Lëtzebuerger Sprooch gëtt also mat der däitscher a franséischer Sprooch op een Niveau gesat. An dëst erkläert och déi Debatt, déi mir haut hunn iwwert den Niveau vun de Connaissancen, de Kenntnisser, déi een am Lëtzebuergesche muss hunn.

Wann an onser Verfassung verankert gi wier, datt d'Sprooch fir de Lëtzebuerger d'Lëtzebuergescht ass, da wier alles kloer, an da wier och hei an dësem Gesetz déi Dispositioun méi kloer a méi logesch wéi dat, wat elo virläit a wéi elo argumentéiert gëtt.

An d'ADR seet och, datt dës Kenntnisser deen Ablack och an onsen Aen de strikte Minimum duerstellen. Duerfir fuerdere mer och d'CSV op, politesche Courage ze weisen an hir Meenung ze änneren a sech der Propositioun vun der ADR ze ralliéieren, déi seet, datt an ons Verfassung muss den Text stoe kommen, datt d'Sprooch vun de Lëtzebuerger d'Lëtzebuergescht ass.

Geschitt dëst net, dann hunn och déi Dispositiounen iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch, déi an dësem Gesetz verankert sinn, net weider vill Wäert a riskéieren an der nächster Legislatur geännert ze ginn.

Dat, wat een och muss festhalen, ass, datt et erstaunlecherweis och nach, wann déi Propositioune vun der DP an deene Gréngen duerchginn, hei zu Lëtzebuerg zweeërlee Zorte vu Lëtzebuerger wäert ginn: déi Lëtzebuerger, déi Lëtzebuerger sinn an nure matstëmmen däerfe goen, an déi Lëtzebuerger, déi an d'Fonction publique däerfe goen.

Woufir? Well bei der Fonction publique, fir do eranzekommen, fir do Member ze ginn, gëtt et e speziellen Test linguistique, deen e villech méi héijen Niveau virgesäit, wéi deen, deen elo hei am Gesetz virgesinn ass.

(Interruptions)

An et ass dorëmmer, wou et geet, wann een déi zwee Niveauen esou no wéi méiglech beienee bréngt, well mer ganz genau wëssen,...

(Interruption)

...datt ganz vill Auslänner, déi d'lëtzebuergesch Nationalitéit unhuelen, och an d'Fonction publique mat erakomme wëllen. Dat ass e Wonsch vu ganz ville Leit, déi hei esou handelen.

Duerfir menge mer och, datt dee Minimum, déi Konditioun, déi hei virgesinn ass, wat d'Lëtzebuergeschkenntnisser ugeet, esou an der Rei ass, well doduerjer et villech méi einfach ass, fir deen Ablack och déi nächst Etapp ze packen.

(Interruptions)

Da muss ee festhalen, datt verschidde Bierger vun dësem Gesetz profitéieren an anerer net. An der Europäescher Unioun gëtt et eng Halschent ongeféier vu Länner, déi keng duebel Nationalitéit virgesinn. Zum Beispill Däitschland, Griichenland, Dänemark, Holland. Souguer wann een dëst Gesetz unhëlt, gëllt dat och fir ons. Déi Bierger, déi zum Beispill Belsch wëlle ginn, déi mussen deen Ablack hir lëtzebuergesch Nationalitéit och opginn, well d'Belsch eng duebel Nationalitéit nuren unerkennt, wann een, deen d'belsch Nationalitéit huet, eng aner Nationalitéit mat géif unhuelen.

Da gëtt et Länner, déi d'duebel Nationalitéit kennen: d'Emigratiounslänner Italien, Spuenien, Portugal. An do muss een och festhalen, datt verschidde Länner wéi Portugal notamment, mä och aus dem Maghreb Dispositiounen an hirer Verfassung oder Gesetzgebung hunn, déi soen, datt een hir Nationalité d'origine net ka verléieren. Dat gëllt notamment fir alleguer ons portugisesch Matbierger. Den Ambassadeur vu Portugal huet ons schréftlech confirméiert, datt also elo schonn ënnert dem bestehende Gesetz déi portugisesch Mataarbechter hir Nationalitéit net verluer hunn, wa se Lëtzebuerger gi sinn.

Et muss een also festhalen, datt, wann d'Gesetz gestëmmt gëtt, et net esou ass, datt da jiddfereen hei am Land wäert eng duebel oder eng multipel Nationalitéit hunn. Et wäerten déi Leit sinn, déi nure Lëtzebuerger sinn; et wäerten déi Leit sinn, déi nuren Däitsch oder Belsch sinn; an et wäerten déi sinn, déi eng hallef Dosen Nationalitéite kënnen hunn, jee nodeem wéi et sech auswierkt.

Als ADR kënne mir just mat deenen Dispositiounen an dësem Gesetz d'accord sinn, déi eisem Wahlprogramm entspriechen. Dat ass besonnesch d'Dispositioun, datt d'Kenntnisser an der Lëtzebuerger Sprooch misste kloer festgeluecht ginn an net méi vu Gemeng zu Gemeng vun Dossier zu Dossier verschidde sinn.

M. le Président.- Här Henckes, erlaabt Der eng Tëschefro?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Jo, Här President.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Just eng Tëschefro, well Der jo ëmmer nees mat deem Argument do vun där hallwer Dose kommt, wat also herno en infimen Deel ass, also sechs, keen, dach, oder dräi. Jo, wa mer - den Här Gibéryen, Äre Fraktiounschef, ass jo och Gewerkschaftler - géifen aarbechtspolitesch a sozialpolitesch Mesuren esou diskutéieren, da géife mer praktesch eis ganz aarbechtsrechtlech a sozial Gesetzgebung ofschafen.

(Interruption)

Wa mer mat sougenannt Abusen hei argumentéieren…

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Dir vermëscht hei Äppel a Biren.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Wat ech awer wollt froen, Här Henckes, ass:…

M. le Président.- Den Här Braz stellt eng Fro.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- …lech stéiert jo, Här Henckes, wann ech lech gutt verstanen hunn, dass déi Leit, déi eng aner Nationalitéit hunn, elo en plus och déi Lëtzebuerger kéinte kréien an dann dat domadder géife cumuléieren.

Wéi wär et am ëmgedréinte Fall? Wat sot Der deene Lëtzebuerger, déi elo Lëtzebuerger sinn an déi am Ausland liewen an déi et duerch dëst Gesetz och erlaabt kréien, do eng nei unzehuelen? Wat sot Dir deenen?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Wann déi Länner dat erlaben, da solle se dat maachen. Mir hu jo all Kéiers gesot, wann een…

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Ah! An déi Richtung ass et also wonnerbar, an déi aner ass et falsch!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Mir hunn dat heiten och schonn 2001 gesot. Also, et ass guer näischt Neies. Ech géif just drop hiweisen, datt, wann een d'däitsch Nationalitéit oder déi éisträichesch oder déi griichesch oder déi dänesch oder déi hollännesch unhëlt, da muss een déi lëtzebuergesch ofginn, well déi dat net unhuelen.

Et ass doméinst wou ech och gesot hunn, datt alleguerten déi Leit, déi elo hir Nationalitéit opginn hunn, spéiderhi kënnen, wann d'Gesetz a Kraaft trëtt, hir Nationalité d'origine nees unhuelen.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Ass dat da gutt?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- An ech wëll domadder ofschléissen: Wie Lëtzebuerger wëllt ginn, dee muss och Lëtzebuergesch schwätze kënnen. Dat gëtt mat dësem Gesetz garantéiert.

Dat geet awer net duer, fir datt mir dësem Gesetz kënnen zoustëmmen. Als ADR si mir nämlech prinzipiell géint d'duebel Nationalitéit an, wéi ech virdru gesot hunn, nach méi géint d'Multinationalitéit, déi mat dësem Gesetz agefouert gëtt. Et kann een nëmmen eng Nationalitéit hunn, mat alle Rechter a Flichten, déi dozou gehéieren.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Fir eis steet och de Lëtzebuerger Pass um Enn vum Integratiounsprozess. Dëst Gesetz awer dréit dee Prinzip deelweis op d'Kopp. Hei gëtt e Lëtzebuerger Pass praktesch gratis ugebueden. Domat kann d'Alternativ Demokratesch Partei net averstane sinn.

(Interruption)

Mir bedaueren och, datt mat dësem Gesetz d'Optioun ofgeschaaft gëtt fir déi Persoun, déi e Lëtzebuerger oder eng Lëtzebuergerin bestuet. D'ADR wäert also géint dëst Gesetz stëmmen, well mat dësem Gesetz, an engem Saz gesot, de Lëtzebuerger Pass an domat och d'Lëtzebuerger Nationalitéit bradéiert gëtt.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Jaerling ageschriwwen.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Och dem Rapporteur Merci fir säin explizite Rapport. Elo weess ech endlech och emol, wat an deem Gesetz steet. Ech si frou, dass an dësem Gesetz eng Dispositioun dran ass, wou mer vum souveräne politesche Wee, fir Lëtzebuerger ze ginn, op den administrative Wee ginn. Well dat war eng Propositioun, déi ech virun néng Joer an der zoustänneger Kommissioun gemaach hunn - jo, Här Fayot -, a wou se dann alleguer gesot hunn: Hei, vu wou kënnt hien dann? Maja, ech si vun do komm an elo gi mer alleguer zesummen dohinner, wou ech gär gaange wier.

(Interruption)

Bon, ech wëll awer emol soen, dass och esou e klenge Geescht wéi ech heiansdo kann eng gutt Iddi hunn.

Här President, wann een dëse Gesetzesprojet analyséiert, da muss ee sech d'Fro stellen: Ass et wierklech eng Verbesserung zum Wee an d'Integratioun oder ass et eng Brems? Esou wéi ech d'Saach gesinn an d'Dispositioune gekuckt hunn, ass et éischter eng Brems. Och wann elo an deem Gesetz d'Dieren opgemaach gi fir d'duebel Nationalitéit, wou ee jo kënnt mengen, dëst kënnt integratiounsfördernd sinn, mä dat muss d'Zukunft eis awer beweisen.

Anerer mengen, déi Mesure, déi mer elo héieren hunn, kéint eis Identitéit a Fro stellen, an déi hunn elo versicht mat skurrile Beispiller de Lëtzebuerger Angscht ze maachen, andeem se behaapt hunn, mat där Mesure kréiche mer Bierger mat e puer Nationalitéiten. Wou ech awer kee Problem gesinn, well ech net gesinn, ob een e Virdeel oder en Nodeel dovunner huet. Dee Beweis si se schëlleg bliwwen.

Well fir iwwerhaapt zwou Nationalitéite kënnen ze hunn, muss een emol fir d'éischt Lëtzebuerger ginn. An d'Lëtzebuerger Nationalitéit priméiert och duerno. Dofir verstinn ech elo déi Argumenter net, déi hei virbruecht gi sinn. Ech hoffen, dass d'Lëtzebuerger sech och net dovunner verblende loossen.

An dësem Gesetz, Här President, hu mer zwou Mesuren, iwwert déi ech awer wëll méi speziell schwätzen. Dat ass d'Residenzklausel an d'Erléiere vun der Sprooch an d'Kenntnisser vun eisen institutionelle Strukturen an Dispositiounen.

Déi éischt ass déi vun der Residenzklausel. Et gëtt einfach keng logesch Erklärung - dat huet den Här Braz och schonn hei gesot -, firwat mer elo vu fënnef op siwe Joer eropginn. Ech war vun Ufank un do ëmmer enger anerer Meenung. An ech stelle mer iwwerhaapt d'Fro: Firwat eng Residenzklausel, wa mer jo scho vun de Leit nach zousätzlech zwou Bedéngunge verlaangen, déi se mussen erfëllen a wou se wierklech mussen e wesentlechen Integratiounseffort maachen?

Meng Approche ass éischter déi gewiescht, fir iwwerhaapt keng Residenzklausel an d'Gesetz anzeschreiwen, well den Integratiounswëllen huet net onbedéngt eppes mat Zäit oder mat Joren ze dinn. Ech sinn der Meenung, dass, wann eng Persoun sech wierklech wëllt integréieren an déi zwou Bedéngunge vun der Sprooch an eiser Bürgerkunde, wéi mer dat ëmmer genannt hunn, schonn no zwee oder dräi Joer erfëllt, misst se kënnen hir Demande areechen, ouni siwe respektiv fënnef Joer mussen ze waarden. Déi onsënneg Residenzklausel ass fir mech op jidde Fall schonn e Grond, fir dëst Gesetz net ze stëmmen.

Komme mer dann zu där anerer Dispositioun, d'Erléiere vun der Sprooch. Ech sinn 100% domat d'accord: Een, dee wëllt eis Nationalitéit erstriewen, muss eis Sprooch an eisen institutionelle Fonctionnement an d'Dispositioune kennen. Mä ass et wierklech noutwendeg, Bac +7 an der Lëtzebuerger Sprooch mussen ze erreechen, fir kënne Lëtzebuerger ze ginn?

Wat gëtt eigentlech gefaart? Dass, wann déi Leit eis Sprooch net richteg schwätzen, eis Sprooch da mat ze vill Friemwierder zersat gëtt oder entfriemt gëtt? Mä gëtt eis Sprooch net elo scho permanent mat Friemwierder zersat? Ech denken zum Beispill hei u verschidde Riedner an der Chamber, wou deen een oder anere mengt, dass, wann hie méi Friemwierder a senge Rieden abaut, seng Ried da méi gescheit géif klengen, bis hie sech herno heiansdo selwer net méi versteet.

Wéi gesäit et och an der Praxis aus, wann en Netlëtzebuerger elo Lëtzebuergesch kann? Da si mer nach virum Fait, dass eis Dageszeitungen op Däitsch oder op Franséisch sinn. Hie ka sech also, wann hien nëmme Lëtzebuergesch kann, doriwwer net informéieren an och net weiderbilden. Oder en anert Beispill: eng russesch Statsbiergerin, déi sech Lëtzebuerger maache gelooss huet, perfekt Lëtzebuergesch an nach just Russesch schwätzt, dann awer wollt de Führerschäi maachen an do festgestallt huet, dass mer kee Code de la Route op Lëtzebuergesch fonnt hunn, a se domadder zum Examen net zougelooss ginn ass.

Dofir wëll ech och op d'Wichtegkeet vum Congé linguistique hiweisen, deen onbedéngt muss kommen. Mä ech sinn awer der Meenung, dass dee Congé linguistique net nëmme fir Lëtzebuergesch duerf gëllen, well mer einfach och mussen de Wee opmaachen, fir de Lëtzebuerger an iwwerhaapt jiddferengem, dee sech wëllt sprooclech weiderbilden, eng Méiglechkeet ze ginn, fir dat kënnen ze maachen; zum Beispill och bei der Sich vun enger neier Schaff, wou heiansdo Sproochekonditioune gesat ginn.

Dat heescht, dee Congé linguistique ass onbedéngt noutwendeg. Mä ech sinn awer der Meenung, dass en net nëmme fir d'Lëtzebuergescht soll gëllen, an et misst ee sech och, wéi den Här Braz gesot huet, Gedanken driwwer maachen, ob een net dee Congé soll staffele jee no de Bedierfnisser vun de Leit; dat kann ech voll ënnerstëtzen.

Dann elo zu eiser Sprooch selwer. Si steet net emol als Sprooch vun de Lëtzebuerger an eiser Verfassung, déi selwer emol net op Lëtzebuergesch ze fannen ass!

Zwee Gesetzesprojete sinn deponéiert ginn, also net nëmmen dee vun der ADR, fir d'Lëtzebuerger Sprooch als Sprooch vun de Lëtzebuerger an der Verfassung anzeschreiwen.

Wat mécht awer déi zoustänneg Kommissioun doraus? Si wëllt nach just an d'Verfassung aschreiwen, dass de Stat derfir suerge soll, dass d'Lëtzebuerger Sprooch soll gefördert ginn. Dat ass awer net dat, wat d'Auteure vun de Gesetzesprojete wollten, an et ass och net dat, wat eis Sprooch opwäert.

An et ass och net dat, wat d'„Aktioun Lëtzebuergesch Eis Sprooch" wëllt; eng Aktioun, déi sech scho säit Jorzéngte fir eis Sprooch asetzt. Déi Aktioun wëllt, dass an eis Verfassung d'Lëtzebuergescht als Sprooch vun de Lëtzebuerger verankert gëtt. Dat Eenzegt, wat eis Sprooch opwäert an hir eng richteg rechtlech Basis gëtt, ass, dass an d'Verfassung endlech stoe kënnt, d'Sprooch vun de Lëtzebuerger ass d'Lëtzebuergescht.

Här President, dann nach en anere Phenomeen: Eis Sprooch steet och net an der offizieller Lëscht vun den unerkannten europäesche Sproochen. D'Lëtzebuerger Sprooch ass déi eenzeg, déi net an där Lëscht steet, an dat obwuel mer Grënnerland vun der EU sinn!

Wa mer also vu Leit verlaangen, si sollen eis Sprooch léieren, da solle mer vläicht fir d'éischt emol derfir suergen, dass eis Sprooch an eis Verfassung kënnt an dass se offiziell op europäeschem Niveau unerkannt gëtt. D'„Aktioun Lëtzebuergsch" stellt sech souguer d'Fro, zu Recht, iwwert d'Verfassungskonformitéit, wat d'Dispositiounen an dësem Gesetz iwwert d'Erléiere vun eiser Sprooch betreffen.

An deem Kontext, Här President, wëll ech nach eemol eng Motioun erareechen, déi d'Regierung opfuerdert, sech anzesetzen, dass eis Sprooch um europäesche Plang endlech offiziell unerkannt gëtt an dass se als Sprooch vun de Lëtzebuerger och kloer an eis Verfassung stoe kënnt.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling.

Motion 2

D'Volleksvertriederkummer,

- déi sech am Kader vum Gesetzprojet 5620 iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit ënner anerem derfir ausgeschwat huet, datt en Demandeur vun der Lëtzebuerger Nationalitéit der Lëtzebuerger Sprooch misst mächteg sinn;

- wëssend, datt d'Lëtzebuerger Sprooch nach net an eiser Verfaassung festgeschriwwen ass;

- wëssend, datt d'Lëtzebuerger Sprooch net an der offizieller Lëscht vun den unerkannten europäesche Sproochen ageschriwwen ass;

- sech doropshin d'Fro stellt, ob ee ka vun engem Bierger verlaangen, eng Sprooch ze léieren, déi net offiziell europäesch unerkannt ass;

fuerdert d'Regierung op

- dermat averstanen ze sinn, dass d'Lëtzebuerger Sprooch an eiser Verfaassung als Sprooch vun de Lëtzebuerger verankert gëtt ënner folgendem Text: „D'Sprooch vun de Lëtzebuerger ass d'Lëtzebuergescht";

- bei den zoustännegen EU-Instanzen anzewierken, fir datt d'Lëtzebuerger Sprooch endlech an der Lëscht vun den europäesch unerkannte Sproochen ageschriwwe gëtt.

(s.) Aly Jaerling.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Ech wéilt nach bemierken, dass ech an deem Kontext net eleng stinn an ech dem Här Chamberspresident eng Petitioun mat 3.500 Ënnerschréften iwwerreecht hunn, fir meng Motioun ze ënnermaueren.

Dat heescht also, ech sinn net eleng, a wann ech lech soen, dass ech déi 3.500 Ënnerschréften innerhalb vu 14 Deeg zu Esch an der Uelzechtstrooss gesammelt hunn, an enger hölzerner Bud, da kënnt Der lech jo virstellen, wann ech Ënnerstëtzung kritt hätt vun der Press, déi ech guer net kritt hunn, wou emol net ee Wuert iwwer meng Aktioun - trotz menge Pressecommuniquéën - matgedeelt ginn ass, ech sinn iwwerzeegt, dann hätt de Fändel den zweete Präis kritt mat senger Petitioun.

Dofir sollte mer emol fir d'éischt déi Virausetzunge schafen, déi eis Sprooch opwäerten, ier mer vun den Netlëtzebuerger en „Bac +7" an eiser Sprooch verlaangen, fir kënne Lëtzebuerger ze ginn!

Här President, an de leschte Wochen ass vill Rieds gaangen iwwer eis Sprooch. Et ass souguer eng geféierlech riets Allianz ugebuede ginn, anscheinend am Interessi vun eiser Sprooch.

Et ass just e bëssen erstaunlech, dass dëst Interessi fir eis Sprooch elo virun de Wahlen esou intensiv optaucht. Ech fannen et einfach aarmséileg, wann eis Sprooch elo zu wahlpolitischem Calcul benotzt gëtt respektiv zu rietsem Populismus.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- DÉI GRÉNG an och d'„Aktioun Lëtzebuergesch" hu Recht, wa se soen, eis Sprooch gehéiert eise Bierger an ass kee Spillobjet fir riets Parteien. Dofir solle mer ganz gutt oppassen, wie sech a wat fir enger Aart a Weis fir eis Sprooch asetzt a genau analyséieren, aus wat fir enge Grënn dat geschitt.

Déi Eenzeg, déi sech bis elo säit Joren intensiv fir d'Lëtzebuerger Sprooch agesat hunn - a weider asetzen -, ass d'„Aktioun Lëtzebuergesch Eis Sprooch". All Fortschrëtter am Erhale vun eiser Sprooch sinn hinne guttzeschreiwen a kenger Partei.

Dofir sollte Verschiddener sech elo besser net als Retter vun eiser Sprooch opblosen, well déi eng maachen et aus rietspopulisteschem Calcul, Wahlcalcul, an déi aner, fir deenen engen net den Terrain vun dësem Wahlpotenzial ze iwwerloossen.

Dat ass aarmséileg! Mä ech sinn iwwerzeegt, dass d'Lëtzebuerger net dorobber wäerten erafalen.

Wat elo dee Gesetzesprojet hei ubelaangt, Här President, esou muss ech mech enthalen. Och wann eng Rei Dispositiounen dra sinn, déi mer gefalen. Mä et stinn zwou Dispositiounen dran, déi fir mech einfach onrealistesch sinn, an dat sinn d'Residenzklausel an déi ze héich Dispositiounen, wat d'Erléiere vun eiser Sprooch betrëfft - an ech hoffen, dass mer dat an nächster Zukunft kënnen nobesseren.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Merci bien.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann hu mer als leschte Riedner den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, wann ech gelift.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach eng Kéier ganz kuerz op deen heite Projet zréckkommen an op déi fundamental Fro, déi jiddferee sech virun där Ofstëmmung ze stellen huet.

D'Fro ass nämlech déi, ob mer der Meenung sinn, dass dee Gesetzestext, deen hei virläit, a senger Versioun esou wéi e vun der juristescher Kommissioun zréckbehale ginn ass, e Fortschrëtt oder e Réckschrëtt duerstellt par rapport zu eisem Nationalitéitegesetz, wéi mer et zënter 2001 hei zu Lëtzebuerg kennen.

Et muss ee sech also d'Fro stellen, ob Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger sech mat deem heite Gesetz akapselen oder sech weider opmaache fir Leit opzehuelen an déi Lëtzebuerger Gemeinschaft, déi an dësem Land, an dëser Gesellschaft e gewëssene Grad vun Integratioun erreecht hunn.

Mir mussen eis d'Fro stellen, ob dëst Gesetz der sozialer Realitéit vun der Multinationalitéit Rechnung dréit a schliesslech musse mer eis d'Fro stellen, wéi et steet mam Respekt vun de Prinzipië vun der Rechtsstaatlechkeet bei individuellen Décisiounen.

Wann een déi eenzel Froen duerchgeet an et kuckt een den Text, ass fir mech d'Äntwert relativ einfach.

Dëse Gesetzesprojet entsprécht all deenen dräi Kritären, global gesinn deenen dote Virstellungen, an e stellt an eisen Aen also och e Fortschrëtt duer par rapport zu där Législatioun, wéi mer se haut kennen.

Dat eleng eigentlech misst eist Ofstëmmungsverhale bestëmmen, wa mer herno iwwert deen heiten Text ze befannen hunn.

D'Fro kann ech natierlech stellen, firwat et elo scho sechs, siwe Joer nodeem mer eng Reform vun der Gesetzgebung virgeholl hunn, duerch e Gesetz vum 24. Juli 2001, noutwendeg war, erëm eng Kéier ze légiféréieren, wou mer normalerweis relativ seelen un eist Nationalitéitegesetz ginn. Och do ass fir mech d'Äntwert relativ kloer: well eng onvollstänneg Aarbecht gemaach ginn ass am Joer 2001.

Dëst Gesetz ass noutwendeg, well 2001 der deemoleger CSV/DP-Majoritéit de Courage gefeelt huet, zum Beispill op de Wee ze goe vun enger duebeler Nationalitéit. Déi viregt Koalitioun huet dat formell ausgeschloss. Si wollt an där Mandatsperiod net un d'duebel Nationalitéit erugoen; eng Erneierung, déi, ausser vun der ADR, vu sämtleche Fraktiounen haut mat grousser Begeeschterung hei opgeholl ginn ass.

Déi deemoleg CSV/DP-Regierung huet och versäumt gehat, en Akt ze setzen, wat den Droit du sol ugeet, fir déi nei Elementer vum Buedemrecht an eis Nationalitéitegesetzgebung anzeféieren. Dat geschitt duerch deen Text, esou wéi e vun der Kommissioun zréckbehale ginn ass. An déi deemoleg CSV/DP-Regierung a -Koalitioun huet et verpasst, och eng Rechtskontroll anzeféieren, wat individuell Décisiounen iwwert d'Naturalisatiounen hei zu Lëtzebuerg ugeet; wierklech eng Schwaachstell vun eisem ganze Rechtssystem hei zu Lëtzebuerg.

All dës Defiziter ginn duerch deen heiten Text ausgebigelt, an duerfir wäerte mir och als LSAP deen doten Text stëmmen.

(Interruption)

Ech sinn der Meenung, dass mer hei wierklech amgaange sinn, zum Deel eis déi wichteg Errongenschaften eigentlech vun deem heiten Text ze zerrieden. Déi ginn an engem Saz begréisst, wou dat bal revolutionär Neierunge sinn, déi hei erakommen, an et gëtt sech fokaliséiert an der Kritik op zwee Aspekter, wat vläicht keng Detailaspekter sinn, mä déi een awer och muss an engem historesche Kontext an hirer Bedeitung e bësse méi zrécksetzen.

Ech komme gären op déi dote Punkten zréck an ech ginn och gären zou, ech hunn dat schonn hei gemaach bei aneren Debatten, dass deen heiten Text sech net zu 100% mat eiser Virstellung deckt, wéi ech och herno wäert weisen, dass deen heiten Text sech och net mat de Virstellunge vun der CSV a vum Justizminister deckt, esou wéi hie se an engem éischte Virprojet am Abrëll 2006 presentéiert huet.

Mä dat schéngt mer awer normal ze sinn an engem politesche Prozess, an engem legislative Prozess, wou jiddferee sech muss bewegen a wou mer schlussendlech mengen ech awer hei en Text fonnt hunn, deen ee kann als Kompromisstext bezeechnen, deen awer an eisen Aen akzeptabel ass, deen och fir d'Gesellschaft akzeptabel ass. Ech mengen et sollt een och bei esou Texter wéi deem heite Kampfofstëmmunge vermeiden.

Et ass wichteg, dass een op esou Froe probéiert e relativ breede Konsens ze erreechen. Mä mir hunn awer och hei gemierkt, dass eenzelne Leit deen Text schonn ze wäit geet. Anere Leit geet en net wäit genuch.

Ech géif awer mengen, dass mer par rapport zu 2001 en däitleche Schratt no vir maachen, dass mer manner Angscht hate fir wierklech waarmt Eisen unzepaken, dass duerfir dat heiten u sech e gudden Text ass.

Eng Residenzdauer vu fënnef Joer, dat war eis Virstellung. D'CSV hat eng aner Virstellung.

De Minister hat en ursprüngleche Virprojet presentéiert, wou e wollt a Richtung Dualsystem goen, dat heescht fënnef Joer sinn ze loosse fir d'Optiounen an zéng Joer anzeféiere fir déi Leit, déi net wéilten op hir éischt Nationalitéit verzichten. Mir hu gesot, mir kéinten esou e System net akzeptéieren, deen et a kengem Land gëtt. Et gëtt keen Dualsystem fir esou Naturalisatiounen. Jiddferee soll gläich behandelt ginn. Duerfir ass sech op siwe Joer gëeenegt ginn.

Mir hate laang Zäit zéng Joer. Et ass erofgaangen op fënnef Joer. Mä déi fënnef Joer waren esou arbiträr festgeluecht wéi sengerzäit déi zéng Joer. Dat si jo keng wëssenschaftlech Délaien, déi hei feststinn.

(Interruption)

Esou ass och dee vu siwe Joer kee wëssenschaftlechen Délai, mä effektiv e Kompromiss, dee fonnt ginn ass opgrond vun zwou verschiddene Propositiounen, déi um Dësch louchen.

Ech wëll awer nach soen - dat schéngt mer awer nach eng Kéier wesentlech ze sinn -, dat war och eng Konditioun, fir dass mir als LSAP mat op dee Wee gaange sinn. Mir hunn awer gläichzäiteg Assurancë vum zoustännege Minister kritt, dass hie personalméisseg an och budgetär déi néideg Schrëtter ageleet huet, fir wann dat Gesetz hei den 1. Januar d'nächst Joer a Kraaft trëtt, dass da garantéiert ass, dass déi Dossiere schnell kënne behandelt ginn, dass mer wierklech bei maximalen Délaië vun aacht Méint ukommen an dass déi Zäiten definitiv eriwwer sinn, wou esou Dossiere vun Naturalisatiounen zwee, dräi Joer - mir hunn haut gesinn, bis zu néng Joer - gedauert hunn, ier dann eng definitiv Décisioun konnt an der Chamber geholl ginn.

Déi doten Zäite mussen eriwwer sinn. Da wäert et de facto dozou kommen, dass mat deem neien Délai vu siwe Joer par rapport zu deem aneren Délai vu fënnef Joer d'Leit esou schnell wéi virdru praktesch géifen d'Lëtzebuerger Nationalitéit mat deem neie System kréien. Esou dass et net zu enger Verschlechterung vun der Situatioun vun de Leit kënnt. Well deen eenzegen Datum, deen zielt, ass net deen, wéini ee kann eng Demande erareechen, mä dee wichtegen Datum ass deen, wéini dass ee wierklech Lëtzebuerger gëtt, wéini dass een d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt. Dat ass u sech duerch deen heite System garantéiert, wann d'Regierung hir Engagementer op deem dote Punkt hält. Dat wäerte mer natierlech an deenen nächste Joren als Chamber ze kontrolléieren hunn.

Sengerzäit war et och d'Absicht vum Minister, fir de System vun den Naturalisatiounen an den Optioune bäizebehalen. Dat heescht, d'Chamber sollt weider d'Kompetenz behalen, fir ze décidéieren, wie Lëtzebuerger gëtt iwwer Naturalisatioun, ouni d'Kontroll vun de Geriichter. Mir hunn duerch gutt Argumenter erreecht, fir dat ze änneren, an dass mer elo e System hunn, deen zu eisem Rechtsstat passt, dat heescht, wou eng Kontroll vu Geriichter ass a wou jiddfereen e Recht op eng Nationalitéit huet, wann hien dann d'Bedéngunge vum Gesetz erfëllt.

Wat et och noutwendeg mécht, fir déi Bedéngungen am Gesetz méiglechst prezis festzeleeën, well mer eben elo hei zu Lëtzebuerg eng Rechtskontroll hunn; wat e Fortschrëtt ass par rapport zu virdrun.

Relativ houfreg sinn ech och, dass et an der Kommissioun gelongen ass, déi aner Leit vun eiser Meenung ze iwwerzeegen, dass mer sollten deene Leit - den Immigranten aus der drëtter Generatioun - automatesch d'Lëtzebuerger Nationalitéit ginn. Dat ass en immense Fortschrëtt. Do gëtt kee Mënsch méi gefrot. Dat ass de droit, wou déi Leit, vun deenen een Elterendeel hei gebuer ass a si selwer och hei zu Lëtzebuerg gebuer sinn, wäerten automatesch duerch d'Gebuert Lëtzebuerger ginn.

Dat wäert derzou féieren, dass ab dem 1. Januar vum nächste Joer un e puer dausend Leit wäerten automatesch d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien duerch déi dote Bestëmmungen. Mir fannen dat e ganz wichtege Punkt, deen hei duerchgesat ginn ass. Wat iwwregens och eng Suggestioun war, déi den auslänneschen Expert, den Här Weil, virun enger Zäit hei gemaach huet. Mir sollten emol deen dote Schrëtt probéieren. Abee, mir setzen deen heite Schrëtt hei ëm.

Och dat war am ursprüngleche Projet vum Här Frieden net virgesinn. Wéi och an der Enddiskussioun eng relativ large Derogatiounsklausel erakomm ass, wat d'Sproocheregelung ugeet fir all déi Leit, déi sech virun Enn 1984 hei zu Lëtzebuerg niddergelooss hunn, wou och ganz vill Leit vun der éischter Generatioun wäerte kënnen an de Genoss vun där doter Dispositioun kommen. Och dat ass e Pluspunkt par rapport zu den ursprüngleche Virstellungen, déi op deem dote Plang bestanen hunn. Esou dass een also kann dervun ausgoen, dass mer do e wichtege Fortschrëtt hunn.

D'Lëtzebuerger Sprooch; och e Wuert dozou. Et ass villes dozou gesot ginn. D'Lëtzebuerger Sprooch ass net duerch dësen Text hei an déi Sessioun erakomm, mä do ass de grousse Schratt bei der leschter Reform am Joer 2001 gemaach ginn, wou vu Basiskenntnisser am Lëtzebuergesche geschwat ginn ass, déi ee misst hunn. Dat gëtt hei preziséiert.

Iwwert den Niveau kann ee streiden. Mir sollen den Essai elo maachen, wéi dat dote fonctionnéiert, wat dat dote mat sech bréngt. Da musse mer an zwee, dräi Joer de Bilan zéien. Wa muss nogebessert ginn op deem dote Punkt, mengen ech, dass sech dann och eng Majoritéit géif hei an der Chamber fannen, fir déi Nobesserung do ze maachen, wat den Niveau vum Lëtzebuergeschen ugeet.

Nach menge mer, dass d'Fro vum Lëtzebuergeschen eng wichteg Fro ass. Lëtzebuergesch schwätzen, Lëtzebuergesch verstoen, dat ass schonn eppes vu Bedeitung. Mir bedaueren allerdéngs effektiv e bëssen dat parteipolitescht Spill ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch, wat sech elo och am Virfeld vun deenen nächste Wahle schéngt breetzemaachen.

Effektiv, d'Lëtzebuerger Sprooch gehéiert kengem, a virun allem ass een net méi e schlechte Lëtzebuerger, wann ee sech erdreist, fir eventuell den absolute Kritär vun der Lëtzebuerger Sprooch a Fro ze stellen. Et ass ee vun de Kritären, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, et ass awer net deen allereenzege Kritär, deen ze berücksichtegen ass. D'Integratioun ka sech op ganz verschidden Aart a Weise realiséieren, och an der lëtzebuergescher Gesellschaft.

Mir mengen awer, dass dëst Gesetz eng Chance duerstellt, dass ee virun allem duerch de Fait, dass et méiglech ass, Lëtzebuerger ze ginn ouni op seng Ursprongsnationalitéit ze verzichten, Barrièren ewechraumt, dass hei nei Weeër opginn, nei Méiglechkeeten opginn, neit Potenzial opgeet fir nei Lëtzebuerger. Dat schéngt eis immens wichteg ze sinn; wann et geléngt, deen heiten Text och elo uerdentlech ëmzesetzen.

Dat ass eng Suerg, déi mer gemeinsam mussen hu mat der Regierung, dass et net elo duergeet mat deem Akt, dass mer deen Text hei stëmmen oder eis enthalen. Elo geet et nach drëm, fir déi Informatiounen do weiderzereechen, dass déi ukommen op deene Plazen, wou se sollen ukommen, dass mer fir d'Sproochecoursen, fir déi aner Coursen, déi organiséiert ginn, och d'Viraussetzungen um Terrain schafen, dass dat Gesetz hei ka gräifen an dass mer u sech aus enger Zwéckmillchen hei zu Lëtzebuerg erauskommen.

Mir wëssen horgenau, dass no deene leschte Berechnunge spéitstens an zéng Joer, wa sech déi Tendenzen esou weiderschreiwen, mer zu Lëtzebuerg wäerten an der Situatioun sinn, wou mer méi Netlëtzebuerger op eisem Territoire wunnen hu wéi Lëtzebuerger.

Dat ass eng seriö Erausfuerderung fir eist Land. Eng seriö Erausfuerderung, wat d'Matsproocherecht ugeet vun deene Leit, déi hei wunnen. Duerfir, wa mer aner Diskussiounen net wëllen, hu mer all Intérêt, dass deen heite Projet gräift, dass mer et fäerdeg bréngen, eppes Guddes aus deem heiten Text ze maachen. Op jidde Fall verdéngt deen heiten Text d'Chance, fir ëmgesat ze ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Dat war net iwwerzeegend.

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Här Bettel, hutt Dir d'Wuert nach gefrot?

(Interruption)

Ech hat geduecht, Dir wollt nach dozou Stellung huelen. Wann dat net de Fall ass, dann ass et elo um Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären Deputéierten, dat, wat mer haut hei zur Ofstëmmung bréngen, ass eng grouss gesellschaftspolitesch Reform, well et ass keen einfache Schrëtt fir d'Leit an et ass och keen onwichtege Schrëtt fir e Land, wann nei Mënschen an e Land wunne kommen an décidéieren, déi Nationalitéit unzehuelen. Et ass duerfir e Gesetz vun enger grousser Wichtegkeet.

Ech soe mengem Virriedner, dem Alex Bodry, datt, wann ee Justizminister war an der CSV/DP-Koalitioun, a Justizminister war an der CSV/LSAP-Koalitioun, da gesäit een eng Kontinuitéit an deenen zwee Texter. Ech mengen net, datt deen een Text eng Kontradiktioun mat deem Text vu virdrun ass, mä datt et eng Evolutioun an de Gedanke gëtt an eng Evolutioun och an der Zesummesetzung vun eisem Land gëtt, déi verschidde Saache mat sech gezunn hunn.

Ech mengen, datt haut och an engem Europa, wat wichteg ass, wat mer brauchen, d'Décisioun, fir eng Nationalitéit unzehuelen, d'Konzept vun der Natioun eppes ass, wat a jiddferengem sengem Kapp eng schwiereg a wichteg Entscheedung ass. Well Natioun, dat ass eng gemeinsam Vergaangenheet, dat ass eng gemeinsam Fassong zesummen ze liewen an et ass och e gemeinsame Wëllen, d'Zukunft zesummen ze plangen.

Et ass och eppes, wat mat Gefill ze dinn huet, mat deenen, déi zu enger Natioun gehéieren. Sief dat frou Evénementer: Dat mierke mer bei Sportsévénementer, wéi d'Olympiad an esou, wou een dat nationaalt Gefill op eng erstaunlech Aart a Weis op eemol entdeckt. An et mierkt een et och a Krisenzäiten, sief dat an engem Krich oder sief dat och, wéi elo, an der Kris, wou op eemol déi Leit aus enger Natioun - a mir hunn dat och de Mëtteg an der Chamber gesinn - ganz enk zesummeréckelen.

Duerfir mengen ech, datt d'Natioun eppes ass, wat och an engem noutwendegen onersetzbaren Europa wichteg ass. Natioun natierlech ëmmer an deem Sënn, datt et net dierf e Gefill vun Iwwerhieflechkeet par rapport zu aneren Natioune mat sech zéien, well mer wëssen, zu wat fir engen Dramen dat geféiert huet.

Ech stelle fest, wann ech déi Debatt vun de Mëtteg, déi laang war, hei dierf résuméieren, datt en fait mat Ausnahm vun enger politescher Sensibilitéit - der ADR - jiddferee mat der Grondausriichtung vun dësem Gesetz d'accord ass. Dat ass fir mech eng ganz grouss Satisfaktioun. De Rescht setzen ech éischter op d'Kategorie vun de parteipolitesche Reflexiounen.

Ech soen och deenen, déi dergéint sinn, nämlech der ADR, datt déi Nationalitéit net bradéiert gëtt, well hei si jo eng ganz Rei ganz prezis Konditiounen dra virgesinn. Bradéiere wär, wa mer déi Konditiounen, déi mer haten, alleguerten einfach ewechgelooss hätten.

Dat hei ass e Gesetz, fir déi eenzel Nationalitéit ze kréien, oder d'Nationalitéit ze kréien, ouni d'Ursprongsnationalitéit opzeginn. Dat ass e wichtege Punkt, deen ech hei rappeléieren.

Ech stellen also fest: Et gëtt ee groussen Accord zu de Grondausriichtunge vun dësem Gesetz.

Zu de Konditioune kann ee selbstverständlech ënnerschiddlech Meenungen hunn. Ech wëll just soen, zu deenen zwou Konditiounen, déi am meeschten hei zur Diskussioun geféiert hunn, datt et selbstverständlech arbiträr ass, ob een elo siwe Joer seet, aacht Joer oder sechs Joer.

Ech soe just, datt ech net déi Meenung deelen, wéi se besonnesch hei vun dem Vertrieder vun där grénger Fraktioun verdeedegt ginn ass, datt mir dat einfach op eng quasi domm Aart a Weis an de Raum gesat hunn. Ech mengen nämlech, datt et e groussen Ënnerscheed gëtt tëschent deem ale System an deem neien, an dat erkläert och, firwat 2001, wou ech jo och den Auteur vum Projet de loi war als Justizminister, deen Ënnerscheed war mat der Durée de résidence vun haut.

Ech kenne vill Leit, déi mer gesot hunn: Ech ginn net Lëtzebuerger, well ech net wëll meng Ursprongsnationalitéit opginn. Oder si maache sech et ganz schwiereg, fir dee Schrëtt ze maachen. Wa se awer kënnen d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhuelen an hir Nationalité d'origine halen, wat hir Famill, hir Kultur, hiren Ursprong reflektéiert, da maache se dee Schrëtt méi liicht.

Et heescht also, datt et e fundamentalen Ënnerscheed gëtt, ob een d'duebel Nationalitéit aféiert oder d'eenzel Nationalitéit. Duerfir mengen ech schonn, datt een dat kann an der Durée de résidence ënnerschiddlech behandelen. Ob dat elo siwe Joer ass, sechs oder aacht, ginn ech gären zou, datt dat diskutabel ass an datt een och do kann en anert Resultat aféieren.

Ech soen awer och derbäi, datt dat Gesetz hei jo gemaach gëtt fir jiddfereen, deen d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhëlt, an datt et e wesentlechen Ënnerscheed och ass, ob een aus engem EU-Land kënnt, aus engem Nopeschstat oder vun enger anerer Regioun an der Welt. Wa mer also d'Gesetz maache fir jiddfereen, wat natierlech muss fir jiddferee sinn, dann ass et net absurd, datt ee siwe Joer virgesäit, well siwe Joer ass an engem Mënscheliewe guer net laang. Wann ech bedenken: Viru siwe Joer, mä dat war gëschter!

A wann ech déi Leit kucken, déi bei eis kommen...

(Interruption)

Oh dach, fir mech ass dat gëschter.

Une voix.- Siwe Joer?

Une autre voix.- Wéi laang sidd Der Minister?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Jo, ech si schonn eelef Joer Minister, gesitt Der!

Une voix.- Vill ze laang!

(Interruptions)

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Mä ech soen lech och, datt déi meescht vun deene Leit, déi ech begéint hunn an déi vun dësem Gesetz profitéiere wëllen, dat sinn déi, déi an zweeter Generatioun hei zu Lëtzebuerg sinn. Dat sinn a groussen Zich d'Kanner vun de portugiseschen Immigranten, déi hei och an d'Schoul gaange sinn. Déi falen alleguerten ënnert dat Gesetz.

Duerfir mengen ech, datt een déi Debatt hei iwwer fënnef oder siwe Joer, vun där ech natierlech ka verstoen, datt een déi féiert, och net soll iwwerméisseg bewäerten.

Et ass en Ënnerscheed mat deem, wat mer viru sechs Joer gemaach hunn an deem Sënn, datt mer elo de Leit erlaben, d'Nationalitéit ze huelen, ouni datt se mussen hir Nationalité d'origine opginn, an datt, fir awer sécherzestellen, datt déi Integratioun assuréiert ass, siwe Joer keng oniwwerwindlech Hürd sinn. Am Géigendeel, dat stellt eng gutt Integratioun duer.

Dat eleng geet awer net duer, et ass een Element vu villen. Siwe Joer ass eng kuerz Period. Et ass jo och net, datt déi Leit, wa se net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn a bei eis wunnen, ausgeschloss wären. Ech mengen, et kann een och an dësem Land wunnen an eng aner Nationalitéit hunn.

Duerfir, wann ech gelift, soll een dee Punkt net iwwerbewäerten.

Ech mengen awer, datt mer méi eng gutt Integratioun an duerfir Cohésion sociale assuréieren, wa mer e gudde Critère de résidence hunn, an ech fannen, siwe Joer ass do e Minimum, fir dat ze assuréieren.

Wat d'Sprooch ubelaangt, kann een och laang driwwer diskutéieren. Ech géif et den Owend kuerz maachen. Ech mengen net, datt déi Kritären iwwerdriwwe sinn, well ech fannen, datt et e Minimum ass, datt een en Auszuch aus den Noriichten um Radio muss kënne verstoen. Fir mech ass dat awer net eppes Exzeptionelles, well et jo awer och dozou féiert, datt déi Leit wëssen, wat am Land leeft.

Déi Leit, déi hei am Land an Zukunft...

(Interruption)

Dat ass awer de Kritär, dee verlaangt gëtt. Et gëtt net méi verlaangt.

Dee Kritär, deen d'Madame Educationsministerin hei proposéiert, deen ass räsonnabel, well se eis ganz kloer gesot huet, datt bei allem, wat drënner wär, een eng Sprooch net géif verstoen. D'Madame Ministerin huet an der Kommissioun gesot, si hätt eng Sprooch geléiert, wou se den A1 erreecht hätt, an dat géif net duergoen, fir eppes ze verstoen.

Ech mengen, Neiegkeeten um Radio ze verstoen, fir Leit, déi an Zukunft och hei d'Wahlrecht an d'Wahlflicht kréien, ass wichteg. Si mussen och wëssen, wat lass ass. Ech stelle fest, datt de Mëtteg kee seng Ried hei op Franséisch gehalen huet. Also...

M. le Président.- Kolleegen, de Minister huet elo véier Stonnen eisen Debatten nogelauschtert. Ech mengen, d'Héiflechkeet géif verlaangen, dass mir him och e puer Minutten nolauschteren.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Also mengen ech...

M. John Castegnaro *(LSAP).*- Ech lauschteren!

M. le Président.- Ech weess dat, Här Castegnaro, ech hunn dat och gemierkt, mä Dir sidd awer net deen Eenzegen heibannen.

(Interruption)

Jo, et ass wéi an der Kierch.

(Interruptions et hilarité)

Dat ass vläicht e Feeler, Här Bettel. Dir misst vläicht méi oft dohinnergoen. Här Minister Frieden, fuert elo weider!

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Merci, Här President. Also, ech mengen, datt déi Kritäre vun der Sprooch noutwendeg sinn, fir datt déi Leit och um sozialen a politesche Liewe besser mat deelhuele kënnen.

Et ass e Fakt, datt an eisem Land eng Rei Sprooche geschwat ginn. Dat ass eng Chance, dat ass och gutt esou. Nach ass et eng Schwieregkeet, wann ee Lëtzebuergesch net versteet, well eis Zeitunge virun allem op Däitsch geschriwwe sinn, d'Radioen an d'Televisioun op Lëtzebuergesch sinn, an datt, wann ee wëllt vun der Politik eppes matkréien, ee ganz grouss Schwieregkeeten huet, wann ee just Englesch oder Franséisch versteet.

Duerfir ass Lëtzebuergesch e Wee, fir eng besser Integratioun hei zu Lëtzebuerg och ze assuréieren. Duerfir mengen ech, datt déi Konditioune wierklech net iwwerdriwwe sinn, well déi e bësse méi héich Konditioune verlaange mer jo am Fong just beim Verstoe vum Lëtzebuergeschen, a mir wëssen, datt eng Sprooch verstoe méi einfach ass, wéi eng Sprooch schwätzen.

Ech sinn also frou, datt d'Majoritéit an der Chamber sech zu dëse Sproochekonditiounen hei ausgeschwat huet. 2001 hu mer fir d'éischte Kéier ënner mengem Impuls iwwerhaapt eng Sproochekonditioun an d'Gesetz gesat. Mir sinn an engem Land, wou ganz vill verschidden Nationalitéite wunnen, a wa jiddferee seng eege Sprooch schwätzt, da kann een dat Zesummeliewen net à la longue assuréieren. Hei si Leit, déi eis Nationalitéit wëlle kréien. Mir forcéiere jo keen, se ze huelen. Mir encouragéieren d'Leit, se ze huelen. A wa se se huelen, musse se och kënne mat deenen anere kommunizéieren.

Net jiddferee ka vun dësem Gesetz Gebrauch maachen. Dat ass e wichtege Punkt, op deen ech nach eng Kéier muss hiweisen. Verschidde Riedner hunn och drop higewisen. Et ass evident, datt och d'Ursprongsland muss den Duebelnationalitéitsprinzip akzeptéieren. Déi Lëscht, déi do genannt ginn ass, reflektéiert net all d'Nuancen an de Gesetzgebungen. Et sinn eng Rei Länner, déi erlaben d'duebel Nationalitéit, wann een an hiert Land wunne kënnt, mä net, wann een d'Land verléisst. Et ass also essenziell, datt jiddferee sech bei senger Ambassade oder sengem Konsulat informéiert. Mä dat Gesetz hei gëllt an Zukunft - ech ënnersträichen et nach eng Kéier - fir jiddfereen, dee wëllt Lëtzebuerger ginn, och wann en d'Ursprongsnationalitéit net wëllt oder net ka behalen.

Et ass evident, datt déi Konditiounen do vu jiddferengem erfëllt ginn, deen hei an d'Schoul gaangen ass, och dat wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen. Wann een also Kanner vu portugiseschen Immigranten hëlt, fir déi Kategorie ze huelen, well et där ganz vill wäerte sinn, déi dëst Gesetz wäerten an Usproch huelen, déi waren hei an der Schoul, déi schwätze Lëtzebuergesch, déi erfëllen d'Condition de résidence, déi brauche selbstverständlech och keng Tester ze maachen.

Gradesou gëllt - dat wëll ech hei nach eng Kéier soen, well d'Madame Flesch déi Fro opgeworf huet -, datt bei Leit, déi en Handicap hunn, wéi zum Beispill déi hörgeschiedegt sinn, et evident ass, datt mer do keng Konditiounen applizéiere wäerten, déi déi Leit aus evidente Grënn net kënne respektéieren. Där Situatiounen hate mer an der Vergaangenheet, si ware rar, an do hu mer ëmmer dat op eng normal Bon-sens-Aart a - Weis gemaach. Dat géif ech respektiv déi, déi no mir déi Fonctioun hunn, och an Zukunft esou maachen.

Dat Gesetz hei ass e Gesetz fir eng erfollegräich, gelongen Integratioun. Ech soen dem honorabelen Här Mosar an de Membere vun der juristescher Kommissioun Merci fir déi exzellent Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass. Mir hunn a ville Sitzungen eis drëm bekëmmert.

Ech hoffen, datt d'Beamten a mengem Ministère déi relativ sec Virschrëft vun deenen aacht Méint wäerte kënne respektéieren, fir mir d'Décisioun virzeleeën. Ech wëll soen, datt, wann et heiansdo laang gedauert huet, dat awer net nëmmen dem Ministère seng Schold war. Vill Dossiere waren och net komplett.

(Interruption)

Et si Saachen nogefrot ginn, et gouf Tëschenetappen, déi et komplizéiert gemaach hunn. Ech mengen, datt a leschter Zäit déi Délaie scho vill méi kuerz gi sinn. Ech wäert selwer derfir suerge mat menge Beamten, datt dat och an deenen Délaie geet, wéi dat hei virgesinn ass.

Dat Gesetz wäert den 1. Januar 2009 a Kraaft trieden, wann d'Chamber dat den Owend stëmmt. Ech sinn domat d'accord, fir d'Publikatioun esou ze maachen, wéi dat hei suggéréiert ginn ass. Dat heescht, mir wäerten et direkt awer ënnerschreiwen no der Dispens vum zweete Vote, well mir kënne jo net e Gesetz ënnerschreiwen, wou d'Verfassung nach net geännert ass. Mä d'Publikatioun vum Gesetz wäert virun der Publikatioun vun de Verfassungsbestëmmunge kommen, déi den honorabelen Här Meyers de Mëtteg hei virgestallt huet.

Dëst Gesetz ass net einfach an der Ëmsetzung. Et wäert ganz vill Froen opwerfen. Duerfir wäerte mer och vu muer oder iwwermuer un iwwert de Site vun der Regierung op Internet eng ganz Rei praktesch Informatioune ginn. A vu muer oder iwwermuer u gëtt et och eng gratis Tëlefonsnummer, den 8002-1000, eng Hotline,…

(Interruption)

Mä dat ass net Lëtzebuerg, Här Bodry.

…wou d'Leit kënnen uruffen an all déi praktesch Froe kënne stellen, en vue vum Akraafttriede vun dësem Gesetz op den 1. Januar 2009.

Wéi gesot, Här President, et ass eng grouss gesellschaftspolitesch Reform. Ech si frou, datt se hei am Parlament eng ganz breet Zoustëmmung fënnt, déi sech net onbedéngt am Vote reflektéiert, mä déi sech a villen Aussoen hei reflektéiert huet. D'Resultat ass dat, wat zielt. Ech mengen, datt mer heimadder e grousst Stéck virukommen zu enger gudder Nationalitéit an enger gudder Integratioun. Dat war eist Zil an dat hu mer erreecht.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Madame Flesch huet d'Wuert gefrot.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Merci, Här President. Ech hat virdrun zwee Amendementer déposéiert an ech hat gesot, mir hätte se nëmmen zu zwee ënnerschriwwen. Wann aner Leit dat wéilte mat ënnerschreiwen, wäre se wëllkomm.

Et wor keng Avalanche vun Zoustëmmung fir déi Amendementer, dofir géif ech lech elo, Här President, déi zwee Amendementer iwwerreeche mat fënnef Ënnerschréften, deene vum Här Bausch, vum Här Meisch, vum Här Goerens, vum Här Braz a vu mir selwer, esou dass se recevabel sinn.

M. le Président.- Ech hunn net dru gezweifelt, Madame Flesch, dass Der déi Ënnerschréfte krit. Mir kommen dann och elo direkt zur Décisioun iwwert déi Amendementer, déi fënnef Ënnerschréften hunn. Mir maachen dat, ier mer zum Vote vum Projet de loi kommen.

Amendement 1

Fir d'éischt den Amendement 1, deen d'Madame Flesch déposéiert huet, betreffend den Artikel 6. Mir stëmmen iwwert dësen Amendement of.

Vote

Den Amendement 1 ass ofgelehnt mat 38 Stëmmen, déi dergéint sinn, bei 17 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz).

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par Mme Claudia Dall'Agnol), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Amendement 2

Mir stëmmen dann iwwert den Amendement 2 of, betreffend den Artikel 7, Punkt 1, deen d'Madame Flesch agereecht huet.

Vote

Och deen Amendement ass ofgelehnt, Madame Flesch, bei 39 Nee-Stëmmen, 17 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz).

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Sauber), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Stein-Mergen), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Deen, dee sech enthalen huet, wëllt dee seng Abstentioun motivéieren?

Wann dat net de Fall ass, da komme mer zum Vote iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5620 ass ugeholl mat 38 Jo-Stëmmen, bei 21 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank (par M. Marcel Sauber), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Lucien Clement), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Ech denken, Här Mosar, dass mer bei der Motioun 1, déi déposéiert ginn ass, kënne par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien domat d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, déi Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Motion 2

D'Motioun 2 vum Här Jaerling dréit nëmmen eng Ënnerschréft an ass domat net recevabel. Här Jaerling, wann ech gelift.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Ech wollt jiddferengem hei d'Geleeënheet iwwerloossen, säin Interessi fir d'Lëtzebuerger Sprooch ënner Beweis ze stellen. A wann ech dann do keng fënnef Ënnerschréfte kréien, fir zumindest den Dépôt vun där Motioun, da brauch ech näischt méi derzou ze soen, wat fir en Interessi an dësem Parlament fir d'Lëtzebuerger Sprooch besteet. Da brauch ech doriwwer keng Wierder méi ze verléieren.

Ech hoffen also, dass ech vläicht awer déi fënnef Ënnerschréfte kréien, dass zumindest kann eng Diskussioun driwwer stattfannen.

M. le Président.- Här Jaerling, ech géif lech jo gären hëllefen, mä dat geet leider net. D'Motioun huet keng Ënnerschréften an ass domat net recevabel a gëtt domadder klasséiert.

(Interruption)

Dat hätt och näischt genotzt, Här Jaerling. Et wier nach ëmmer net duergaangen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn nach zwee Punkten um Ordre du jour, déi mer allen zwee evakuéieren an iwwert déi mer och ofstëmmen.

(Interruption)

Et hat jiddfereen den Ordre du jour zougestallt kritt, esou dass jiddferee censéiert ass ze wëssen, wat mer um Ordre du jour hunn. Déi zwee Projeten, déi diskutéiere mer nach an et gëtt och nach iwwert déi zwee Projeten ofgestëmmt. Den Här Haupert huet elo d'Wuert als Rapporteur vum Projet de loi 5698B iwwert d'Aéronefen. Här Haupert, wann ech gelift.

8. 5698B - Projet de loi portant adaptations et modifications de la loi du 29 mars 1978 concernant la reconnaissance des droits sur aéronef pour certaines catégories de biens aéronautiques

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Dëse Projet ass gradesou wichteg wéi dee virdrun, mä den Interessi dobaussen ass manner grouss. Dofir kann en alt méi séier iwwert d'Bühn goen.

De Projet 5698B gesäit eng Adaptatioun vum Gesetz vun 1978 iwwert d'Unerkennung vun de Rechter op de Fligeren an op